

# INFO BLAT

06 22

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSËTZUNG
VUM 20. JULI 2022


Actualités Annuaire Contactez-nous Développement urbain DIFFMAG Emplois Events Formulaires Revue de presse FR / EN / DE / PT

Ville de Differdange

Differdange et vous Démarches Services communaux Vie politique

# Conseil communal du 17 mai 2023

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng) | Fred Bertinelli (LSAP) | Christiane Saeul (DP) |
| Tom Ulveling (1er échevin, CSV) | Paulo De Sousa (déi gréng) | Fränz Schwachtgen (déi gréng) |
| Laura Pregno (échevine, déi gréng) | Jerry Hartung (CSV) | Guy Tempels (CSV) |
| Robert Mangen (échevin, CSV) | Georges Liesch (déi gréng) | Eric Weirich (déi Lénk) |
| Paulo Aguiar (échevin, déi gréng) | Fränz Meisch (DP) | Nicole Wohl (déi gréng) |
| Guy Altmeisch (LSAP) | Emy Muller (LSAP) | |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

**INFO BLAT 06.22**


COMPTE-RENDU DU 20 JUILLET 2022

4-67

ACTIVITÉS EN PLEIN AIR

68

ATTENTION EN FORÊT

69

PRIMES POUR ÉTUDIANTS

70



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka Photography

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 06/2022**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 20 JUILLET 2022

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo De Sousa, échevin (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
Pierre Hobscheit (LSAP)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno(déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

**Absents/excusés:** Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Désignation du lieu de réunion des séances du conseil communal.**
2. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
3. **Projets communaux :**
   a. Aménagement d'un parking écologique Woiwerwisen (exploitation Servior) — devis et plan, article budgétaire 4/623/221313/21001 ;
   b. Église de Lasauvage : travaux d'aménagement extérieur — plans et devis pour le réaménagement de la place autour de l'église ainsi que des travaux de drainage, article budgétaire 4/820/221311/20011 ;
   c. Aménagement d'un parc sur l'ancien terrain de football AS — devis actualisé pour les travaux initiaux ainsi que les travaux d'installation d'un système d'arrosage automatique et d'une cuve d'eaux pluviales, article budgétaire 4/625/221313/17014 ;
   d. Apport à une mesure d'emploi pour investissements à réaliser/CIGL : confection d'armoires-vitrines du musée de marionnettes — devis, article budgétaire 4/264/238120/99001 ;
   e. Décompte des travaux de construction d'un nouveau hall sportif au campus scolaire Niederkorn-centre — article budgétaire 4/822/221311/15021.
4. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : demande de morcèlement de terrains dans la montée du Wangert à Differdange.**
5. **Enseignement fondamental :**
   a. Organisation scolaire pour l'exercice 2022-2023 ;
   b. Plans d'encadrement périscolaire (PEP) 2022-2023 ;
   c. Changements d'affectation au cours de l'année scolaire 2021-2022.
6. **École de musique : organisation provisoire pour l'année scolaire 2022-2023.**
7. **Actes et conventions :**
   a. Acte notarié de bail emphytéotique, revente et vente en futur d'état d'achèvement d'un appartement situé dans le Gravity Tower à Differdange ;
   b. Contrat de bail commercial pour un atelier/dépôt de stockage à Differdange, 350, rue Woiwer ;
   c. Avenant à un contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub et notification de résiliations de contrat.
8. **Logements communaux : programme d'action local « logement » (PAL) en vue de la réalisation des objectifs du Pacte logement 2.0.**
9. **Désignation d'un membre effectif et suppléant au sein de la commission de surveillance de la maison de séjour et de soins Beim Goldknapp.**
10. **Règlements communaux :**
    a. Modification du règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites ;
    b. Règlements temporaires de circulation.
11. **Changements au sein des commissions consultatives.**
12. **Motion visant à promouvoir la participation des citoyens non luxembourgeois aux élections communales de 2023 déposée par déi Lénk.**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la dernière séance avant les grandes vacances.*
*Elle excuse monsieur Ulveling. Monsieur Meisch est présent par vidéoconférence.*
*Elle demande aux conseillers communaux de se recueillir en mémoire de monsieur Jos Glauden, un ancien membre du conseil communal et un commerçant engagé.*
*(Minute de silence)*
*Christiane Brassel-Rausch cède la parole à madame Saeul.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *souhaite dire quelques mots à la suite de la mort de monsieur Glauden. Sa mort fait mal, car il était quelqu'un sur qui on pouvait compter au sein de l'ACOMM et en tant qu'homme politique. Il va manquer à Differdange.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 1 de l'ordre du jour. Le conseil communal a le droit de tenir ses séances en dehors de l'hôtel de ville. Le collège échevinal propose de les tenir au Hall O jusqu'au 31 décembre 2022.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch demande de retirer le point 4 de l'ordre du jour, car il manque une signature au dossier.*
*Elle passe au point 2, les communications.*
*En 2019, le CIGL Differdange a été suspecté d'irrégularités dans la gestion de ses activités. En particulier le président. Une plainte a été déposée. La police judiciaire a alors entamé une enquête en temps record. Des ouvriers et des membres du conseil d'administration du CIGL ont été entendus par le parquet. Certains ont recouru à des avocats.*
*Le ministère du Travail a ensuite chargé une société de réaliser un audit du CIGL. Cette société s'est fait une idée du travail du CIGL et a consulté tous ses documents.*
*Le rapport de l'audit comprend une série de recommandations qui ont été mises en place entretemps. Le rapport ne constate aucun manquement dans la gestion du CIGL Differdange.*
*Même si personne n'en doutait, le CIGL s'est montré soulagé du ré-*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

E schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eise Gemengerot, haut vum 20. Juli 2022. Et ass dee leschte Gemengerot virun der grousser Vakanz, ier mer eis den 28. September erëmgesinn.

Erlaabt mer, den Här Tom Ulveling ze entschëllegen. Iwwer Video bäigeschalt ass den Här François Meisch.

Dierf ech Iech bieden, Iech ze erhiewen, fir dem Här Jos Glauden ze gedenken, dee viru Kuerzem gestuerwen ass. Hie war Member vum Gemengerot a virun allem bis zulescht en immens engagéierte Geschäftsmann hei zu Déifferdeng, deen ëmmer erëm aktiv probéiert huet, Déifferdeng an der Geschäftswelt matzegestalten.

(Gedenkminutt)

Ech soen Iech Merci.

Madamm Saeul, Dir hutt d'Wuert.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech géif mech gär e wéineg ausdrécken, am Numm vun der Demokratescher Partei, iwwert dem Här Jos Glauden säi Fortgoen, säin Doud.

Et huet immens wéi gedoen. Et deet elo nach wéi. De Jos war e Mënsch, op deen een ëmmer ziele konnt. Mir hu vill zesummegeschafft, ob am Geschäftsverband oder an der Politik. Jiddefalls elo feelt een, et feelt een zu Déifferdang. Mir géifen em Äddi soen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Saeul.

Komme mer zum Punkt 1 vun eisem Ordre du jour. Do geet et drëm, wou mer eis weiderhin treffe fir dëst Gremium. Den 30. Juni 2022 ass d'Verlängerung komm vum Gesetz vum 24. Juni 2020, wat eis erméiglecht, ouni Approbatioun eise Gemengerot ausserhalb vum Gemengenhaus ofzehalen. De Schäfferot proposéiert unanime, eis Sëtzunge weiderhin, bis den 31. Dezember 2022, hei am Hall O ofzehalen.

Ech bieden ëm e Vott. D'Fro ass fir hei ze bleiwe bis den 31. Dezember 2022.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de désigner le lieu de réunion des séances du conseil communal.*

Ech soen Iech villmools Merci.

Da wollt ech Iech froen, de Punkt 4 vum Ordre du jour erofzehuelen. Do feelt eng Ënnerschrëft, déi mer brauchen. Wou mer gehofft haten, mir géife se kréien. Mee si ass net do. Kënne mer de Punkt 4 vum Ordre du jour huelen? Villmools merci.

Si Froen unzemellen? Nee, keng Froen.

Da wäre mer beim Punkt 2, de Kommunikatiounen. Ech hunn der zimmlech vill. Ech géif ufänke mat CIGL Déifferdeng. Enn 2019 ass de CIGL an d'Schosslinn gerode wéinst Verdacht op Irregularitéite bei der Gestioun vu sengen Aktivitéiten. Besonnesch säin deemolege President war am Viséier. Kuerz drop ass eng Plainte beim Parquet deposéiert ginn. A rekordverdächteger Zäit ass d'Police judiciaire am Büro vum CIGL zu Déifferdeng opgetaucht an huet eng Enquête ageleet.

Duerno koum eng ganz schwiereg Zäit, souwuel fir d'Mataarbechter vum CIGL wéi fir d'Membere vum Verwaltungsrot. Verschiddener hu missen u laangen a penibelen Unhéierungen deelhuelen an hu sech och deels juristesche Bäistand gefrot.

Parallel huet de Ministère du Travail en Audit ordonéiert an d'Firma Revex domadder beoptraagt. Déi Firma war laangfristeg sur place, fir sech eng Iddi ze maachen iwwert d'Fonctionnement an d'Missioune vum CIGL. Huet sech all méiglech Dokumenter ugekuckt a sech mat de Mataarbechter an dem Verwaltungsrot ausgetosch.

Op Basis vun deem Audit ass e Rapport ausgestallt ginn, deen, ënner anerem, eng Rei vu Recommandatiounen entha-

len huet, déi mëttlerweil all ëmgesat sinn. Dat Wichtegst an deem Rapport ass, dass keng Verfeelungen an der Gestioun vum CIGL Déifferdeng konnte festgestallt ginn.

Obwuel keen am CIGL un deem Constat gezweiwelt huet, war et eng grouss Erliichterung fir all déi Bedeelegt, fir dat schlussendlech schwaarz op wäiss stoen ze hunn.

De Rapport ass mat de Fonctionnairë vum Aarbechtsministère duerchgeholl a schlussendlech am Mäerz 2021 vum Verwaltungsrot approuvéiert ginn.

Nodeems de CIGL de Rapport kritt huet, hat de Verwaltungsrot dem Minister Kersch geschriwwen, fir säin Accord ze kréien, fir d'Resultater vun deem Rapport dem Gemengerot an der Ëffentlechkeet matzedeelen. Nodeems no aacht Méint keng Äntwert koum, ass en zweete Bréif mat där selwechter Demande erausgaangen. Schlussendlech hat am Mäerz vun dësem Joer de Minister Engel eng Äntwert ginn an engem Bréif, deen dem Schäfferot virläit, an deem e säin Accord gëtt, fir vun dësem Rapport Gebrauch ze maachen.

De CIGL ass houfreg, de Conseillere matzedeelen, dass weeder d'Membere vum Verwaltungsrot nach d'Membere vum Personal sech eppes zuscholde komme gelooss hunn an ass och frou, dass dat iwwert de Wee vum Gemengerot dem Grand public elo ka matgedeelt ginn.

Doriwwer eraus wëlle mer matdeelen, dass de CICL, nieft senge reguläre Aktivitéiten, sech ëmmer erëm beméit, a soziale Froen op der Héicht vun der Zäit ze sinn, dass e flexibel an onkompliżéiert ass, wann et drëm geet ze hëllefen, wou en nëmme kann.

Mir wëllen un d'Aktiounen an der Zäit vum Lockdown erënneren, wou an Zesummenaarbecht mat der Gemeng a mam Service Senior Plus eng Aktioun gestart ginn ass, fir den eeleren a vulnerabele Matbierger ze hëllefe beim Akafen.

Momentan huet d'Kris ronderëm déi ukrainesch Flüchtlingen eis op de Plang bruecht a mir hu kuerzfristeg gehandelt. D'Flüchtlingen aus dem Karro kréien Zougang zum Wäschsalon Diffwäsch, wou se zu bestëmmten Zäite wäschen a strecke kënnen. D'Fraisë ginn integral vum ONA ofgedeckt. D'Leit aus dem Klenge Casino kënnen d'Computeren an der Internetstuff Surfspace gratis benotzen. De Butzebuttik huet eng Rei vu Spillsaachen zur Verfügung gestallt, an d'Leit kënnen och gratis eng Basisausstattung kréien.

Vum Vëlosbuttek a vum Okkasiounsbuttek koum bis elo nach keng Demande. Mee och do ass de CIGL flexibel.

Mir wëllen heimat déi flott a gutt Zesummenaarbecht mat de politesche Verantwortlechen, besonnesch mat de Gemengeservicer, ervirsträichen, déi onkompliżéiert an effikass ass. E weidert gutt Beispill ass déi proposéiert Zesummenaarbecht am Kader vun der Poppespënnchen, wou soll e Musée kommen. E Musée fir Marionetten op der Zowaasch.

An dësem Sënn wëllen d'Membere vum Verwaltungsrot de Gemengeresponsabele Merci soen, dass mer iwwert dëse Wee konnte Gehéier fannen.

Dat ass d'Kommunikatioun vum CIGL. Dir hutt de Bréif bäileien.

Ech kommen zu der zweeter Kommunikatioun, dem Rapport d'activité vum 1535°. Deen hutt Dir geschéckt kritt. Et gëtt en an digitaler an a Pabeierform, souwäit ech weess. Et geet ëm de Rapport vun 2021. Ech hoffen, Dir hat d'Geleeënheet, dëse flotten an detailléierte Rapport duerchzeliesen.

Ouni an d'Detailer wëllen a kënnen anzegoen, géif ech awer gären e puer Punkten ervirsträichen. D'Renovatiounsaarbechten am „Zilleschapp", dem Gebai B, sinn ofgeschloss. Wat mer am Dezember, am Kader vun enger Porte ouverte, gebührend gefeiert hunn. Eng ganz flott Porte ouverte, wëll ech nach eng Kéier erënneren, ganz professionell gestalt.

Trotz Pandemie ass et eis am 1535° gelongen, e stabilt Ëmfeld fir déi 70 Entreprisen ze bilden, mat nëmme fënnef Locatairen, déi eis verlooss hunn, a siwen neier déi bäikomm sinn.

De Chiffre d'affaires ka sech weise loossen, mat bal 1,1 Milliounen Euro fir déi zwee Gebaier, Frais et salaires in-

*sultat de l'audit. Le rapport a été passé en revue par les fonctionnaires du ministère du Travail avant d'être approuvé par le conseil d'administration.*
*Le conseil d'administration du CIGL a ensuite demandé l'accord du ministre Kersch pour que ce rapport soit présenté au conseil communal et au public. Au bout de huit mois, le conseil d'administration a réitéré sa demande. Finalement, le ministre Engel a donné son accord.*
*Les membres du conseil d'administration et le personnel du CIGL Differdange n'ont commis aucune faute. À côté de ses activités régulières, le CIGL a toujours essayé d'aider les gens de manière flexible et simple. Christiane Brassel-Rausch rappelle les actions pendant le confinement en partenariat avec le service Senior Plus. Actuellement, le CIGL soutient les réfugiés ukrainiens en leur mettant la laverie à disposition à certains horaires. L'ONA prend les frais à sa charge.*
*Les réfugiés du Klenge Casino peuvent utiliser le SurfSp@ce gratuitement. Le Butzebuttek a offert des jouets.*
*Le partenariat entre le CIGL Differdange, la commune et les responsables politiques se passe bien. Le CIGL va notamment collaborer à la création du musée de marionnettes à Lasauvage pour la Poppespënnchen.*
*Les membres du comité d'administration du CIGL remercient par ailleurs les responsables communaux, qui sont toujours à leur écoute.*
*Hier, les conseillers communaux ont reçu le rapport d'activité 2021 du 1535°. Il existe sous forme numérique et en format papier.*
*Christiane Brassel-Rausch signale que la rénovation de la Zilleschapp dans le bâtiment B est finie. Elle rappelle que la journée portes ouvertes a eu lieu en décembre et qu'elle était organisée de manière professionnelle.*
*En 2021, 5 locataires ont quitté le 1535° et 7 sont arrivés.*
*Le chiffre d'affaires s'élève à 1,1 million d'euros pour deux bâtiments, frais de salaires inclus, mais sans compter la rénovation du bâtiment B. La bourgmestre est contente de pouvoir annoncer que*

*le 1535° s'est financé et qu'il a même réussi à tirer un bénéfice de 3000 €.*
*Au-delà de l'aspect financier, la plus-value socioculturelle est essentielle. Le 1535° a généré 500 postes de travail. Des personnes sont venues vivre à Differdange diversifiant la démographie.*
*Le 1535° joue aussi un rôle éducatif grâce au Sonotron. Des partenariats ont été noués avec les écoles, les maisons relais, les éducateurs de rue. Le potentiel n'est pas encore exploité à fond et va porter ses fruits à l'avenir.*
*En temps voulu, le collège échevinal remettra aussi un rapport des dépenses et des recettes du 1535°.*
*En ce qui concerne les maisons relais, des changements importants sont prévus pour septembre — notamment la gratuité du soutien aux devoirs à domicile, mais aussi la gratuité des maisons relais pour les enfants scolarisés à partir de quatre ans. L'encadrement doit se faire entre 7 h et 19 h. Avant 7 h et pendant les vacances scolaires, les parents sont tenus de payer comme maintenant.*
*Les parents continueront à recourir au chèque-service. Christiane Brassel-Rausch se rend compte que le système semble compliqué. Si les conseillers communaux ont des questions, ils peuvent s'adresser à madame Weinerth ou à monsieur Schmitt.*
*Le nombre de places disponibles dans chaque maison relais dépend de l'agrément du ministère. Il y a donc une limite au nombre d'enfants que les maisons relais peuvent accueillir même si l'encadrement devient gratuit.*
*En ce qui concerne les repas, ils deviennent gratuits pour les enfants de familles dont les revenus ne dépassent pas le double du salaire minimum. Le tarif du chèque-service est appliqué pour les autres familles.*
*Pour ce qui est de l'aide aux devoirs à domicile, elle existe déjà actuellement. Il s'agit d'un encadrement et non d'un cours d'appui. Pour Christiane Brassel-Rausch, il reste des questions concernant le nombre d'enfants par éducateur, le nombre d'enfants pouvant profiter de l'aide aux devoirs, etc. Actuelle-*

clus, ouni d'Ëmbaukäschte vum Gebai B. Dat ass Budget extraordinaire, an den Décompte final läit nach net vir.

Duerch eng extern Revisioun vun de Konte sinn ech frou, Iech matdeelen ze kënnen, dass sech de 1535° am Joer 2021 selwer gedroen huet a mir souguer e klenge Benefice vun 3.000 Euro verbuche konnten.

Grad sou wichteg wéi de finanziellen Aspekt ass de sozialen Aspekt. Déi soziokulturell Plus-value, déi esou ee Projet fir eis Gemeng mat sech bréngt, 500 Aarbechtsplazen an déi éischt Leit, déi op Déifferdeng wunne kommen, droen zu enger nohalteger Diversifikatioun bäi an och vun eiser Demografie.

Duerch de Sonotron spillt de 1535° ëmmer méi eng grouss edukativ Roll. Kollaboratiounen, Workshoppe mat de Schoulen, de Maison-relaisen, de Streetworker – an d'Lëscht ass nach net fäerdeg – weise Potenzial, datt och hei an den nächste Joren nach kann ausgebaut ginn, wat seng Friichten droe wäert.

Dat Ganzt ka sech wierklech weise loossen. Falls Dir Froen hutt, kënnt Dir se elo stellen. An da kritt Dir am nächste Conseil eng Äntwert.

Et ass virgesinn, dem Gemengerot zu gegeebener Zäit e Rapport betreffend den Depensen an de Recettë vum 1535° virzeleeën. Dat wäert awer zu engem spéideren Zäitpunkt geschéien. Dat zum Rapport d'activité vum 1535° vum Joer 2021.

Elo zu de Maison-relaisen. Et sti grouss Changementer u fir de September. D'Gratisbetreiung an d'Hausaufgabenhëllef ab der Rentrée 2022/2023. Wéi Der sécher schonn an der Press gelies hutt oder héieren hutt, ginn d'Betreiungsstrukture fir déi schoulflichteg Kanner ab véier Joer am Fondamental ab dëser Rentrée gratis.

Wat heescht dat? Déi Gratisbetreiung ass an der Schoulwoch vu moies siwe bis owes 19 Auer. Moies viru siwen Auer mussen d'Eltere weiderhi bezuelen, nom Tarif Chèque-service.

An de Vakanzen ass d'Betreiung och net gratis. Do kréien d'Elteren eng Facture, jee no Aschreiwung vun hire Kanner, och nom Tarif vum Chèque-service.

D'Eltere brauche weiderhin de Chèque-service, fir hir Kanner anzeschreiwen. Och déi, déi Gratisbetreiung kréien. Et ass komplizéiert. Ech probéieren, d'Informatiounen hei sou gutt a sou einfach wéi méiglech weiderzeginn. Wann Der Froen hutt, zéckt net, se entweeder hei ze stellen oder Iech un d'Madamm Weinerth oder un den Här Christopher Schmitt ze wenden, fir Äntwerten ze kréien.

D'Unzuel vun den disponibele Plazen an de Maison-relaise riicht sech a Funktioun vun den disponibele Plazen, dat heescht déi Unzuel vun de Chaisen, nenne mir dat jo, pro Struktur, opgrond vum jeeweilegen Agrement vum Ministère. Déi bleift weiderhin. Déi Limitt kréie mir gesat vum Ministère. Mir kënnen net méi Kanner ophuelen, wéi mir en Agrement fir Chaisen hunn. Dat ass ganz kloer. An dat wäert och net un där Gratisbetreiung eppes änneren.

En anert Element am Kader vun der Gratisbetreiung ass d'Iesse wärend der Schoulzäit fir déi schoulflichteg Kanner. Wärend de Vakanzen ass dat och erëm aneschters. Do kënne just Kanner vu Famille mat engem Akommes vu manner wéi den zweefache Mindestloun vum gratis Repas profitéieren. Fir all aner Famille gëtt den Tariff vum Chèque-service applizéiert.

Zum Schluss géif ech gäre kuerz op dat drëtt Element agoen, d'Hausaufgabenhëllef. Schonn aktuell ginn Études surveillées, am Fong eng Hausaufgabebetreiung, an eise Maison-relaisen ugebueden. Déi Méiglechkeet gëtt et schonn haut, wou d'Kanner an engem rouegen adequate Kader hir Hausaufgabe maache kënnen. Den Optrag ass a bleift och am Kader vun der neier Hausaufgabenhëllef d'Begleedung vun de Kanner a grenzt sech ganz kloer vun enger Nohëllef oder engem Appui of.

Wat déi konkreet Ëmsetzung um Terrain betrëfft, sti fir eis nach e puer Froen op, ënner anerem: Gëtt de Personalschlëssel weiderhin esou applizéiert: Kanner ab véier Joer, do ass et eelef Kanner pro Educateur? Wéi vill Kanner kéinten un der Hausaufgabenhëllef pro Struktur deelhuelen? Ass do weiderhin

d'Richtlinn, déi d'Unzuel vun de Kanner pro Agrement definéiert?

Zu der Dauer: Den Ament ass an de Maison-relaisen zum Beispill annerhallef Stonn Hausaufgabebetreiung virgesinn, Études surveillées. Allerdéngs ass eng Dauer vun der gratis Hausaufgabenhëllef vun enger Stonn am Communiqué genannt ginn. Hei ass d'Fro: Ass déi eng Stonn dann och fir d'Maison relais ab der Rentrée gëlteg?

Et bleiwen nach e ganze Koup Äntwerten ofzewaarden. Soubal mir déi Äntwerten hunn, plange mir, den Eltere konkreet Informatiounen ze ginn iwwer all eis Kanäl, déi mer hunn: Internetsite, Diffmag, Facebook etc. Am Moment ginn eis Responsabel mat Froe konfrontéiert, wou se keng konkreet Äntwerte kënne ginn.

Mir wäerten dat a Kollaboratioun mat eisem Service médias maachen, fir sou gutt wéi méiglech un d'Elteren ze kommen, dass se Äntwerte kréien.

Bis elo hu mer nach net vill Reaktioune vun den Elteren op d'Offer vun der Gratisbetreiung an d'Hausaufgabenhëllef kritt. Mee eent ass kloer: Mir si gebonnen un en Agrement mam Ministère, wou d'Unzuel vun de Chaisë festgesat ass. Dat ass immens wichteg ze soen. Gratis heescht net, dass all Kand an d'Maison relais kënnt. Dat ass e ganz wichtege Message. Well et ass schonn esou um Terrain gesot ginn: Et ass jo gratis, also kann ech mäi Kand bréngen, also musst Dir et och huelen. Dat ass net esou. Just, fir dat nach eng Kéier ganz kloer ze preziséieren.

Zum Ofschloss vun der Kommunikatioun kommen ech op d'Ofschlossfest vun de Vacances loisirs, wat mer wärend zwee Joer net méi haten. Dëst Joer fënnt et erëm statt. Wann Der wëllt, kënnt Der freides, den 29. Juli am Parc Gerlache feieren. Dir sidd alleguer häerzlech invitéiert.

D'Kanner maachen e ganz flotte Cortège. Dee geet am Zentrum lass géint 14.30 Auer. Et gëtt gerechent, dass se um 15.15 Auer am Parc Gerlache ukomme wäerten. Deen ass onheemlech flott, mat vill Musek, vill Tamtam, vill Kaméidi. Ech kann Iech just roden: Gitt dohinner. Dat Ganzt gëtt mat Danz a Musek fir d'Kanner weidergefouert am Park selwer a fir Iessen a Gedrénks ass natierlech och gesuergt.

De Congé collectif an de Strukturen ass dëst Joer vum 8. bis den 19. August inclus. Duerno sinn dann nees eis verschidde Maison-relaisen a Crèchen op, mat flotten Aktivitéiten, Ausflich, fir eise Kanner d'grouss Vakanz esou angeneem wéi méiglech ze gestalten.

Ech hoffen, all dës Informatiounen – et sinn der vill – waren hëllefräich. Mir probéieren, eist Bescht ze maachen. Wann Der Froen hutt, ech hunn et scho gesot, zéckt net, se dem Service ze stellen.

Ech hunn nach eng Kommunikatioun – an da wär ech awer fäerdeg – betreffend de SIGI. D'Gemeng hat e Bréif geschriwwen un de SIGI an un all d'Membersgemenge vum SIGI. Deen ass den 8.7.2022 vum Schäfferot erausgaangen. An deem mer eis un déi aner Gemenge ralliéieren an dass mer deen Dossier ganz aktiv wäerte suivéieren an dem SIGI soen, dass e sech am Fong op déi Aufgabe soll konzentréieren, fir déi en do ass.

Dat ass d'Déifferdenger Positioun. Wann een de Bréif wëll liesen, en ass hei.

Dat wäre meng Kommunikatiounen. Elo kritt den Här Aguiar d'Wuert.

### SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci beaucoup, madame la Bourgmestre. Je voudrais vous informer dans le cadre du Schoulsportsdag du 5 au 6 juillet plus que 2.500 enfants ont participé avec leurs respectives classes et dans l'ensemble des deux jours 81 ateliers étaient organisés pour mettre en évidence le sport scolaire.

Pour l'année prochaine nous souhaiterions ouvrir les inscriptions davantage que les classes préscolaires puissent également participer.

J'aimerai exprimer un grand merci à tous les acteurs, le service des sports, le service parachèvement, les instituteurs ainsi que tous les clubs de Differdange qui ont participé également.

*ment, les études surveillées durent une heure et demie. Mais pour l'aide aux devoirs, le communiqué parle d'une heure. Quelle durée vaudra à la rentrée ?*
*Dès que le collège échevinal disposera de toutes les réponses, le service médias en informera les parents à travers les canaux habituels : le* Diffmag*, le site internet, Facebook…*
*Pour le moment, les parents posent relativement peu de questions à la commune. Ce qui est sûr, c'est que le nombre de places par maison relais est limité. Que l'encadrement soit gratuit ne signifie donc pas que tout le monde aura une place.*
*Christiane Brassel-Rausch passe à la fête de clôture des vacances loisirs. Après deux ans de pause forcée, cette année, elle aura lieu le 29 juillet au parc Gerlache. Le cortège se rassemblera dans le centre-ville à 14 h 30 avant de se déplacer vers le parc Gerlache, où il y aura de la musique, à boire et à manger.*
*Le congé collectif des structures est prévu du 8 au 19 aout inclus. Ensuite, certaines maisons relais et crèches rouvriront leurs portes et organiseront des activités pour les enfants pendant les grandes vacances.*
*Christiane Brassel-Rausch se rend compte que les informations ont été nombreuses. Si les conseillers communaux ont des questions, ils peuvent les poser au SEA.*
*Le 8 juillet 2022, le collège échevinal a envoyé une lettre au SIGI, dans laquelle il se rallie aux autres communes. La Ville de Differdange va suivre ce dossier et demande au SIGI de se concentrer sur les missions qui lui ont été confiées.*
*La lettre est à disposition du conseil communal.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *signale que dans le cadre du Schoulsportdag, 2500 enfants ont participé à 81 ateliers les 5 et 6 juillet. À partir de l'année prochaine, les classes du préscolaire devraient aussi participer à la manifestation.*
*Paulo Aguiar remercie tous les acteurs, dont le service des sports, le service parachèvement, les enseignants et les clubs sportifs.*
*Le lycée Mathias-Adam a organisé une action de nettoyage en partena-*

*riat avec le service écologique, les travailleurs sociaux, Collec'Diff et Outreach Youthwork. Cette action a eu lieu du 20 avril au 5 mai et 30 mai au 7 juillet.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au parking écologique des Woiwerwisen.*

---

**ROBERT MANGEN (CSV)** *plaisante sur le fait de ne pas avoir les mêmes compétences que le premier échevin, mais il va faire de son mieux.*
*Il rappelle que Servior va ouvrir ses portes en septembre ou octobre dans la rue Renée-Lazard aux Woiwerwisen. Le parking en question sera utilisé par le personnel.*
*Dans le cadre du projet du stade d'athlétisme, il avait été retenu que Servior obtiendrait cent places de stationnement. Mais comme le projet de stade est reporté, la Ville de Differdange va mettre un parking provisoire à disposition de Servior en face de leur bâtiment. La commune préfinance le projet avant d'être intégralement remboursée.*
*Le loyer est fixé à 6000 € par mois pour une location de 5 ans à reconduction tacite tous les ans.*
*Le parking fait 60 m sur 50 m et peut accueillir 102 véhicules. Il est connecté à la rue Renée-Lazard par une rampe d'accès de deux mètres. Le parking, qui ne sera accessible qu'au personnel de Servior, sera muni d'une barrière. Un bassin de rétention est aussi prévu.*
*La chaussée du parking est en macadam et les places de stationnement en gazon. Le devis se monte 250 000 € TTC.*
*Ce parking écologique est réalisé en partenariat avec le ministère de l'Environnement et l'Administration de la nature et des forêts.*
*En ce qui concerne les compensations écologiques, la commune a droit à 80 000 points, c'est-à-dire 80 000 €.*
*Comme il s'agit de biotopes éphémères, ils pourront être réutilisés dans le quartier dans quelques années.*

Je profite pour vous informer qu'il y a eu une très grande organisation dans le cadre du service jeunesse avec le lycée Mathias Adam en collaboration avec le service écologique, les travailleurs sociaux, que ce soit le CollecDiff et le Outreach du  Jugendhaus. Nous avons organisé le Clean Challenge, un projet qui a permis à neuf classes de sixième de participer à la Botzaktioun du 20 avril au 5 mai respectivement à sept classes de cinquième du 30 mai jusqu'au 7 juillet. Où les jeunes ont pu prendre conscience en ce qui concerne la propreté de leur ville respectivement l'impact écologique.

De mon côté c'est tout. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Et gëtt keng weider Kommunikatiounen, da gi mer iwwer zum Punkt 3a. Do geet et ëm de Parking écologique an de Woiwerwisen. An dofir huet d'Wuert elo den Här Mangen.

---

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeginnen a Kolleege ronderëm dësen Dësch, ech fäerten dass ech net un déi exzellent Kompetenze vun onsem éischte Schäffe kommen. Mee ech versichen awer mäi Bescht, fir Iech de virleiende Projet virzestellen.

Spaass bei Säit. Komme mer zum Parking écologique vun de Woiwerwisen. Servior mécht am September oder Oktober seng Dieren an der Rue Renée Lazard am Quartier Woiwerwisen op. Dat bedeit, datt hiert Personal dëse Quartier belaaschte wäert, besonnesch a punkto Parkplazen.

Am initiale Projet gouf an enger Konventioun tëschent Servior an der Gemeng festgehalen, dass am Kader vun dem Liichtathletikterrain Servior 100 Parkplazen zur Verfügung sollt gestallt kréien. Vu datt de Projet vum Liichtathletikstadion bis op Weideres op Äis geluecht ginn ass, a mir awer eise Verflichtungen aus der Konventioun mussen nokommen, fir de Quartier net méi ze belaaschten, stelle mir Servior ee provisoresche Parking op eisem Terrain vis-à-vis vun hirem Gebai zur Verfügung.

Mir prefinanzéieren de Projet a kréien d'Käschten integral zréckbezuelt iwwer fënnef Joer.

De monatleche Loyer gëtt fixéiert op 6.000 Euro de Mount. D'Dauer vun der Locatioun ass fënnef Joer mat Tacite reconduction vu Joer zu Joer.

D'Moosse vum Parking: 60 Meter op 50, mat enger Capacitéit vun 102 Plazen. Zweemol 19 Plazen op den Extremitéiten an zweemol 32 Plazen an der Mëtt. Mat enger Rampe d'accès vun zwee Meter gëtt e Parking un déi besteeënd Strooss Rue Renée Lazard ugeschloss. An der Entrée kënnt eng Barriär, déi de Parking nëmme fir d'Personal vu Servior zougänglech mécht. Mat enger Pente vun 2 % leede mir d'Reewaasser an e Reenhaltebecke mat enger maximaler Déif vun 30 Zentimeter. Dat opgefaangent Reewaasser gëtt kontrolléiert ofgelooss.

Wat d'Finitioune vum Parking ubelaangt ass d'Fuerbunn aus Makadamm, d'Parkplaze selwer sinn aus engem waasserduerchlässege Schotterrasen.

De Käschtepunkt beleeft sech op 250.000 Euro TTC.

D'Konzept vun dësem ekologesche Parking ass an Zesummenaarbecht mam Ëmweltministère an der ANF ausgeschafft ginn, dat ass d'Administration de la nature et des forêts. D'Zil ass et, Kompensatiounsmoossnamen am Kader vum Projet ze schafen, fir keng Punkten ze bezuelen. Ee Punkt kascht een Euro. Fir dëse Projet si ronn 80.000 Biotop-Punkten, déi a Fro kommen, déi hei also duerch dëse Projet kompenséiert ginn. Dat mécht deemno en Erspuernis vun 80.000 Euro fir d'Gemeng aus.

Weiderhi gouf akzeptéiert, datt dës Biotope Biotopes éphémères sinn, also no e puer Joer kéinten déi nees erëmgeholl ginn, fir am PAP Quartier+ benotzt ze ginn.

Dat wären d'Informatiounen zu dësem Projet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech denken, mir maachen Oppositioun – Majoritéit. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Kolleeginnen a Kolleegen, eigentlech ass meng ganz Ried scho vun eisem Schäffen, dem Här Mangen, virgesot ginn. Erlaabt mer dofir, nach eng Kéier verschidde Saachen ze widderhuelen.

De besotene Parking an de Woiwerwisen ass e Parking écologique provisoire. Ursprénglech waren d'Parkplaze fir Servior am Projet Parkhaus ënner dem Liichtathleetikstadion virgesinn.

Dëse Projet gëtt jo net méi gemaach. Well d'Bebauung vun de Woiwerwisen eréischt à long terme soll geschéien, kritt Servior dëse Parking provisoire. Wann d'Woiwerwisen emol entwéckelt sinn, da kann et sinn, dass Parkplaze vu Servior zum Beispill an engem Parkhaus erëm ënnerkommen.

De Parking ass fir Servior reservéiert. Wie genau do dierf parken, ob dat elo just Personal oder de Besuch ass, ass hinnen iwwerlooss. Servior lount de Parking fir 6.000 Euro de Mount wärend fënnef Joer. Esou sinn d'Amenagementskäschten duerch dëse Loyer gedeckt.

D'Demokratesch Partei stëmmt dëse Punkt. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Mir ënnerstëtzen dëse Projet. Et dréit dozou bäi, dass de Quartier net weider belaascht gëtt. Et gëtt jo nach dee grousse Parking ënne bei de Schoulen, deen nach net ausgelaascht ass, wou deemno nach genuch Plaz ass. Well effektiv, wann déi Leit heihinner schaffe kommen an dee Parking ganz beusproche géifen, da wär am ganze Quartier net méi vill Reserv. Duerfir ass et scho richteg, dass mer dëse Parking op där Plaz elo maachen.

Et sinn 100 Plaze fir 350.000 Euro. Mir gesinn um Plang, dass Hecken a Beem do gesat ginn. Wat derzou bäidréit, dass deen Eck e bësse méi flott gëtt.

Och wann et e Provisoreschen ass, hu mer eis gefrot, ob et Sënn maache géif, eng Photovoltaik dohinner ze setzen, wou d'Autoen am Schiet géife stoen an en plus Elektresch produzéieren. À voir. Ech mengen, et gëtt jo e Masterplang vum Plan d'aménagement vun de Woiwerwisen, wou jo och op där doter Plaz aner Saachen eventuell geplangt sinn. Et kéint een awer kucken.

Mir wëssen, aus provisoresche Geschichte wéi déi heite ginn oft gär Mesuren, déi méi laang halen. A wann ee sech bis dru gewinnt huet, fënnt een, dass dat och Sënn mécht. An da wär et vläicht awer interessant, sech nach eng Kéier ze iwwerleeën ob een do net eng Iwwerdaachung mat Photovoltaik op deem ganzen Terrain kéint maachen. Et hätt een an engems energeetesch eppes hei fir dee ganze Quartier gemaach.

Finanziell maache mer hei kee schlecht Geschäft. Mir prefinanzéieren a kréien iwwert de Loyer dee ganze Montant integral zréck. Mir kënnen dëse Projet nëmmen ënnerstëtzen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Kolleeginnen a Kolleege vum Schäffen- a Gemengerot, léif Leit alleguer, mat dësem Projet soll an de Woiwerwisen, dem zukünftege Quartier+, e sougenannte Parking écologique mat 102 Parkméiglechkeete fir den Exploitant vun der Maison de soins et séniors ageriicht ginn. Et soll sech dobäi ëm e Parking provisoire handelen, wou mer awer nach net wëssen, wéi laang dëse Provisoire soll undaueren.

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *constate que monsieur Mangen a déjà dit tout ce qu'elle voulait dire.*
*Il est question d'un parking écologique provisoire dans les Woiwerwisen.*
*Au départ, les places de stationnement pour Servior étaient prévues dans le parking souterrain du stade. Mais comme ce projet ne sera pas réalisé, un parking provisoire pour Servior est devenu nécessaire. Une fois le développement des Woiwerwisen terminé, Servior pourra profiter d'un éventuel parc de stationnement.*
*Le parking provisoire est destiné à Servior. Le loyer se monte à 6000 €/mois pendant 5 ans.*
*Le DP approuvera ce point.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *soutient ce projet. Il rappelle que le grand parking près de l'école n'est pas encore saturé. Il y a donc encore des places de stationnement. Mais avec le personnel de Servior, ces places deviendraient limitées. C'est pourquoi le parking provisoire est nécessaire.*
*D'une capacité de 100 voitures, le parking va couter 350 000 €. Les arbres et les haies contribueront à embellir le quartier.*
*Les écologistes se demandent si l'on ne pourrait pas aussi installer des panneaux photovoltaïques sur le parking. Certes, le parking est provisoire, mais par expérience, Georges Liesch sait que le provisoire dure parfois longtemps. Une installation photovoltaïque pourrait donc être pertinente et serait utile pour tout le quartier.*
*D'un point de vue financier, la commune préfinancera le parking avant d'être intégralement remboursée.*
*Les écologistes approuveront ce projet.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que ce projet prévoit l'aménagement d'un parking écologique de 102 places dans les Woiwerwisen pour les exploitants de la maison de soins. Le parking est provisoire, mais personne ne sait combien de temps le provisoire durera.*

*Erny Muller a une critique à faire. Hier soir à 17 h 30, il a reçu un courriel de la commune contenant des informations pour ce matin — et notamment la convention avec Servior. Cette façon de procéder n'est pas pertinente. Les socialistes se sont posé des questions concernant le fonctionnement du parking et ont prévu d'en parler dans la séance d'aujourd'hui. Et quelques heures avant la séance, ils reçoivent la convention.*
*Pour en revenir au projet, il s'agit de construire un parking écologique de 350 000 € sur un terrain constructible. Le terrain fait 50 a et se trouve en face de la maison de soins. Vingt ares serviront à construire les accès en macadam aux places de stationnement. C'est pourquoi il faut un bassin de rétention.*
*La commune va planter 16 arbres. Mais ces arbres devront être déplacés par la suite, car le plan directeur des Woiwerwisen ne prévoit pas de parking à cet endroit.*
*Erny Muller doute par ailleurs que ce parking ne va couter que 350 000 €. En effet, quand le parking sera supprimé, il faudra financer les travaux de transformation.*
*Erny Muller rappelle que la commune a acheté ce terrain au prix de 25 000 €/a. Pour tout le site, cela représente un montant de 1 250 000 €, c'est-à-dire 2,5 millions d'euros au prix coutant. Est-il vraiment pertinent d'en faire un parking ?*
*Les socialistes ne sont pas d'accord non plus pour mettre un parking à disposition d'un exploitant privé aux frais de la commune. Certes, les dépenses seront remboursées au fil des ans, mais une commune est là pour créer des places de stationnement publiques. Dans ce cas-ci, il ne faut pas désavantager les résidents du quartier. Car les Woiwerwisen connaissent déjà des problèmes de stationnement.*
*Erny Muller rappelle qu'en tant qu'échevin aux bâtisses, il avait travaillé à la réalisation d'un parking de quartier d'une capacité de 350 places sous le stade d'athlétisme. Le projet aurait dû s'achever en même temps que le projet de Servior. Malheureusement, ce projet a été abandonné par la majorité.*

Ech muss awer soen, mir hu gëschter – an dat muss ech e bësse kritiséieren, well dat hëlt elo ëmmer méi Iwwerhand – géint hallwer sechs hat ech op mäi Laptop gekuckt, do ass e Mail vun der Gemeng komm, notamment mat aneren Informatiounen, déi fir haut de Muere virgesi waren. Do war dann och nach d'Konventioun Servior dobäi, op d'mannst symbolesch. Ech mengen, dat solle mer awer vläicht an deem Sënn net méi maachen. Well mir stellen eis hei Froen: Wéi funktionéiert dat Ganzt dann elo an esou weider. Mir schreiwen dat schonn an eis Texter. An dann, kuerz virun der Sitzung, kréie mer da matgedeelt, wéi et da funktionéiert.

Ech kommen zréck zu der Saach. Hei gëtt also op enger grénger Wiss, déi laut PAG Bauterrain ass, e Parking écologique fir e Käschtepunkt vun 350.000 Euro gebaut. Beim Terrain handelt et sech ëm en Areal vun zirka 50 Ar – hunn ech selwer misse moossen, doriwwer geet am Dokument net rieds – géigeniwwer vum Servior-Gebai geleeën.

40 % vum Terrain, oder ronn 20 Ar, gi komplett verdicht mat Zoufaarten op d'Parkplazen, déi aus Makadamm realiséiert ginn. Den Här Mangen hat et erwäänt. Wat da selbstverständlech och e Bassin de rétention néideg mécht.

Et gi 16 Beem geplanzt. Wou ech awer drop hiweise muss, dass dës Beem spéiderhin erëm sollen ëmgeplanzt kënne ginn, well, den Här Liesch ass schonn drop agaangen, fir de Quartier+ an de Woiwerwise besteet e Plan directeur, an do ass net direkt e Parking op där Plaz virgesinn. Ech géif och mengen, an ech kommen nach dorop zréck, dass dat am Endeffekt en deiere Parking gëtt, vill méi deier wéi 350.000 Euro, wéi hei elo ugeduecht ass.

D'Käschte vun deem spéidere Réckbau an den ursprénglechen Zoustand, wat jo och hei néideg ass, déi sinn net bekannt, och net opgelëscht. Ech mengen, déi gehéieren awer och zu esou enger Transaktioun, fir e Parking zur Verfügung ze stellen.

Ech wollt nach drop hiweisen, dass awer nieft den Amenagementskäschte vum Parking, déi jo da sollen zréckbezuelt ginn, laut Konventioun – d'Modalitéite kenne mer net, hat ech mer hei opgeschriwwen, mee déi kenne mer jo dann elo –, en Terrain vun der Gemeng Déifferdeng zu engem Präis vu 25.000 Euro den Ar opkaf gouf. Dat sinn ëmmerhin, fir dësen Areal eleng, 1.250.000 Euro. Wann een dat aktualiséiert op deen haitege Maartpräis, ass mindestens dat Duebelt, dat heescht 2,5 Milliounen, wat de reelle Wäert vun deem Terrain ass. Ech mengen, fir dann do flächeméisseg ausgedeente Parkingen ze maachen, als Oberflächeparking, mengen ech, dat wär awer net grad ubruecht.

Als Spriecher vun der LSAP muss ech Iech matdeelen, dass d'LSAP mat der Virgeeënsweis vum Schäfferot, wou e privaten Exploitant op d'Käschte vun der Gemeng Déifferdeng en Exklusiv-Parking zur Verfügung gestallt kritt, absolutt net d'accord ass. Och wann den Invest iwwert d'Joren zréckbezuelt gëtt.

D'Gemeng ass dofir do, fir ëffentlech Parkplazen anzeriichten, déi souwuel vun de Biergerinnen a Bierger, dem Personal wéi och de Visiteure vu Servior kënne genotzt ginn. Hei sollen eiser Meenung no déi Déifferdenger Biergerinnen a Bierger aus dem Quartier net benodeelegt ginn. Mir wëssen, datt et am Woiwer Quartier, speziell an dem ieweschten Deel, e Parkproblem gëtt. Dir braucht nëmme kucken ze goen wéi vill Autoen owes op dëser Plaz stinn, déi keng aner Parkplaz hunn.

Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, et sinn nämlech eng Partie nei Leit am Gemengerot, awer och fir eis Biergerinnen a Bierger dobaussen, mee den Här Mangen huet et och scho gesot, d'LSAP an ech selwer als zoustännege Bauteschäffen hunn am virege Schäfferot un engem Quartiersparking fir den neie Quartier Woiwerwise geschafft.

Geplangt war e Parking mat ronn 350 Plazen ënner dem Fussballterrain, duerno, an enger spéiderer Phas, ënner dem Liichtathleetikstadion. Mam Virdeel vun enger optimaler Flächennotzung vun dëser Plaz. De Projet sollt zum selwechten Zäitpunkt wéi d'Gebai vu Servior fäerdeggestallt sinn. Leider huet déi nei Majoritéit dësen zukunftsorientéierte Projet falegelooss, a mir stinn haut do an hunn näischt fir d'Servior.

Zum Schluss wëll ech op de Projet zréckkommen, deen haut um Ordre du

jour ass. D'LSAP ass géint en Exklusiv-Parking a fuerdert de Schäfferot op, sou schnell wéi méiglech en definitive Parking ze bauen, deen den Ufuerderunge vun dem neie Quartier, dee jo deelweis autofräi soll sinn, entsprécht a vun alle Biergerinnen a Bierger aus deem ganze Quartier zu deene selwechte Konditioune ka genotzt ginn. Dofir stëmmt d'LSAP géint dee vum Schäfferot proposéierte Projet Parking Woiwerwisen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech sinn e bëssen erstaunt iwwert d'Positioun vun der LSAP. Den Här Muller, dee fréiere Bauteschäffe war, deen hei seet, wat fir e Projet hien deemools scho geplangt hat, deen elo net realiséiert géing. Dee selwechte Bauteschäffen huet awer och esou ee Parking geplangt a gebaut beim CHEM, deen och exklusiv ass fir d'Leit, déi do schaffen. Ech weess net, ob mer net hei deux poids et deux mesures maachen. Dat heescht, wat mer hei elo maachen ass fir mech elo näischt Neies. Et ass eigentlech dat, wat mer och beim Nidderkuerer Spidol gemaach hunn a wou mer näischt aneschters maachen.

An da ginn ech der LSAP och net Recht, wa se seet, dass de Parkingsproblem do esou risegrouss wär. De Problem ass, dass d'Leit net bereet sinn, 300 Meter ze Fouss ze goen. Well de Parking ënnen – an ech war elo e puermol an deene leschten Deeg kucken –, de Parking ënne bei der Schoul, ass definitiv wäit ewech vun ausgelaascht. An dat sinn 300 Meter bis erop an d'Rue Rasquin an esou weider. Wou een also och kéint adequat parken.

Natierlech, wann Dir elo sot, dass do elo Leit sech egal wou parken, dat stëmmt wuel. Awer dat huet näischt domat ze dinn, dass et keng Parkplaz gëtt, mee éischter, dass 300 Meter vläicht ze wäit sinn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Ech wollt dem Här Muller soen, Servior ass net privat, Servior ass en Établissement public.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wëll dem Här Liesch äntweren. Also ech hunn dee Parking beim CHEM net gebaut. Wollt dat just soen.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Dir waart awer am Schäfferot, wéi mer dee geplangt hunn a wéi mer d'Budgeten dofir hei gestëmmt hunn. Dir hutt hei als Bauteschäffen dëse Budget matpresentéiert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Mangen, wannechgelift.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Mir haten hei als Gemeng e Verspriechen gemaach. Wann ee sech dann als Gemeng net un d'Ofmaachung hält, dat fannen ech net an der Rei. Et ass sécherlech wouer, datt et keng gléckelech Léisung ass. Mee et ass jo provisoresch. Et muss ee kucken, wéi dat ofleeft.

Ech sinn awer frou, ech soen dat säit zéng Joer schonn hei am Gemengerot, déi Leit, wéi déi ënnerbruecht sinn an deene jëtzege Gebaier, déi do elo transferéiert ginn, sinn och frou, wa se déi nei Gebaier kréien, soudatt eng adequat Behandlung ka gemaach ginn och vum Personal, wat do ass. Dat muss een och matofweien an da vläicht heiansdo en A zoudrécke fir e puer Joer.

Vläicht fanne mer eng Léisung fir de Quartier, datt mer do aner Méiglechkeeten hunn. Do si mer jo amgaangen drun ze schaffen, datt een dann e Parking kritt. D'Iddie fir e Parking a fir de Quartier ze berouegen, huelen ech gäre mat. Mee ech mengen, ee Verspriechen, wat mer gemaach hunn als Gemeng, do musse mer derhanner bleiwen.

*Les socialistes ne veulent pas que le parking provisoire soit utilisé exclusivement par Servior. Ils exhortent le collège échevinal à construire rapidement un parking définitif pour le quartier. Le LSAP n'approuvera pas le parking proposé par le collège échevinal.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *s'étonne de la position de l'ancien échevin aux bâtisses. Car celui-ci a fait exactement la même chose dans le cadre du parking du CHEM, réservé exclusivement au personnel de l'hôpital. La proposition du collège échevinal n'a rien de nouveau. C'est le même système que pour l'hôpital de Niederkorn.*
*Georges Liesch n'a pas l'impression non plus que le problème du stationnement soit particulièrement important dans ce quartier. Tout au plus, il s'agit d'un problème pour ceux qui ne veulent pas parcourir les 300 m séparant le parking de l'école de la rue Rasquin. Certes, les gens se garent n'importe où, mais pas parce qu'il n'y a pas de places de stationnement.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que Servior n'est pas privé.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *n'a pas construit le parking du CHEM.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *insiste sur le fait que monsieur Muller faisait partie du collège échevinal à l'époque et qu'il était échevin aux bâtisses.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *précise que la commune avait fait une promesse à Servior et qu'elle doit s'y tenir même si le résultat n'est pas optimal. De toute façon, le parking est provisoire.*
*Par ailleurs, il était temps de transférer les patients de la maison de soins dans de nouveaux locaux et que le personnel puisse travailler dans de bonnes conditions. Pour Robert Mangen, il faut aussi réfléchir à cela. En outre, le collège échevinal a l'intention d'aménager un parking pour le quartier.*
*Robert Mangen répète qu'il est important pour la commune de tenir ses promesses.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *constate que monsieur Muller faisait aussi partie du collège échevinal quand le parking du contournement a été planifié, mais il n'a jamais été construit. Il faisait aussi partie du collège échevinal quand le parking du Haneboesch a été prévu, mais pas réalisé. Chaque fois qu'il faut construire un parking pour la population, c'est compliqué parce que cela ne fait pas partie de la philosophie d'un des partis. Mais pour les personnes privées, pas de problème.*
*Les socialistes ne peuvent pas être d'accord avec ce projet. Le parking qui avait été prévu devait se trouver sous le stade d'athlétisme. Tous les habitants du quartier auraient pu en profiter.*
*Les problèmes proviennent du fait qu'un parti de la majorité ne veut jamais construire de parkings. Pour monsieur Liesch, les gens doivent se déplacer à pied ou à vélo. Mais bizarrement, cela ne vaut pas pour les sociétés privées.*
*Fred Bertinelli conseille à monsieur Liesch de se rendre au Haneboesch et dans d'autres quartiers de la commune pour se rendre compte de la situation.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *précise qu'il existe des projets pour le parking du contournement.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*
*Christiane Brassel-Rausch insiste sur le fait que les projets sont concrets.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*
*Christiane Brassel-Rausch réplique que le collège échevinal en a discuté il y a peu. La bourgmestre ne ment pas !*
*Elle est aussi au courant de la situation dans le Haneboesch. Elle fait partie du parti de monsieur Liesch et n'accepte pas d'être accusée. Le collège échevinal sait qu'il y a des problèmes et essaie de les résoudre.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *constate que monsieur Bertinelli présente les faits comme bon lui semble, mais il vient de se tirer une balle dans le pied.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass e Sujet, wou mir ganz sensibel drop sinn. Den Här Liesch huet elo gesot, den Här Muller war am Schäfferot. Gutt, den Här Muller war och am Schäfferot, wou mer de Parking zu Déifferdeng um Contournement geplangt hunn, deen ass net gebaut ginn. Den Här Muller war och am Schäfferot, wou mer de Parking zu Nidderkuer am Haneboesch geplangt hunn, an deen ass net gebaut ginn.

Ech fannen et ëmmer komesch, wa soll e Parking fir eis Populatioun gebaut ginn, dann ass et ëmmer schwiereg, da gëtt en net gebaut, well dat e bëssen esou an der Philosophie vun enger Partei ass. A wann et awer fir d'Privatleit ass, dann ass dat guer kee Problem, da ginn déi Parkinge gebaut.

Wéi et am Virfeld ausgesäit, wäert een elo net soen, datt mir mat esou engem Parking als LSAP domat d'accord wären. Mir waren net domadder d'accord. Mir hätten ee Parking gesinn, deen häss de och an der Landschaft do net gesinn, dee wär ënner engem Liichtathleetikstadion gewiescht, dee wär ënner engem Fussballstadion gewiescht, wou dann och hätt kënnen déi ganz Populatioun do am Eck dovu profitéieren.

Heivunner ka jo kee Bierger profitéieren. Oder däerfen d'Bierger op dee Parking? D'Bierger däerfen net op dee Parking. Dat ass e Parking, dee momentan vill benotzt gëtt. Mee et ass iwwerhaapt esou an eiser Gemeng: Wa Parkinge solle gebaut ginn, da sinn ëmmer Problemer, well dann eng gewësse Partei einfach net wëll, datt iergendwou e Parking soll hi gebaut ginn.

An esou Aussoe wéi den Här Liesch se mécht, d'Leit sollen ze Fouss oder mam Vëlo fueren, wat ee jo natierlech ka verstoen. Mee wann et awer ass, fir eng privat Firma e Parking ze bauen, dann ass iwwerhaapt kee Problem, da geet dee gebaut. Et ass och e bëssen dat, wat eis stéiert, déi Philosophie.

Haneboesch, gitt Iech dat emol ukucken. Dir hutt jo gesot, Här Liesch, Dir waart Iech dat ukucken, firwat gitt Der dann net an den Haneboesch a kuckt Iech do d'Situatioun un an op anere Plazen an eiser Gemeng? Kuckt Iech déi Situatiounen un. Dir sot ëmmer just dat, wat Iech just passt. Dat geet och net.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Ech erlabe mer, Iech dorop ze äntweren. Parking Contournement: Do leie Projete vir.

(Ënnerbriechung)

Nee. Déi sinn elo ganz konkreet an der Maach.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Nee

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Also sot Dir mir elo, wat …

(Ënnerbriechung)

Aktuell ass e Projet Contournement an der Maach. Mir haten en am Schäfferot elo kierzlech. A gleeft mer, wann ech Iech dat soen, dann ass dat esou!

Parking Nidderkuer Haneboesch si mer eis ganz bewosst. n do si mer amgaangen ze kucken, wéi mer domadder ëmginn. Ech fannen et net gutt, als eng Partei, well ech si vun där nämmlechter Partei wéi den Här Liesch, do ënner Generalverdacht gestallt ze ginn. Mir sinn eis de Problemer bewosst a mir probéieren, se unzepaken. Dat ass dat eenzegt, wat ech Iech elo vun dëser Plaz aus soe kann.

Den Här Liesch freet d'Wuert nach eng Kéier.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll dorop reagéieren. Den Här Bertinelli verdréit ëmmer d'Fakten,

esou wéi him et grad passt an da werft e mir dat vir. Här Bertinelli, ech muss Iech elo hei luewen, Dir schéisst Iech jo hei selwer an de Knéi. Dir waart selwer am Schäfferot an zoustänneg fir Mobilitéit. Wéi vill ëffentlech Parkingen hu mer an der leschter Legislaturperiod hei zu Déifferdeng erschaf?

Dir hutt elo déi opgezielt, déi mer nach net realiséiert hunn, déi en cours de route sinn, mee wéi vill hu mer da erschaf? Ugefaange bei deem Parking, deen Dir gemaach hutt, wou déi Déifferdenger Kierch stoung. Dann hu mer Parkinge gemaach ënne bei der Woiwer Schoul, deen ech virdrun ernimmt hunn, deen och op Iech zréckfält. Mir hunn um Site vum 1535° Parkinge gemaach. Mir hunn also Parkingen hei zu Déifferdeng kreéiert mat Iech zesummen a mat enger Partei, wéi Der hei elo sot, déi géint den Auto ass. Also dat ass jo egal wat, wat Der hei zielt. Dat kann also net stëmmen.

An dass Der sot, dass Servior eng Privatfirma ass, stëmmt och net. Dat ass en ëffentlechen Träger. An ech gesinn nach ëmmer keen Ënnerscheed, ob mer fir de CHEM esou eppes gemaach hunn, wou ech nach ëmmer fannen, dass dat eng gutt Iddi war, oder ob mer esou eppes fir Servior maachen, ass fir mech Jacke wie Hose. Dat ass genau dat selwecht. An do waart Dir am Schäfferot an Dir hutt dat matgedroen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Den Här de Sousa freet d'Wuert.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Dee Parking hei, deen entlaascht dee ganze Quartier. Well mir wësse jo, déi Leit vu Servior, déi schaffe Schichte. Do kommen der um sechs Auer. Et fiert keen ëffentlechen Transport. Deen entlaascht eigentlech dee ganze Quartier. Soss gi se ënnen an d'Neiwiss parken. An ech ka mer virstellen, datt d'Leit och do kënnen erausgoen, fir erëm ageheien ze goen. An d'Leit, déi do wunnen, verléieren dann nach déi puer Parkplazen an deenen dräi Pierre-Stroossen, fir se da mol esou ze nennen. Ech mengen, dat ass awer eng grouss Entlaaschtung fir dee ganze Quartier.

Zwee Weeër féiere vum Parking Neiwiss erop an d'Rue Renée Lazard. Ech war mer dat gëschter ukucken, do ass eng Ofkierzung gebaut gi fir d'Leit aus dem Quartier. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech sinn direkt ugeschwat ginn, da wëll ech och drop äntweren.

Natierlech hu mir Parkinge gebaut, well se néideg sinn. An et sinn der nach néideg an eiser Gemeng! Well et néierens duergeet an iwwerall Chaos ass. Mir kënnen net esou wuessen, wéi mer gewuess sinn, an einfach keng Parkinge bauen. Dat geet net.

An déi Parkingen, déi gebaut gi sinn, do war d'LSAP am Schäfferot. A mir hunn och wierklech Drock gemaach, datt déi Parkinge kommen, déi ware batter néideg. Do hu mer alles gemaach, datt déi gebaut gi sinn.

Ech wëll dem jëtzege Verkéiersschäffen soen, ech hoffen, datt e Recht huet. Well ech mer wierklech wënschen, datt dee Quartier, dee Verkéier deen elo do ass – ech hoffen, datt e Recht huet. Mee dat wäert dann d'Zukunft eis weisen, ob dat dann och esou ass, wéi hie gesot huet.

Ech weess net, wou den Här Liesch drop kënnt, fir ze soen, den Här Muller hätt de Parking vum CHEM gebaut oder wier zoustänneg dofir gewiescht. Ech weess net, wat fir ee Buergermeeschter dat war, deen deen dohinnergesat huet, mee net den Här Muller.

A wat d'Parkingen ubelaangt, dee Parking, deen d'LSAP an där Zäit, wou se am Schäfferot war, geplangt hat, dee war fäerdeg, dee Plang. Ech weess net, wat fir een neien Dir elo um Contournement baut. Deen hu mer jo nach net gesinn, deen ass jo nach net hei duerch de Conseil gaangen. Mee dee Plang,

*Il était échevin à la mobilité. Combien de parkings publics a-t-il construits ?*
*En plus, il ne faut pas oublier non plus de mentionner les parkings construits. Monsieur Bertinelli a fait aménager le parking de l'église de Differdange et celui de l'école du Woiwer. Georges Liesch mentionne ensuite le parking du 1535°. Bref, les écologistes ont aménagé des parkings ensemble avec les socialistes.*
*Il n'est pas vrai non plus que Servior est une entreprise privée. En outre, où est la différence entre le parking du CHEM et le parking de Servior ? Or les socialistes étaient d'accord avec le parking du CHEM.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *ajoute que le parking va soulager tout le quartier. Les employés de Servior arrivent à partir de 6 h, quand il n'y a pas encore de transports publics.*
*Sans parking, ils iront se garer à Neuwies et les résidents perdront les quelques places dont ils disposent.*
*Paulo De Sousa signale en outre qu'il existe un raccourci entre Neuwies et la rue Renée-Lazard.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *confirme que la commune a aménagé des parkings pour remédier au chaos. Une ville ne peut pas croitre comme l'a fait Differdange sans que la commune construise des parkings. C'est pourquoi les socialistes ont insisté pour que des parkings soient aménagés.*
*Fred Bertinelli souhaite à l'échevin à la circulation d'avoir raison. L'avenir le dira.*
*Il ne comprend pas pourquoi monsieur Liesch dit que monsieur Muller a construit le parking du CHEM. Monsieur Muller n'était pas le bourgmestre en tout cas.*
*Pour ce qui est du parking du contournement, monsieur Muller avait terminé les plans. Ce parking aurait pu être opérationnel aujourd'hui. Et Fred Bertinelli ne sait encore rien sur le parking que le collège échevinal entend construire à la place.*

*Chacun voit midi à sa porte, mais les socialistes avaient les idées claires et un plan. Fred Bertinelli est curieux de découvrir le nouveau parking du centre-ville. Sera-t-il meilleur que celui de monsieur Muller ?*

**GUY TEMPELS (CSV)** *revient sur la valeur des terrains. La commune ne les a pas vendus. Ils lui appartiennent. C'est pourquoi Guy Tempels ne comprend pas les arguments des socialistes.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *souhaite répondre.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *lui demande d'attendre.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *pourra-t-il répondre plus tard ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *demande à monsieur Tempels s'il a fini son allocution.*
*(Interruption de M. Muller)*
*Christiane Brassel-Rausch exige que monsieur Muller attende son tour.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *a lu dans le devis qu'il est prévu d'amener 150 m³ de terre sur le site. Est-ce vraiment nécessaire compte tenu du décapement ?*

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle que monsieur Liesch a dit que le parking provisoire pourrait devenir définitif. Il ne sait pas si c'était juste une idée ou s'il existe des réflexions dans ce sens. C'est pourquoi il trouve que la valeur du terrain est trop importante pour un parking extérieur.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *se demande si les gens n'ont pas trop de voitures.*
*(Vote)*

deen den Här Muller gemaach huet, an déi, déi deemools am Schäfferot waren, wëssen dat, dee Plang war fäerdeg. Dee Parking, dee wär haut op. Sou wéi d' Policegebai wär dee Parking haut fäerdeg, mat enger Entrée an den Zentrum vun Déifferdeng. Wat och den Zentrum vun Déifferdeng entlaascht hätt.

Dir gesitt dat esou, wéi Dir dat gesitt. Mee d'LSAP hat e ganz klore Plang, wat dat ugeet. An ech sinn da gespaant, fir deen neie Parking am Stadkär kënnen ze gesinn. Ob deen esou vill besser dann ass wéi deen, deen den Här Muller entworf huet. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Parking hin oder hier, et war och grad rieds iwwert de Wäert vun den Terrainen. Et ass jo awer elo net esou, dass mir deen Terrain do verkaf oder verschenkt hunn, oder wéi? Den Terrain bleift jo awer nach ëmmer der Gemeng hiren. Soudass deen Terrain ëmmer nach Wäert behält. Ech verstinn dat Argument net.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech ginn Iech direkt eng Äntwert. Et ass hei geschwat ginn …

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ee Moment, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Entschëllegt, ech muss awer kënnen dorop äntweren?oOder kann ech et herno maachen?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Sidd Dir fäerdeg, Här Tempels?

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt just dem Här Tempels soen, dat war op déi …

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Loosst den Här Tempels vläicht ausschwätzen, an da kritt Dir d'Wuert, Här Muller.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Eigentlech sinn ech fäerdeg. Ech hätt nach eng kleng Saach. Am Devis, hunn ech gesinn, de Buedem bleift op der Plaz. Et ass net vill, mee et ass virgesinn, herno 150 Meterkibb nach op d'Plaz ze féieren, fir d'Plantatiounen ze maachen. Ech mengen, wann dekapéiert gëtt op der Plaz, do wäert masseg Buedem sinn, da brauche se kee méi ze bréngen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Déi Interventioun betreffend den Terrainspräis, déi d'Gemeng do engagéiert huet, ech weess net, ob dat eng Iddi war oder einfach nëmmen eng Iwwerleeung vum Här Liesch, wou gesot huet, wie weess vläicht gefält dat herno a mer kënnen dee Parking duerno si loossen. Ech wollt do just soen, deen Terrain ass vill ze vill deier fir esou ee Parking.

Mir hunn eis schonn engagéiert. An den aktuelle Wäert haut ass vill ze héich, fir do en Oberflächeparking ze realiséieren. Et war an deem Zesummenhang.
Buergermeeschtesch Christiane Brassel-Rausch (déi gréng):

Hu mer dann net ze vill Autoen? Eng Fro, déi ech einfach emol an de Raum stellen.

Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 3 voix non d'approuver les devis et plan pour l'aménagement d'un parking écologique Woiwerwisen (exploitation Servior).*

Merci, Dir Dammen an Dir Hären. Am Punkt 3 geet et ëm Aarbechte ronderëm d'Kierch op der Zowaasch. Ech géif den Här Mangen bieden, eis dëse Punkt virzestellen. Merci.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Déi éischt Machbarkeetsstudie fir d'Amenagement ronderëm d'Lasauvager Kierch gouf scho wärend der Renovatioun vun dëser ausgeschafft an och kommunizéiert.

Dëst Konzept ass vum INPA, Institut national pour le patrimoine, guttgeheescht ginn.

Haut stëmme mir déi éischt Phas, fir dat globaalt Konzept ze realiséieren. Et geet drëm, eng Aart Teppech ronderëm d'Kierch ze schafen. Dass d'Kierch an hirem Environnement besser zur Geltung kënnt.

Wat d'Material vun deem Teppech ugeet, ass d'Faarfgeebung nach net komplett definéiert. Do si mer nach amgaangen, mat der INPA ze diskutéieren. Entweeder gëtt et en donkelbloe Steen oder en hellgroen Natursteen.

Den Talus tëschent der Kierch an dem Weier gëtt reamenagéiert, nei beplanzt an e proppere Wee geschafe vun der Kierch bis bei de Weier.

Et ass wichteg mat den Aarbechten unzekommen, well d'Daachofleef vun der Kierch si futti an d'Reewaasser leeft an de Buedem laanscht d'Kierch. Den Uschloss muss erëm un de Kanal gemaach ginn, datt dat net méi de Fall ass. D'Reewaasser leeft déi renovéiert Fassad erof an zerstéiert esou déi ganz Aarbechten, déi gemaach gi sinn. De Sockel vun der Kierch gëtt fiicht an da kënnt och Fiichtegkeet an d'Kierch. Duerch deen Teppech oder d'Reamenagement, wat mer bausse maachen, profitéiere mer gläichzäiteg dervun, fir déi Ofleef vum Reewaasser erëm an d'Rei ze kréien.

De Käschtepunkt läit bei 498.910 Euro TTC.

Ech soen Iech Merci fir d'Stëmme vun dësem Projet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. No der Desakralisatioun vun der Lasauvager Kierch ass dës vun der Gemeng erëm opgeholl a vu bannen emol restauréiert ginn an ass haut e Bijou, ausser der Akustik. E grousse Merci geet vun eis un den Här Lopes Manuel mat senger ganzer Ekipp.

Etapp fir Etapp gëtt baussent der Kierch renovéiert, sou wéi d'Budgetssituatioun et hiergëtt. Virgesi fir dës Etapp si 500.000 Euro.

Ech wëll och op d'Drénglechkeet hiweise vun dëser Etapp. D'Ofschlossréier si ganz al a futti bis zum Kanal. Wann do kee Remedur gemaach gëtt, kéint d'Waasser bis an d'Kierch erakommen. Ronderëm d'Kierch muss opgerappt ginn.

D'DP stëmmt dësen Devis mat all senge Punkten. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech ka mech deem uschléissen, wat d' Madamm Saeul gesot huet. D'Renovéierung vun der Kierch ass effektiv gelongen, bis op d'Akustik. Do ginn ech Iech ganz Recht. Awer op jidde Fall d'Kierch selwer ass e Bijou. Wann een a Lasauvage kënnt, ass dat e Clin d'oeil, deen een direkt ze gesi kritt.

*Christiane Brassel-Rausch passe à l'église de Lasauvage.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *rappelle que la première étude de faisabilité de l'aménagement extérieur de l'église de Lasauvage a déjà été présentée. Le concept a été approuvé par l'Institut national pour le patrimoine.*
*Aujourd'hui, il est question de la réalisation de la première phase du concept. Il s'agit d'aménager une sorte de tapis autour de l'église pour la mettre en valeur. Le matériau et la couleur n'ont pas encore été choisis. Il est question de pierres bleu foncé ou de pierres naturelles gris clair.*
*Le talus entre l'église et l'étang sera réaménagé.*
*Robert Mangen signale par ailleurs que les avaloirs du tout de l'église sont cassés et que l'eau s'écoule le long de la façade rénovée. L'humidité pénètre dans le socle et l'église. La commune va profiter des travaux d'aménagement extérieur pour réparer les avaloirs.*
*Le devis se chiffre à 498 940 €.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *estime qu'après sa rénovation, l'église désacralisée de Lasauvage est devenue un véritable bijou si l'on exclut l'acoustique. Elle remercie monsieur Lopes et son équipe.*
*L'église est rénovée étape par étape. Cette phase coutera 500 000 €.*
*Les travaux sont d'autant plus urgents que l'eau risque d'abimer l'église.*
*Les démocrates approuveront le devis.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *donne raison à madame Saeul : la rénovation de l'église est réussie à l'exception de l'acoustique. L'église est un véritable bijou qui saute aux yeux dès que l'on arrive à Lasauvage.*

*Le parc, qui a été réaménagé au cours des 15 dernières années, offre un cadre idéal à l'église. Le presbytère, qui accueille désormais un hôtel et un restaurant, rend l'ensemble vraiment chouette.*
*Georges Liesch se dit étonné qu'après les travaux de rénovation, il faille démolir les alentours pour réparer les infrastructures.*
*La canalisation a été refaite. On aurait pu penser à terminer les travaux à l'époque. C'est dommage, car il faudra démolir une nouvelle fois les alentours.*
*Georges Liesch passe au parvis de l'église, qui sert à organiser de petites festivités comme le marché de Noël. Il s'agit d'une place conviviale située dans un cadre extrêmement beau. L'église a été transformée en salle polyvalente. Georges Liesch trouverait dommage que le parvis ne soit pas préservé. Il trouve important que l'on puisse continuer à y organiser des évènements. Certes, on pourrait y aménager un petit parc, mais Lasauvage en a déjà un. Il vaudrait donc mieux considérer le parvis comme une prolongation du parc sur lequel organiser des activités polyvalentes.*
*Dans ce contexte, Georges Liesch demande au collège échevinal de prévoir dès le départ tous les raccordements pour que le parvis puisse devenir une sorte de place du Marché de Lasauvage.*
*Les écologistes approuveront le projet. Les travaux sont nécessaires pour ne pas hypothéquer la rénovation de l'église. Il ne faudrait pas que l'humidité infiltre les murs.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *trouve que ce projet est réussi. Pour lui, le parvis devrait être aménagé comme prévu afin de valoriser le cachet.*
*L'acoustique n'est pas formidable. Or l'église accueille l'un ou l'autre petit concert. Peut-être la commune pourrait-elle procéder à des améliorations.*
*Comme monsieur Liesch, Erny Muller trouve que le parvis doit pouvoir accueillir des organisations. Il se souvient d'un plan concernant la phase 3, où il en était question. Bien entendu, il faudra prévoir les raccordements nécessaires pour l'eau ou l'électricité.*

Och de Park, dee mer a villen, villen Aarbechten an deene leschte 15 Joer, géif ech emol soen, zu deem gemaach hunn, wat en haut ass, mécht de Kader vun dëser Kierch elo perfekt a ronn. Net ze vergiessen och de Presbytère niewendrun, wou mer mëttlerweil e Restaurant an en Hotel dran hunn, mécht an deem ganzen Ensembel ganz flott.

E bëssen erstaunt si mer schonn, dass mer elo, nodeems d'Renovéierung ganz fäerdeg ass, feststellen, dass mer awer ronderëm elo nach eng Kéier mussen oprappen, well do d'Infrastrukturen net esou sinn, wéi se sollte sinn. Zemools well mer jo schonn eng Kéier opgerappt haten, fir d'Kanalisatioun frësch ze maachen. Do hätt ee vläicht kënnen éischter drun denken, dass een dat direkt mat mécht. Egal wéi, et hätt awer näischt geännert, et hätt misse frësch gemaach ginn. Et ass just e bësse schued, nodeem et genau elo fäerdeg ass, nach eng Kéier mussen opzerappen, fir dat doten ze maachen.

Déi Fro, déi mer eis nach gestallt hunn, respektiv eng Suerg, déi mer hunn, ass, dass déi Virplaz vun der Kierch awer bleift.dDéi jo awer och munchmol déngt, fir verschidde kleng Festivitéiten ze maachen. Ech erënneren un de Chrëschtmaart, deen awer ville Leit vun Déifferdeng am Ouer ass, well et eng immens flott Plaz ass, eng immens heemlech Plaz. De Kader ass immens schéi fir esou eng Aktivitéit. Mee och d'Kierch selwer, déi mer jo elo als Salle polyvalente ëmgebaut hunn, eigentlech déi Plaz virdru ka gutt gebrauchen, fir déi eng oder aner Festivitéit do am Bausseberäich ze verlängeren. Soudass et fir eis wichteg wär, dass dës Plaz awer bleift. Dass mer déi also net esou zouplangen an zoubauen, dass herno keng aner Aktivitéiten oder schwéier aner Aktivitéiten do méiglech wären.

Ech kann natierlech verstoen, bei esou enger Plaz, enger flotter grénger Plaz, wou een da seet: Dat passt dozou. Mee dann hu mer e klenge Park. An e Park hu mer. Dofir mengen ech, dass et gutt wär, de Park als Verlängerung vun dëser Plaz ze gesinn an d'Plaz esou ze loossen, dass op jidde Fall polyvalent Bespillung vun dëser Plaz méiglech ass fir verschidde Saachen.

Do géif ech dem Schäfferot nach un d'Häerz leeën, dass, wa mer déi Toilette an alles bauen, vläicht kucken, d'Infrastrukturen, déi géife gebraucht ginn, fir eeben esou eppes ze maachen – ech denken do u Waasser, elektresch Uschlëss, sou quasi eng kleng Maartplaz –, eigentlech do direkt matvirgesäit. Dass een dann net ëmmer muss do mat Rallongen a Baustelleverdeeler schaffen. Dat géif elo gutt anengems goen, dann hätt een dat direkt matgeplangt.

Soss ass et awer okay, mir kënnen dee Projet hei stëmmen. Dat si jo Aarbechten déi musse gemaach ginn. Dass mer net déi Renovéierungsaarbechten, déi mer elo gemaach hunn, erëm doduerch hypothekéieren, dass vläicht d'Waasser do géif vun ënnen eranzéien, d'Mauere géife fiicht ginn. Dat ass eppes, wat absolutt muss gemaach ginn. Dofir wäerte mer dësen Devis och stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Ech wëll drop hiweisen, dass och d'LSAP dëse Projet als ganz gelongen ugesäit. Eng logesch Konsequenz wär, dass mer de Parvis ronderëm d'Kierch och dann amenagéieren, wéi Der dat hei virgesinn hutt, wat de Cachet nach weider opwäert.

Et ass ugeschwat ginn, dass d'Akustik bannen net ganz formidabel ass. Et ware verschidde kleng Concerten do geplangt, wat ech och wierklech eng ganz gutt Iddi fonnt hunn, an ech war och déi eng oder aner Kéier dobäi. Duerfir mengen ech, mir sollten dat nach eng Kéier nokucken, ob mer do keng Verbesserungsmoossname kéinte maachen, wat d'Akustik ubelaangt.

Dat mat där Plaz, dat schéngt mer och wichteg ze sinn, dass déi Organisatiounen op där méi grousser Plaz ausserhalb vun der Kierch kënne weider stattfannen. Ech hat geduecht, dat géif eventuell iwwerluecht gi mat der Phas dräi. Wou jo och schonn eppes ugeduecht ass, ech hat dee Plang eng Kéier gesinn. Et ass natierlech och wichteg, Här Liesch, wéi Der gesot hutt, dass wa soll-

ten do Infrastrukture gebraucht gi wéi Waasser oder Stroum laanscht d'Kierch, déi géifen do mat an de Buedem geluecht ginn, da misst een dat natierlech direkt virgesinn.

Dat eenzegt, wat eis nach ëmmer e bësse stéiert, dat sinn déi héich Tariffer, wann eng Privatpersoun d'Kierch gäre lount, fir do eng Manifestatioun oder e Fest ze maachen, e Privatfest.

Dass dat e grousst Lokal ass, dat versti mer, mee mir kéinten eis awer vläicht eng Kéier iwwerleeën, déi Tariffer e bësse méi sozial ze maachen. Dass och Déifferdenger Biergerinnen a Bierger eventuell mol déi Kierch kéinten och loune fir eng eege Manifestatioun. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Ier ech d'Wuert un den Här Mangen ginn, fir Iech Äntwerten ze ginn, wollt ech selwer nach eppes iwwert déi Plaz virun der Kierch soen. D'Renovatioun vun der Zowaascher Kierch, sou wéi ech d'Situatioun aschätzen, ass en absolutte Succès. Déi Kierch lieft. Et si vill Evenementer dran. D'Ofschloss vun der Jugendkonschtwoch vun de Schoule war dran.

Wat déi Plaz elo ugeet, Dir gesitt, et sinn zwou gréng Flächen am Plang, mee de jëtzege Schäfferot ass der Meenung, dass déi Plaz, wéi se elo ass, gutt ass a si soll sech selwer gestalten. Dat heescht doduerch, dass jo méi Evenementer dohinner kommen, gesi mer jo, wat gebraucht gëtt, wat néideg ass a wat net néideg ass. Et ass net un eis Politiker, denken ech, eppes op déi Plaz do ze praffen, déi am Moment onheemlech schéin ass, onheemlech convivial a gemittlech. Dofir wäerte mir als Schäfferot elo op där Plaz am Moment an deem Sënn näischt maachen.

Wat d'Fester, privat Fester an der Kierch ugeet, Här Muller, ass ganz kloer: Déi Kierch ass immens deier renovéiert ginn. An am Fong eegent se sech net fir privat Fester. Dat heescht mat de Plättercher, wann do Fett oder esou op d'Mauere kënnt, da geet et net duer, déi Mauer unzesträichen, wann do e Glas roude Wäin derwidder kënnt. Mee da klappt Der déi erëm ganz of.

Also mir hunn op jiddwer Fall elo net wëlles, den Accent op privat Fester op deem Site ze setzen, well et einfach ze delikat ass. An et sech, dat hunn ech an engem aneren Interview gesot, fir kulturell Veranstaltunge vläicht besser eegent wéi fir privat Fester. Dat war jiddwerfalls net d'Zil vun der Renovatioun vun där Kierch.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hat nach eppes vergiess. Ech hunn nach eng kleng Fro un den Här Mangen. Kënne mir eis e Subsid hei erwaarden, vun där Ausdeenung vun deenen Aarbechten, déi hei ustinn? Ass do eventuell e Subsid vu Sites et Monuments oder esou ze erwaarden?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Mangen, wannechgelift.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Subsid, jo, awer warscheinlech net vill. Dat wëll ech och nach eng Kéier betounen, Dir hutt Wënsch, wat mer kënne bei der Kierch maachen. Dat si fromm Wënsch, well Sites et Monuments oder den INPA, déi schwätze mat. Ech mengen, mir kënne Propositioune maachen, mee si huele letztendlech d'Entscheedung, wat gemaach gëtt.

Mir kënnen e Subsid ufroen. Mee et gëtt warscheinlech net vill, well si och matbestëmmen, wat natierlech ronderëm d'Kierch gemaach gëtt. Si droen een Deel vun de Käschten. Mee ech mengen net, datt et elo esou e grousse Käschtepunkt ass u Bedeelegung wéi bei der Renovatioun vun der Kierch.

D'Studie iwwert d'Akustik, déi leeft. Ech hoffen, datt mer do iergendwann e Resultat kréien.

De Parvis vun der Kierch, dat war ëmmer schonn ugeduecht, datt dee bleift. D'Bild vun der Kierch soll ee jo scho vu Wäitem gesinn. Wann een dat elo alles géif zoubauen, wär dat net méi de Fall. Et soll een d'Gebailechkeet jo scho vu wäitem kucken an hirem Environne-

*En fait, la seule chose qui dérange Erny Muller concerne les tarifs de location de l'église pour les personnes privées.*
*Il comprend qu'il s'agit d'un grand local, mais des tarifs plus sociaux permettraient aux citoyens differdangeois de profiter de l'église pour y organiser des festivités.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *trouve que la rénovation de l'église de Lasauvage constitue un succès absolu. L'église vit. Elle accueille des évènements comme la clôture de la Jugendkonschtwoch.*
*Pour ce qui est du parvis, les plans montrent deux espaces verts. Mais le collège échevinal propose d'attendre et de voir de quoi les gens auront besoin. Actuellement, cette place est belle, conviviale et confortable. Ce n'est pas aux hommes politiques de prendre des décisions à son sujet.*
*Pour ce qui est des tarifs de location, la rénovation de l'église a couté particulièrement cher. Elle n'a pas été prévue pour des fêtes privées où l'on risque de salir les murs au vin ou à la graisse. Le site est trop délicat et il convient mieux à des évènements culturels qu'à des fêtes privées.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *demande à monsieur Mangen si la commune peut s'attendre à un subside du Service des sites et monuments.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *répond que oui. Mais ce ne sera pas un subside énorme.*
*Il constate que les conseillers communaux ont des idées quant à l'utilisation de l'église. Mais c'est l'INPA qui prend les décisions. La commune ne peut faire que des propositions.*
*Des études concernant l'acoustique sont en train d'être réalisées.*
*Le parvis de l'église est censé rester comme il est, car on doit pouvoir voir l'église de loin. Le cadre fait partie du style du village de Lasauvage. Il faut le préserver.*

*Robert Mangen informera l'échevin responsable des souhaits exprimés par le conseil communal.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au CIGL.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch constate qu'elle a oublié un point.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *précise qu'il s'agit de l'aménagement du parc.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *confirme qu'il est question de l'ancien terrain de football de l'AS.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *rappelle que les travaux de réaménagement ont commencé en mai. Le projet a été approuvé par le conseil communal en 2018 pour 2,3 millions d'euros: 1,240 million au frais de la commune et 1 million d'euros aux frais de l'Administration des ponts et chaussées.*
*Évidemment, les prix de l'époque ne valent plus aujourd'hui. Robert Mangen va essayer d'expliquer le nouveau devis du mieux possible. Certains montants ont dû être adaptés.*
*Les points A — génie civil et jardinage — et le point B — équipement — sont adaptés à l'indice de construction. Chaque position va augmenter de 160 000 €. Compte tenu de développement climatique et des longues périodes de sècheresse, le collège échevinal a décidé d'arroser automatiquement les espaces verts avec de l'eau collectée dans un bassin de rétention de 70 m². Le devis se chiffre à 350 000 €.*
*Concrètement, l'eau sur le toit de la maison des jeunes est collectée et déviée vers le bassin de rétention. La fontaine près de la maison des jeunes est, en revanche, alimentée par de l'eau potable pouvant être bue par les enfants qui jouent.*
*Pas loin se trouve également le bassin de rétention collectant la pluie dans le quartier. Le collège échevinal réfléchit à relier les deux bassins. L'Administration des ponts et chaussées et le SIACH sont d'accord.*

ment. Dee Kader, mengen ech, dat soll een erhalen, wat jo och am Stil vum Duerf Lasauvage a sech gehéiert. Also do passe mer schonn op, datt do net ze vill zougebaut gëtt.

Ech wäert um Ball bleiwen an dem responsabele Schäffe Bescheed ginn iwwert déi Wënsch, déi Der geäussert hutt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Et gëtt keng Wuertmeldung méi, da kënne mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans et devis pour le réaménagement de la place autour de l'église de Lasauvage ainsi que pour les travaux de drainage.*

Merci. De Punkt 3, CIGL a Vitrinnen. Här Mangen …

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Nee. Fir d'éischt Amenagement vum Park.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

O pardon, hunn ech deen elo iwwersprongen. Amenagement vum ale Fussballstadion AS. Här Mangen, Dir kritt awer d'Wuert. Pardon.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Endlech, säit Mee dëst Joer huet de Projet vum Amenagement vum ale Fussballterrain ugefaangen. Deen ursprénglleche Projet, deen 2018 am Gemengerot vum Juli gestëmmt gouf, hat e Käschtepunkt vun 2,3 Milliounen Euro, déi opgedeelt gi sinn op d'Gemeng Déifferdeng op – ech ronnen op – 1,240 Milliounen an d'Ponts et chaussées eng Millioun.

D'Verzögerung vun dësem Projet louch eleng bei der Ponts et chaussées, vereinfacht gesot, wéinst schwéierfällege Geneemegungsprozeduren.

Et ass natierlech nozevollzéien, datt den deemolege Präis haut net méi valabel ass. Ech versichen, de jëtzegen Devis, deen Iech virläit, esou gutt wéi méiglech ze erklären. Verschidde Positioune sinn un d'Deierecht ugepasst ginn, aner Positioune koumen zu deem originelle Projet derbäi.

De Punkt A, Génie civil a Jardinage-Aarbechten, an de Punkt B, Ekipement, do sinn Differenzen tëschent deem votéierten Devis vun 2018 an de Commandë vun der Soumissioun aus dem Joer 2022. Do sinn de Bauindex an all d'Käschtepunkten ugepasst ginn a jidder Positioun ass ëm ronn 160.000 Euro méi deier ginn.

De Punkt C kënnt nei derbäi. Bedéngt duerch déi aktuell klimatesch Entwécklung vun oft laangen Drécheperioden hu mir als Schäfferot entscheet, déi ugeluechte Begréngung ze schütze mat enger automatescher Begéissung aus Waasser, wat an engem Reebecken/Opfaangbecke vu 70 Quadratmeter gesammelt gëtt. De Käschtepunkt läit hei bei 350.000 Euro, déi zum Devis dobäikommen.

Wéi gëtt dat Reebeckewaasser alimentéiert? D'Waasser vum Daach vum Jugendhaus gëtt kollektéiert a gëtt an dat Reebecken deviéiert. Da kënnt och nach e Sprangbuer, eng Fontaine dohinner, déi och do bei dem Jugendhaus ass. Déi gëtt alimentéiert allerdéngs mat Drénkwaasser wéinst de Kanner. Wann déi do spillen, musse mer Drénkwaasser huelen. Fir dat Waasser awer dann net ze verbëtzen, wat dann iwwregbleift oder wat dann erëm ofgeleet gëtt, dat kënnt och an dat Becken, wat dann och erëm benotzt gëtt, fir d'Begéissung vum Gréngs vum Park.

Do hu mer geduecht, net wäit dervunner gëtt et nach en Opfaangbassin, Retentiounsbecke am Quartier, wou Waasser opgefaange gëtt. Wann et vill reene géif, hate mer geduecht, datt mer vläicht – an dat ass technesch méiglech – e Rouer leeë vun deem Becken an d'Reewaasserbecken, datt dat och domadder kéint gefëllt ginn.

Vu Ponts et chaussées hu mer d'Erlabnis kritt. Mir mussen awer nach de SIACH froen, ob déi domadder averstane sinn. Also, do kéint een eng Deviatioun maachen an deem hënneschte Beräich vun deem Becken an d'Opfaangbecken.

De Punkt D ass nei bäikomm, dee kascht 76.000 Euro. Dëse beinhalt d'Aarbechten, fir de Reewaasserkanal an de Park ze leeën, datt d'Entrée vum Park net erëm muss opgerappt ginn, wann d'Stroossebauaarbechten an der Rue Stade Henri Jungers méi spéit realiséiert ginn.

De Punkt E war leider och net virgesinn. Dat ass bedéngt duerch déi international Situatioun, souwuel Corona wéi de Krich an der Ukrain. Mir berechnen d'Deierecht vun dem gesamte Projet mat ongeféier 10 % fir d'Joer 2022 an 2023, fir ons do e bëssen e Puffer ze ginn, datt mer déi Onkäschte kënnen decken. Dat beleeft sech op 181.000 Euro.

De Punkt F, d'Honorairen. Déi goufen am originalen Devis 2018 net berécksiichtegt a sinn och net gestëmmt ginn. Dofir musse mer déi dës Kéier nach derbäirechnen. De Käschtepunkt läit bei 271.000 Euro, opgeronnt.

Zesummefaassend kascht dës Parkanlag ons elo zirka 1,410.000 Euro méi wéi ursprénglech geplangt. Dovunner si ronn 500.000 Euro bedéngt duerch d'Verzögerung vum Projet.

Mir wäerten natierlech nach Verhandlunge mat Ponts et chaussées féieren, fir awer een Deel vun dësen Onkäschten erëm e bësse wettgemaach ze kréien, well si awer och de Projet e bësse verzögert hunn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. A, ech wollt nach soen, déi Deierecht, dat bezitt sech elo nëmmen op de Projet vun der Gemeng, déi eng Millioun Euro, déi och virgesi si vu Ponts et chaussées, do kënnt d'Deierecht fir si och nach derbäi. Mee als Gemeng kann ech déi elo net berechnen. Mee insgesamt gesäit een, wann een e bëssen d'Projete verzögert, datt d'Deierecht am Laf vun der Zäit derbäikënnt. Do muss ee sech da vläicht als Politiker och iwwerleeën, wéi ee an Zukunft domadder do eens gëtt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Erlaabt mer ze soen, déi gutt Zesummenaarbecht mat Ponts et chaussées wëll ech awer ganz kloer hei ënnersträichen. D'Madamm Pregno freet d'Wuert.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Mir begréissen natierlech net d'Präisdeierecht an och net den Devis supplémentaire. Mee mir begréissen awer ganz, dass de Schäfferot agesäit, wéi wichteg den Arrosage automatique ass. Mir hunn déi lescht Deeg jo gesinn, wéi waarm et ginn ass. An déi nächst Summere wäerten och weider nach waarm ginn, wann net nach méi waarm. Eis Ekippe kommen net méi no mat nätzen an de Summerméint.

Wann dann nach Congészäit ass, wou eng ganz Rei Leit net do sinn, fir ze nätzen, net auszedenken. An et geet net drëm just do ze sinn, fir ze nätzen. Mee et geet och drëm, fir effizient ze nätzen.

Ënner effizient nätze verstinn ech engersäits, wat d'Waasserquantitéit ugeet, dass een dat Waasser op déi Plaz bréngt, wou et néideg ass, an et effizient kann agesat ginn. Anerersäits dass een d'Manpower, déi nätzt, och effizient asetzt. A wann ech gesinn, e Bamspezialist op engem Camion sëtzen a mam grousse Schlauch nätzen, da fannen ech dat net ganz effizient. Ech denken, do musse mer eise Spezialisten, an deene Leit, déi um Terrain sinn, d'Méiglechkeet ginn, hir Aarbecht selon les règles de l'art ze maachen.

Mir sinn eis bewosst, wéi wichteg d'Gréngs am Milieu urbain ass, engersäits natierlech, wann een e Paysage urbain vill méi schéi gestalt, dat ass dat eent. Anerersäits wësse mer, dass d' Gréngs am Milieu urbain d'Temperature regléiert. Sou hu mer tëschent zwee an zwielef Grad, wou d'Beem d'Temperatur no ënne reguléiere kënnen. Mir hunn eng Verbesserung vun der Loftqualitéit. D'Beem setzen d'Loftverschmotzung erof. An natierlech och e

*Le point D est nouveau et coute 76 000 €. Il s'agit d'installer les canalisations dans le parc pour éviter de nouveaux travaux une fois que la rue du Stade-Henri-Jungers sera rénovée.*
*Le point E n'était pas prévu. Les augmentations du cout du projet à cause de la pandémie et de la guerre sont estimées à 10 % pour 2022 et 2023. Cela représente 181 000 €.*
*Le point F sur les honoraires n'a pas été pris en considération dans le devis de 2018. Les couts s'élèvent à 271 000 €.*
*En tout, le parc coute 1 410 000 € de plus que prévu — dont 500 000 € à cause des retards. Le collège échevinal devra négocier avec l'Administration des ponts et chaussées, qui est responsable d'une partie des retards. Robert Mangen précise par ailleurs que ces augmentations ne concernent que le projet de la commune. L'Administration des ponts et chaussées fait face à d'autres augmentations. La leçon à en tirer, c'est plus que les projets prennent du retard, plus ils subissent des augmentations de prix.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *tient à souligner la bonne coopération avec l'Administration des ponts et chaussées.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *salue l'installation d'un système d'arrosage automatique, qui est important alors que les étés sont de plus en plus chauds. Les équipes communales ne parviennent plus à tout arroser seules. Arroser de manière efficiente signifie arroser là où il faut. Et voir un spécialiste des arbres sur un camion en train d'arroser les plantes au tuyau, ça n'a pas l'air très efficient.*
*Laura Pregno est consciente de l'importance du vert en milieu urbain. Les arbres peuvent faire baisser la température de 2° à 12°. La qualité de l'air est aussi améliorée.*
*En ce qui concerne l'arrosage automatique, il est bon de rappeler que si les arbres sont arrosés à temps et abondamment, ils deviennent plus résistants, car ils développent des réserves d'eau.*
*Laura Pregno pense qu'il vaut la peine pour la Ville de Differdange de se donner les moyens et le budget pour ce projet.*

*Elle trouve aussi que l'on pourrait créer un projet participatif dans le cadre de l'économie solidaire. Certes, l'envergure de ce parc ne le permet pas, mais dans le cadre d'autres projets, dans des allées ou des quartiers, les résidents pourraient participer à l'arrosage des arbres.*
*Les écologistes soutiennent le devis supplémentaire.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle comme monsieur Mangen que le devis initial de 2,3 millions d'euros a été approuvé le 11 juillet 2018. La part communale se montait à 1 240 000 € et celle de l'Administration des ponts et chaussées à 1 076 000 €.*
*Quatre ans plus tard, le conseil communal est censé approuver un crédit supplémentaire d'un-million-quatre-cent-dix euros. L'inflation représente une augmentation de quelque six-cent-mille euros. Huit-cent-dix-sept-mille-deux-cent-vingt-neuf euros sont destinés à des ajouts : l'arrosage, la cuve d'eau pluviale, le raccordement aux canalisations et les honoraires.*
*Pour Erny Muller, la récupération de l'eau de pluie et l'arrosage automatique font parfaitement sens dans un parc de ce type. Les socialistes regrettent cependant que le collège échevinal n'ait pas mis l'Administration des ponts et chaussées sous pression pour réaliser le projet plus vite. La commune aurait pu aussi réaliser les travaux et se faire rembourser.*
*Malgré tout, Erny Muller est content que les choses avancent. Monsieur Mangen a expliqué qu'il faudra voir comment répartir les suppléments avec l'Administration des ponts et chaussées. Le nouveau devis se chiffre à 3 727 000 €.*
*Erny Muller rappelle que le projet a été élaboré quand il était responsable de l'urbanisme. Le projet était chouette à l'époque et l'est encore aujourd'hui. Il va offrir un espace de relaxation à la population du Fousbann. La compensation des biotopes est importante. Erny Muller mentionne une allée d'arbres le long des maisons entre la Jugendfabrick et la rue menant vers l'ancien terrain de l'AS.*

ganz wichtege Saz an der Biodiversitéit am Milieu urbain.

Wa mer vun Arrosage automatique schwätzen, da wësse mer, dass mer kënne matzäiten drop agoen, wann d'Periode vun de Summerméint kommen. Well mer wëssen, dass wann d'Beem mat Zäite genat ginn a reegelméisseg genat ginn, se méi resistent sinn, well se eng grouss Späichercapacitéit entwéckelen. Ech denken, dass et wichteg ass, dass mir eis déi Capacitéit ginn an natierlech och déi finanziell Mëttelen, fir dat ze maachen. Ech denken, dass dat hei wierklech derwäert ass.

Ech hunn awer och dru geduecht, dass een, zum Beispill am Sënn vun der Gemeinwohlekonomie, mol kéint op de Wee goen, fir e Projet participatif ze maachen. Natierlech net, wann et esou grouss Projete si wéi dëse Park, an d'Envergure esou grouss ass. Mee ech kéint mer awer virstellen, dass ee verschidden Alleeën oder och do, wou Beem a Quartiere sinn, vläicht mat enger Biergerparticipatioun och emol kéint an esou Nätzprojeten, nennen ech dat emol, kéint integréieren.

Mir als déi Gréng ënnerstëtzen dëse Projet an dësen Devis supplémentaire. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Mir schwätzen haut iwwert de Park AS-Terrain. Wéi den Här Mangen scho sot, ass am Gemengerot vum 11. Juli 2018 en Devis initial vun 2,3 Milliounen Euro gestëmmt ginn, hors honoraires.

Dobäi war d'Part communale chifféiert op 1.240.000 Euro an d'Ponts et chaussées sollt sech mat 1.076.000 Euro bedeelegen.

Haut, bal genee véier Joer duerno, kréie mir en Devis virgeluecht, wou mer mussen 1.410.000 Euro nostëmmen. Bedéngt engersäits duerch d'Differenz vun der Soumissioun 2022, dat heescht d'Deierecht par rapport zum Devis vu viru véier Joer. Dat mécht, ech hunn déi Zomm dobäigerechent, déi och nach extraordinär als Previsioun weider dran ass, dat si ronn 600.000 Euro. An e Plus vun 817.229 Euro fir dat, wat zousätzlech realiséiert gëtt, dat heescht den Arrosage, d'Benätzung, wéi mer gesot hunn, d'Cuve d'eau pluviale, de Raccord un d'Kanalisatioun an och d'Honorairen, déi am éischten Devis net virgesi waren.

Dobäi muss een awer soen, dass d'Recuperatioun vu Reewaasser an en automateschen Arrosage an esou engem Park absolutt Sënn mécht. Dat ass och vun de Virriedner scho beliicht ginn.

Als LSAP kënne mir nëmme bedaueren, dass de Schäfferot bei den Instanzen, dat heescht hei der Ponts et chaussées, net genuch Drock gemaach huet, fir dass dee Projet méi séier sollt duerchgezu ginn. Respektiv mir hätten e vläicht kënne virfinanzéieren an ënner der Regie vun der Gemeng maachen, dann hätt Ponts et chaussées sech herno un hirer Part bedeelegt.

Dat ass leider net de Fall. Mir sinn awer frou, dass mer weiderkomme mat deem Ganzen. An den Här Mangen huet jo och gesot, dass mer elo musse kucken, mat Ponts et chaussées, dass vun deenen Zousazkäschte Ponts et Cchaussées no engem änleche Verdeelungsschlëssel dann och hir Part do matiwwerhëlt.

Deen neien Devis, deen eis haut virläit, beleeft sech am Ganzen op 3.727.000 Euro.

Wéi gesot, déi Zäit virdrun, wou mir nach am Schäfferot waren als LSAP, an ech och mat dru bedeelegt war als Urbanismusresponsabelen, gouf en ausgeschafft. Ech mengen, mir kënne just soen, et ass e ganz flotte Projet an do ware mer eis jo och deemools alleguer eens. A wann ech dat richteg verstinn, och nach haut.

Et ass e Projet, deen e groussen Erhuelungsfacteur fir d'Populatioun vum Quartier Fousbann, awer och all déi aner duerstellt. Ech muss och soen, en ass och deelweis als Kompensatiounsmoossnam iwwert d'Biotopbilanzierung-Kompensationsmaßnahme vu Beem an aner Grénganlagen, déi

schonn op där Plaz stoungen. Do ass och wichteg, laanscht d'Haiser hanne kënnt och eng Bamallee déi dann och de Park respektiv d'Maison des jeunes, d'Jugendfabrick ofschiermt par rapport zu den Haiser, déi déi aner Säit stinn. Op der Strooss, déi fréier op den AS-Terrain gefouert huet, do an deem Quartier, kréie mer eng Bamallee nach hanner d'Haiser stoen.

Et ass e ganz flotte Projet, wou mer just bedaueren, dass et esou laang gedauert huet. Mee d'LSAP stëmmt selbstverständlech den Zousazdevis. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll …

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Ruckert, géift Der Äre Mikro umaachen, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Jo, en ass un. Funktionéiert en? Nee.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ee Moment, Här Ruckert, mir sinn amgaangen duerno ze kucken.

(Technesch Ënnerbriechung)

Här Ruckert, et ass un Iech. Ech mengen, e geet elo.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei begréissen ech, dass dee Projet vun deem Park elo endlech realiséiert gi kann, mat esou enger grousser Verspéidung.

Ech hätt awer an deem Zesummenhang eng Fro: Wat sinn d'Grënn, dass dat véier Joer gedauert huet, dass esou e Park ka gemaach ginn? Dat si jo keng komplizéiert architektonesch Realiséierungen, déi do musse gemaach ginn. Wat sinn d'Grënn, firwat dat net geklappt huet an déi elo derzou féieren, dass et esou vill méi deier gëtt?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Ruckert, ech géif soen, vu dass den Här Ulveling elo net do ass, an deen awer Maître en la matière ass, dass mer Iech entweeder d'Erklärung den 28. September ginn oder se schrëftlech zoukomme loossen. Dat eenzegt, wat ech Iech ka soen, dass ech ganz am Ufank vu mengem Mandat flott Versammlungen hat, fir iwwerhaapt emol alles kloerzestellen a fir alles emol an déi richteg Bunnen ze bréngen, fir dass de Projet iwwerhaapt konnt ugefaange ginn.

Dofir hunn ech virdrun och ganz kloer op déi gutt Zesummenaarbecht mat Ponts et chaussées higewisen, déi sech bereet erkläert hunn, fir mat eis dee Projet do unzegoen. Wat d'Grënn sinn, dass dat elo esou laang gedauert huet, dat entzitt sech menge Kenntnisser. Do géif ech ëm Äert Versteesdemech bieden.

Den Här Krecké huet vläicht e puer Erklärungen, déi en eis ka ginn. Merci, Här Krecké.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ech kann deels technesch Erklärunge ginn. Ufanks hate mir als Stad Déifferdeng eigentlech d'Iddi fir et selwer ze maachen, mir hu jo scho Parken amenagéiert. Mee well d'Maîtrise d'ouvrage vun der Rocade op der Ponts et chaussées logescherweis louch a well si iwwert d'Rocade esou vill Kompensatiounspunkten ze maachen an ze leeschten haten, déi dann zu hirer Quote-part am Park leien, si si un eis erugetrueden, fir ze soen, ma well mir souwisou eis Installation de chantier an alles hunn, da maache mir et.

*Les socialistes regrettent que le projet ait pris autant de temps, mais ils approuveront le crédit supplémentaire.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *cède la parole à monsieur Ruckert et lui demande d'allumer son micro.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *s'étonne que son micro ne fonctionne pas.*
*(Interruption)*
*Ali Ruckert essaie un autre micro, qui fonctionne.*
*(Interruption)*
*Ali Ruckert répète que l'autre micro ne fonctionne pas.*
*(Interruption)*
*Ali Ruckert salue à son tour l'aménagement de ce parc malgré tous les retards. Pourquoi a-t-il fallu attendre quatre ans ? Les travaux n'ont pas l'air particulièrement complexes. Qu'est-ce qui explique les augmentations ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose de lui fournir les réponses le 28 septembre, quand monsieur Ulveling sera là. Tout ce qu'elle peut dire, c'est que depuis qu'elle est bourgmestre, tout a été fait pour que les travaux puissent commencer. La collaboration avec l'Administration des ponts et chaussées s'est bien passée. Christiane Brassel-Rausch ne sait pas pourquoi il a fallu autant de temps.*
*Monsieur Krecké a-t-il des explications ?*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *explique qu'au départ, la commune voulait aménager le parc elle-même. Mais comme l'Administration des ponts et chaussées réalisait la rocade et qu'elle avait de nombreuses compensations écologiques à faire dans ce contexte, elle a proposé de s'occuper également du parc. Mais l'Administration doit se tenir à des phases du calendrier pour lancer un marché public. C'est comme ça que deux saisons ont été perdues.*

*Henri Krecké estime qu'il faut renégocier les augmentations. Il trouve que les frais pour l'arrosage automatique et le bassin de rétention devraient aussi être subdivisés. En tout cas, les retards ayant entrainé les augmentations ne sont pas dus à la commune. L'Administration des ponts et chaussées n'a pas réussi à sortir leur cahier des charges à temps deux saisons de suite.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *n'a rien à redire au projet, mais il souhaiterait une communication plus efficace. Les riverains ont reçu un flyer une semaine avant le début des travaux avec un numéro de téléphone, mais sans informations concernant les répercussions concrètes pour les habitants. La commune n'aurait-elle pas pu présenter des plans sur le site internet avec des informations concrètes ?*
*Il aurait aussi été pertinent d'indiquer une date de fin des travaux. Même si cette date n'est pas connue, on pourrait au moins donner aux gens une durée approximative.*
*Pour ce qui est du numéro de téléphone, Pierre Hobscheit plaint la personne devant répondre aux appels, car elle se retrouvera confrontée aux questions les plus bizarres. En 2022, il existe d'autres moyens de communication que le téléphone. Il y a des approches plus modernes, plus originales et plus efficaces. La prochaine fois, il faudrait penser à autre chose qu'un flyer.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *tiendra compte des remarques de monsieur Hobscheit.*
*Mais pas plus tard qu'hier, quelqu'un a demandé à la bourgmestre de distribuer plus de flyers parce que tout le monde ne surfe pas sur internet. C'est une question de générations et il faut en tenir compte aussi.*
*(Vote)*

Well an der Natur ass et jo esou: Fir Beplanzungen hues de ëmmer zwou Phasen, wou se de se kanns setzen. An dee Marché muss dann och esou am Kalenner orientéiert sinn, däi Marché public, dass dat dann opgeet. Do hu se zwou Saisonen dra vergaut, wat leider wierklech net an eiser Intentioun an och net am Interessi vum Quartier do ass.

An ech ginn Iech absolutt Recht, déi Deierecht, déi do stattfonnt huet, déi net eis virzewerfen ass, doriwwer muss renegociéiert ginn. Ech sinn och grad esou der Meenung, dass den Arrosage, dee momentan op eiser Quote-part läit, och misst proratiséiert ginn.

Well een Arrosage automatique an och en Opfaangbecken do ze plangen, misst a mengen Ae proratiséiert op déi zwou Parteien opgedeelt ginn oder op jidde Fall renegociéiert ginn. An da géif och en Deel vun eisem Budget deementspriechend erofgoen. Mee d'Deierecht eleng ass kengesfalls, dass mir elo eppes do verschleeft hätten. Si hunn zweemol hire Cahier de charges an zwou Saisonen net an de Fristen erauskritt. Dofir sti mer elo, wou mer stinn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Krecké. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären. Dass de Projet flott ass, dat stellen ech guer net a Fro. Ech géif mer just heiansdo eng besser Kommunikatioun ronderëm esou Projete wënschen.

Eng Woch ier d'Aarbechten ugefaangen hunn, haten d'Leit aus dem Quartier e Flyer an der Boîte. Ech muss soen dee Flyer war zimmlech „nichtssagend." Et bréngt mer net ganz vill, de 15. Mee gewuer ze ginn, dass den 23. Mee ugefaange gëtt, un dräi Saachen ze schaffen, an et seet een net, wat fir Repercussiounen déi Aarbechte mat sech bréngen.

Et steet da just eng Telefonsnummer drop, wou een uruffe kann. Eng modern Kommunikatioun, muss ech éierlech soen, stellen ech mer e bëssen anescht vir. Do kéint een, zum Beispill, och eppes um Internetsite maachen, mat Pläng, wou een de Leit weist: Hei, mir maachen Aarbechten an dat sinn déi reell Auswierkunge vun deenen Aarbechten. Dass d'Leit sech och eppes kënnen drënner virstellen.

Ech fannen et och net ganz glécklech – ech weess, dat ass net ëmmer einfach anzeschätzen –, wa just do steet: Mir schaffen ab dem 23. Mee. Et kéint een de Leit awer soen, d'Aarbechten daueren ongeféier ee Joer, ongeféier zwee Joer. Mee einfach just „Mir schaffen ab dem 23. Mee" fannen ech e bëssen onprezis. An ass dann éierlech gesot de Pabeier net wäert.

An da steet eng Telefonsnummer drop, wou ee méi Informatioune ka kréien. Éischtens deet déi Persoun mer leed, déi do den Telefon muss ophiewen a warscheinlech mat deene komeschste Froe konfrontéiert gëtt.

Zweetens, mat all deene Kommunikatiounsmoyenen, déi een am Joer 2022 huet, ass eng Telefonsnummer op engem Flyer vläicht net déi originellst an déi modernst Approche an och, éierlech gesot, net immens effikass. Dat heescht, do kéint ee vläicht an Zukunft e bëssen ëmdenken, wann een esou Flyer mécht. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Ech huelen Är Ureegung mat. Wou ech Iech awer net ganz Recht ginn, well ech gëschter d'Diskussioun an engem aneren Domän hat, wou gefrot ginn ass: Kënnt Der de Leit net erëm méi Flyeren an d'Boîte leeën, well et ass net jiddwereen um Internet.

Wéi gesot, do spigelt sech, mengen ech, deen Zwispalt erëm. Et ass eng Generatiounefro, dat wësst Dir sou gutt wéi ech, bis mer do sinn. A mir musse kucken, fir deenen zwee Rechnung ze droen. Mee Är Ureegungen huelen ech gäre mat.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis actualisé pour les travaux initiaux d'aménagement d'un parc sur l'ancien terrain de football AS ainsi que pour les travaux d'installation d'un système d'arrosage automatique et d'une cuve d'eaux pluviales.*

Merci. Här Mangen, elo komme mer awer zum CIGL, deen ech virdru falsch ugekënnegt hat. D'Wuert ass fir Iech. Merci.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Gott sei Dank gëtt et och ganz erfreelech Posten an dësem haitege Gemengerot. An do ass d'Poppespënnche CIGL een dervun.

D'Konventioun mat der Poppespënnchen hate mir am virege Gemengerot ofgestëmmt. Dës Associatioun huet wäertvoll Marionetten, déi se engem breede Publikum wëllen zougänglech maachen. Fir de Cachet vum Theatersall, wou se aktuell spillen, an der Lasauvager Schoul ze halen, hu mir ons iwwerluecht, do al Schief mat Vitrinnen opzestellen, wou d'Marionette virgefouert kënne ginn.

An enger zweeter Etapp – an dat kléngt jiddefalls villverspriechend – géife mir als Gemeng een nationale Marionettemusée op Lasauvage kréien. Dat ass sécherlech eng Opwäertung vun dësem pittoresken Duerf an eng zousätzlech touristesch Attraktioun fir Déifferdeng.

Et géif mech freeën, wann Der dofir den Zouschlag maacht. Den Devis läit Iech vir. Et sinn ongeféier 10.000 Euro. Et ass schwéier ze chiffréieren. Dat hänkt vun de Schief of, déi de CIGL kritt an och wéi d'Aarbecht ass, déi si do investéieren, fir d'Schief ze kréien. Mee et läit ongeféier an deem Beräich do. Et ka vläicht e puer Euro méi oder manner sinn. Dat hänkt eebe vun de Schief of.

Et géif mech freeën, wann Der Iech fir dëse Projet kéint asetzen, souwuel fir d'Poppespënnche wéi och fir de CIGL, fir déi schéin Aarbecht, déi se mat dem recycelte Miwwel maachen. Also, do kann een ëmmer erëm staunen, wat se do fäerdegbréngen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Moien alleguer. Merci fir d'Wuert. Et geet ëm den Devis vum CIGL fir d'Marionetten. Et besteet e Projet, fir mat der Ënnerstëtzung vum Kulturministère e Marionettemusée ze maachen.

Dat hei ass en Deel dovun. Et ginn hei keng fäerdeg Vitrinne kaf, mee et wäerten Unikater entstoen, déi dann och faarflech op de Sall solle passen. Et ass e Projet mat sozialer Komponent, deen zesumme mam CIGL gemaach gëtt. De CIGL ass schonn amgaangen, hëlze Schief ze sammelen, déi dann als Vitrinn sollen ëmgebaut ginn. A fir de Marionettefestival am September solle se dann och fäerdeg sinn.

Als Gréng begréisse mer, dass dës Vitrinnen aus gebrauchte Miwwel gemaach ginn. Mir stëmmen dëse Projet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Och mir begréissen dee Projet. Sinn och frou, dass mer mam CIGL e valabele Partner fannen, fir dat do iwwerhaapt kënnen ze maachen. Well haut gesäit een och, wann een esou Aarbechte wëllt maachen, fënnt een net ëmmer um Marché dobaussen déi richteg Entreprisen.

Mir hätten eng kleng Fro. Mir wëssen, dass de Poppentheater eng ganz wäertvoll Aarbecht mécht a flott Aarbecht an

*Christiane Brassel-Rausch passe au CIGL.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *constate que parmi les bonnes nouvelles figure le projet Poppespënnchen du CIGL.*
*La convention avec le Poppespënnchen a été approuvée lors de la dernière séance. L'objectif de l'association est de faire connaitre le monde des marionnettes au grand public. La salle de théâtre de l'école de Lasauvage sera équipée d'anciennes armoires avec des vitrines pour exposer les marionnettes.*
*Dans une deuxième étape, la commune veut créer un musée national des marionnettes.*
*Robert Mangen demande au conseil communal d'approuver un devis de 10 000 €. Le prix exact dépendra du temps que le CIGL devra investir dans la réalisation des armoires. L'échevin estime qu'il faut soutenir aussi bien le Poppespënnchen que le CIGL, qui recycle d'anciens meubles avec talent.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *répète que le devis porte sur un projet du CIGL pour les armoires. Un deuxième projet prévoit un musée des marionnettes en partenariat avec le ministère de la Culture.*
*La commune ne va pas acheter des vitrines, mais fera réaliser des pièces uniques par le CIGL. Les armoires devraient être prêtes pour septembre quand aura lieu le festival des marionnettes.*
*Les écologistes sont contents que les vitrines soient réalisées à partir de meubles de seconde main.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *salue à son tour ce projet. Il se dit content que le collège échevinal ait choisi le CIGL comme partenaire. Car il est difficile de trouver des entreprises réalisant de tels projets.*
*Le travail du théâtre des marionnettes est reconnu à Differdange et au-delà.*

*Le collège échevinal vient de parler d'un musée. Est-ce la raison pour laquelle la salle n'est plus mise à disposition pour d'autres manifestations? C'est ce qu'Erny Muller a entendu, mais elle n'a pas plus d'informations.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *croit savoir que la salle est accessible au public — sauf aux dates réservées par le théâtre des marionnettes. Le musée sera, quant à lui, aménagé dans une autre salle.*
*Christiane Brassel-Rausch répète que la salle est ouverte aux manifestations publiques et qu'il faudra voir où aménager le musée.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 3e, le décompte du centre sportif de Niederkorn.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *rappelle que la salle sportive du campus de Niederkorn a été inaugurée il y a quelques semaines avec monsieur le ministre Engel. Il trouve le projet réussi et en remercie l'échevin aux bâtisses de l'époque, monsieur Muller.*
*Le devis se montait à 8 235 000 €. Le projet a finalement couté 3000 € de moins que prévu.*
*Robert Mangen remercie aussi l'État, qui a versé un subside de deux-millions d'euros.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *se réjouit particulièrement des couts. Le rapport qualité-prix est bon même si on le compare à d'autres centres sportifs dans d'autres communes.*
*Erny Muller exhorte le collège échevinal à ne pas écarter d'office l'idée de project management. Généralement, les architectes y sont fortement opposés, mais la commune connait leurs honoraires. Dans des projets comme celui-ci, la commune fixe ses attentes et un chiffre. Un cahier des charges détaillé est élaboré en fixant le prix maximal du projet.*

och iwwert d'Grenzen eraus vun eiser Gemeng bekannt ass.

An d'Fro ass: Mir hunn elo héiere vun engem Poppemusée, ass dat elo de Grond, firwat de Sall am Fong net méi weider verlount gëtt oder zur Verfügung gestallt gëtt fir aner Manifestatiounen? Oder ass dat net esou? Dat hu mer héieren. Mee mir wëssen net, wéi dat elo geduecht ass. Ass dat aus deem Grond, well dee Poppemusée soll do drakommen, dass de Sall net méi op ass fir aner Organisatiounen? Et ass just eng Fro. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Sou wäit ech au courant sinn ass dee Sall nach ëmmer zougänglech fir de Public. Et ass eebe just, fir d'Datumen, déi de Poppentheater reservéiert huet, do wäerte si en hunn. An de Musée kënnt jo net an dee Sall. De Musée kënnt jo op eng aner Plaz.

D'Salle La Sauvage ass nach op fir de Public fir Versammlungen. A mir sinn amgaange mat Verhandelen, fir ze kucken, wou mer – dat ass och am Lafen – dee Musée kënnen hikréien.

Wann et keng weider Wuertmeldung gëtt, komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour la confection par le CIGL d'armoires et vitrines du musée de marionnettes.*

Merci, Dir Dammen an Dir Hären. Här Mangen, Dir hutt haut e bësse méi ze dinn. Géift Dir eis och den nächste Punkt virstellen, de Punkt 3), do geet et ëm en Dekont vumneiern Hall sportif zu Nidderkuer. Dir hutt d'Wuert, wannechgelift.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Mir hunn hei den Dekont vum neien Hall sportif vum Campus Nidderkuer virleien, dee mir virun e puer Woche mam Minister Engel ageweit hunn. Perséinlech fannen ech et e gelongene Projet. An ech soen awer och dem deemolege Bauteschäffen, deen hei riets niewent mer sëtzt, Merci, datt en dat gemaach huet. Den Här Muller, dee sech jo ursprénglech och do drëm gekëmmert huet.

Den Devis war virgesi fir 8.235.000 Euro. Deen ass agehale ginn. Mir si souguer 3.000 Euro ënnert dem virgeplangten Devis.

E grousse Merci och un de Staat, deen ons mat ronn zwou Milliounen Euro subventionéiert.

Ech soen Iech Merci fir d'Stëmme vun dësem Dekont.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'éischt dem Här Mangen fir déi léif Wierder. Wat mech perséinlech immens freet, ass de Käschtepunkt vun där Hal. Wa mer kucken, wat mer do stoen hunn a wa mer kucken, wat et kascht huet. Dir kënnt iwwert d'Gemengegrenzen eraus kucken, wat aner Gemenge bezuelt hunn, fir änlech Halen opzeriichten. Dat ass eng ganz Staang méi.

Da wollt ech hei nach eng Kéier de Schäfferot invitéieren, fir déi Iddi vum Projektmanagement ze maachen als Verfaren, fir déi Iddi net ganz falenzeloossen. Well ech kann Iech och soen, déi Iddi, déi gëtt net vun allen Architektenorganisatioune gedeelt. Déi si staark ëmmer géint esou eng Initiativ. Mee Dir wësst jo, wéi vill d'Honorairekäschten duerstellen an engem Projet.

Dat hei si Projeten, do gëtt e globale Chiffer festgeluecht, an et gëtt gesot, wat mer gär hätten. Et gëtt ee Cahier de charges ausgeschafft, dee muss natierlech ganz detailléiert sinn. An dee Cahier de charges gëtt dann un, wat dat Ganzt kaschten däerf.

Et gesäit ee jo hei, dass mer do Geld kënne spueren. Haut kann ee vläicht e bësse bedaueren, dass mer de CID zu Nidderkuer net esou gemaach hunn. Dat ass elo leider ze spéit. Mee mir gesi jo, wat do geschitt ass, wat mer do fir eng Explosioun haten.

Ech wëll net soen, dass bei esou engem Verfaren, wann dat geschitt, wat elo déi lescht Méint amgaangen ass, dass mer dann net och Käschtenerhéijunge gehat hätten, mee et wär awer ze relativéieren, well do schafft ee mat feste Präisser.

Wéi gesot, nach eng Kéier encouragéieren ech all déi politesch Responsabel, déi aktuell an déi zukünfteg, sech déi Initiativ, dat Verfaren eng Kéier unzekucken an unzehéieren, fir op deem Wee och emol ze schaffen. Quitte, dass ee vläicht net alles mécht, mee eenzel Projeten. An da gesäit ee jo, dass een och domat e wäertvolle Projet ka maachen.

Dat gesot, merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Et gëtt keng weider Wuertmeldung, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte des travaux de construction d'un nouveau hall sportif au campus scolaire Niederkorn-centre.*

Villmools merci. De Punkt 4 hu mer am Ufank vun eiser Seance vum Ordre du jour gestrach. Domat si mer beim Punkt 5, dee mer nach duerchhuelen, ier mer eng kleng Paus aleeën, an och fir dem Här Mangen eng kleng Erhuelung ze gënnen.

Hei geet et ëm d'Schoulorganisatioun fir 2022. Dir hutt de ganze kompletten Dossier bäileien, souguer alles ënnerstrach, wat nei ass, fir dass Der Iech erëmfannt.

D'Schoulorganisatioun ass plus ou moins d'nämmlecht wéi dat Joer virdrun, 2021/2022. Mir hunn en Taux de base vum Encadrement vun 1,75 Stonne fir all Schüler. Beim Taux socio-économique si mir bei 118 Punkten, bei engem Maximum vun 120. Déifferdeng läit do ganz héich. Dat heescht, dat ass d'Zesummesetzung vun der Populatioun, wat mer jo da méi vum Ministère kréie fir eis Schüler. Do leie mir relativ héich.

Nei ass: Duerch d'Ukrainer, déi mer hei an der Gemeng ugesidelt hunn, ass e Poste bäikomm, fir déi Kanner ze encadréieren, bei déi aner Iwwerstonnen, also Heures supplémentaires, déi hors contingent sinn.

Dir kënnt alles noliesen. Ech wäert elo just zwou, dräi wichteg Saachen erausshiewen. Mir hunn eis eng Ajoute am Règlement d'ordre interne ginn, ech hunn dat schonn eng Kéier hei gesot, am Sënn vum Schutz vun de Kanner. Dass kee méi an d'Schoulgebai soll kommen, ouni dass ee weess, wien do ass.

D'Eltere ginn deemno vun de Responsabele vun de Maison-relaise wéi vun de Schoulen, de Schouljofferen an de Schoulmeeschtere just nach op Rendez-vous empfaangen. Dat ass ganz sécher net, fir d'Elteren auszeschléissen. Well mir sinn nämlech an der Schoulkommissioun aktiv drun. Mir hunn en anere Problem, mir hunn net genuch Elteren, déi sech aktiv abréngen an dee ganze Schoulkader. Et ass fir d'Sécherheet ze garantéieren, dass jiddweree weess, wien am Gebai ass oder dass een eng Iwwersiicht huet. Dat ass mer ganz wichteg ze soen.

Da wësst Der och, dass mer Um Bock e Pilotprojet lafen hu mat Alphabetisatioun op Franséisch. Am Ganze si mer zu véier Gemengen. Dat fänkt am Cycle 2 un, awer eréischt fir d'Rentrée 2023/2024. Firwat déi Rentrée? Fir eis an d'Startlächer ze setzen. Also déi Enseignanten, déi dat wëlle matdroen, fir dee Pilotprojet op d'Been ze stellen.

Elo gëtt et vill Concertatiounen tëschent de Leit ënner sech, fir ze kucken, bei wéi enge Kanner aus dem Cycle 1 eng franséisch oder däitsch Alphabetisatioun besser wär. Dat gëtt vu Grup-

*Cette procédure permet d'économiser de l'argent et il est regrettable que la commune n'ait pas agi de la sorte pour le CID. Malheureusement, il est trop tard.*
*Certes, une augmentation aurait été inévitable, mais elle aurait été relative, car le prix est fixé d'avance.*
*Erny Muller encourage tous les responsables politiques actuels et futurs à s'intéresser à ce système. Il n'est peut-être pas adapté à tous les projets, mais il est efficace.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*passe au point 5, l'organisation scolaire, avant de faire une pause pour permettre à monsieur Mangen de récupérer.*
*Les conseillers communaux disposent du dossier, où les nouveautés sont clairement indiquées. Il y a peu de changements par rapport à 2021-2022.*
*Le taux de base de l'encadrement s'élève à 1,75 par enfant. Le taux socioéconomique de Differdange est de 118 sur 120 au maximum. Ce taux est fourni par le ministère sur la base de la composition de la population.*
*Un poste a été ajouté pour encadrer les enfants ukrainiens.*
*Une des modifications concerne le règlement d'ordre interne. Personne ne doit pouvoir accéder aux établissements sans autorisation. C'est pourquoi les enseignants et les éducateurs n'accueilleront les parents que sur rendez-vous. Bien entendu, il ne s'agit pas d'exclure les parents, qui devraient au contraire s'engager davantage dans la vie scolaire, mais d'assurer la sécurité des enfants.*
*Un projet d'alphabétisation en français est prévu à l'école du Bock pour le cycle 2 en 2023-2024. En tout, quatre communes sont concernées. Les enseignants ont besoin d'un peu de temps pour tout organiser. Il s'agit notamment de voir pour quels enfants du cycle 1 l'alphabétisation en français est plus appropriée que l'alphabétisation en allemand. La décision reviendra aux parents. Les deux groupes fonctionneront dans la même classe.*

*Les enseignants seront confrontés à de nouveaux défis. La Ville de Differdange se réjouit, quant à elle, de prendre part à ce projet pilote. Christiane Brassel-Rausch est curieuse de voir quelles solutions les enseignants vont proposer.*
*Le dossier maison relais-Lasep ne se déroule pas aussi bien que prévu. Contrairement aux écoles, les maisons relais fonctionnent selon les principes du Weltatelier. La commune a essayé de détendre la situation. Mais la Lasep a publié un courrier échangé avec la commune dans son bulletin. C'est légal, mais ce n'est pas la façon dont deux partenaires sont censés discuter.*
*Christiane Brassel-Rausch tenait à en parler au cas où les conseillers communaux entendraient des échos de cette affaire*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *constate que le dossier est complet et bien préparé. Elle remercie madame Monique Schmit et les autres acteurs.*
*Le nombre d'élèves par classe augmente, mais ce n'est pas forcément un point négatif. Ce qui est important, c'est que les enseignants confrontés à des enfants difficiles soient soutenus. Il faudra réagir rapidement.*
*Pour l'éducation précoce, le ministère fixe un maximum de 20 enfants par classe même si idéalement, ce chiffre ne devrait pas dépasser 18. C'est pourquoi la commune proposera aux parents d'inscrire leurs enfants dans une autre école le cas échéant.*
*L'alphabétisation en français doit permettre de faciliter l'apprentissage des enfants ne parlant pas le luxembourgeois à la maison. Ces enfants rencontrent souvent des difficultés avec l'allemand. Les parents prendront la décision.*
*Comme l'a dit la bourgmestre, les groupes fréquenteront la même classe. Le luxembourgeois restera la langue commune. Tous les enfants apprendront les trois langues.*
*Nicole Wohl souligne le nombre d'activités proposées comme l'École nature, l'École technique ou l'École créative. Elle mentionne aussi l'école du vélo, où les enseignants peuvent donner des cours aux enfants. Lors de la dernière*

pen entscheet, awer d'Haaptentscheedung läit bei den Elteren.

D'Elteren entscheeden, ob hir Kanner eng däitsch oder franséisch Alphabetisatioun maachen. An déi zwou Sprooche sinn an enger Klass.

Do komme ganz vill nei Erausfuerderungen op d'Léierpersonal duer. Mir freeën eis, als Gemeng Deel ze si vun esou engem Pilotprojet. A mir si gespaant op d'Léisungen, déi bei all deenen Defien do wäerte mussen ausgeduecht ginn.

Dann e bësse méi e quokelegen Dossier, dat ass Lasep a Maison relais. Dat leeft net esou gutt, muss ech soen. Also ech schwätzen net vun der Schoul. Deen Dialog mat der Maison relais huet sech iergendwou festgefuer.

An enger Entrevue, déi mer hate mat der Lasep, am Fong fir d'Saach e bëssen ze entspanen, also fir eng besser Zesummenaarbecht, wéi gesot, mat de Maison-relaisen, well déi hu jo hire Welt-Atelier, déi hu jo Prinzippien no deene se schaffen, hu mir am Nachhinein als Gemeng festgestallt, dass d'Lasep an hirem Bulletin – si huet dat Recht et ze maachen, si ass legal, awer si huet eis emol net informéiert – de Courrier, deen ausgetosch ginn ass tëschent Gemeng a Lasep, publizéiert huet. Wat eis natierlech net immens gefall huet. Dat ass net de gudde Wee, fir als gläichberechtegt Partner an Diskussiounen ze goen.

Ech wëll et just hei ernimmen, wann Der do Echoe kritt, d'Situatioun ass am Moment e bësse verfuer.

Dat war meng Presentatioun vun der Schoulorganisatioun. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. D'Buergermeeschtesch huet eis et elo virgestallt. Et handelt sech ëm e ganz ausféierlech gutt ausgeschafften Dossier. Mir wëllen der Madamm Monique Schmit a sämtlechen Acteuren, déi um Dossier geschafft hunn, Merci soen.

Deemnächst wäert d'Zuel vun de Schüler pro Klass an d'Luucht goen, dat ass eeben net aneschters méiglech. An dat muss och net onbedéngt negativ sinn.

Wichteg ass elo, dass wann Enseignanten, déi schwiereg Kanner hunn oder vill Kanner hunn oder déi Schwieregkeete mat Kanner hunn, dass déi ënnerstëtzt ginn, sou wéi dat bis elo warscheinlech de Fall war. Mee do soll een ëmmer direkt reagéieren.

Wat d'Éducation précoce ubelaangt, sou ass pro Klass vum Ministère e Maximum vun 20 Kanner virgesinn. Am Fong geholl hu si sech hei ralliéiert, soen allerdéngs, dass 18 pro Klass de Maximum ass, wou een d'Kanner ideal betreie kann. Dofir ass et jo och elo esou, dass wann eng Kéier keng Plaz ass an enger Schoul, dass d'Eltere proposéiert kréien, hiert Kand ee Joer, maximal ee Joer, an enger anerer Schoul anzeschreiwen, wou Plaz ass.

Wat och ervirgestrach ass, dass op engem Campus, wou déi verschidde Gebaier ze vill ausernee sinn, dass drop opgepasst ginn ass, dass d'Horairen differéiert sinn, fir dass d'Elteren hir verschidde Kanner alleguer an d'Klass begleede kënnen.

Alphabetisatioun op Franséisch, dat ass nei. D'Déifferdenger Gemeng ass eng vun deene véier Gemengen, wou dat soll ulafen. Bei eis ass Um Bock deen éischte Projet. Mam But, de Kanner, déi doheem net Lëtzebuergesch schwätzen, et méi einfach ze maachen, well besonnesch si e Problem mam Däitschen hunn.

Hei ass et dann och esou, dass d'Eltere wiele kënnen, ob si hiert Kand an déi franséisch Alphabetisatioun aschreiwen oder net.

Wéi d'Madamm Buergermeeschter scho gesot huet, ech fannen dat méi schéin, d'Klasse wäerten awer gemëscht sinn, ausser eeben am Däitschen an am Franséischen. D'Lëtzebuergescht soll weider eng gemeinsam Sprooch bleiwen an all Kand soll schlussendlech och déi dräi Sprooche léieren.

Et gesäit een och am Dossier, wéi vill verschidde praktesch Aktivitéiten ugebuede ginn. Ech nennen elo just d'Naturschoul, d'Technikschoul, d'Kreativschoul. Ech fannen dat ganz flott a

ganz wichteg. Dat war bis elo och ëmmer esou bei eis hei zu Déifferdeng.

Ech denken awer och elo kuerz un d'Vëlosschoul, wou verschidden Enseignanten dofir fräigestallt ginn, also fräigestallt Stonnen hunn, fir de Kanner dat bäizebréngen. An ech hunn och gelies, dass an der Coupe scolaire, déi Kanner déi, déi Méiglechkeet hunn, dat an der Schoul ze léieren, do besser ofgeschnidden hunn. Dat ass immens wichteg fir d'Sécherheet op der Strooss.

Et deet mer e bësse leed, dass d'Kollaboratioun mat der Museksschoul net konnt sinn, wéi dat och d'lescht Joer schonn net gaangen ass. Dat ass e bësse schued. Vläicht ass do nach e bësse Sputt no uewen, vläicht ass déi Méiglechkeet erëm ginn.

De Spodi fannen ech eng ganz gutt Iddi, dass mer deen elo hunn, dass de Sport am Fong geholl bei d'Kanner geet. Ech muss awer elo ganz perséinlech soen, dass ech et schued fannen, dass sech Fronte gebilt hunn, wat de Sport ubelaangt. Ech denken un dat, wat d'Madamm Buergermeeschtesch grad gesot huet, vun der Lasep.

Bis elo war et ëmmer d'Lasep, déi de Kanner eng Villfalt u Sportaarten op eng spilleresch Aart a Weis ugebueden huet. Ech fannen et wierklech schued, wann et grad am Sport esou Fronte ginn. Ech hoffen, dass een do kann erauskommen an eng nei Manéier fannen, wou déi verschidde Leit hir Plaz fannen.

Ech soen op jiddwer Fall all deene Merci, déi d'Kanner bis elo an der Lasep betreit hunn. Dat ass eppes immens Wichteges fir d'Gesondheet vun de Kanner.

Ech begréissen, dass d'Règlement interne vun der Schwämm elo steet, wat d' Personal an d'Kanner encadréiert. Well et geet jo ëm d'Sécherheet, wéi d'Buergermeeschtesch scho gesot huet. Ech hu gelies, do steet, dass d'Personal net dierf um Handy sinn, déi Zäit, wou d' Kanner am Waasser sinn. An ech hoffen, dass se sech och dorunner halen an och virdrun dru gehalen hunn.

Mir stëmmen op jiddwer Fall dëse Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, virop wëll ech allen Acteuren, déi um Ausschaffe vun dësem Dokument bedeelegt waren, am Numm vun der LSAP e grousse Merci ausspriechen. Merci un de Schoulservice mat senger Responsabeler, dem Monique Schmit. Merci dem Léierpersonal. Merci de Membere vun der Schoulkommissioun. Merci all den Educatricen an Educateuren, déi all Dag eng wäertvoll Aarbecht leeschten.

Ouni d'Mataarbecht vun all dësen Acteure wier et net méiglech, dëst immens wichtegt Dokument fir eng Gemeng opzestellen a mat Liewen ze fëllen. Och wann d'Schoulorganisatioun sech all Joer e bëssen änelt, sou entdeckt een dach ëmmer nees nei Elementer an dësem Dossier, op déi ech nach wäert agoen.

Et bleift ze hoffen, dass d'Schouljoer 2022/2023 eent wäert ginn, wat net ze vill duerch de Covid beaflosst gëtt. Well och wann d'Situatioun sech aktuell ze berouege schéngt, sou ass de Virus nach ëmmer do. En hat an huet nach ëmmer e groussen Impakt op eis Schoulen. Et wier allen Acteuren um Terrain ze wënschen, dass d'Situatioun am Hierscht gutt ze kontrolléiere bleift.

Erausfuerderungen, mat deenen een net onbedéngt konnt rechnen, gëtt et der esou scho genuch. Ech denken do zum Beispill un d'Integratioun vun de Kanner aus der Ukrain, déi vun engem Dag op deen anere virun engem barbaresche Krich aus hirer Heemecht hu misse fortlafen. Et muss eis geléngen, dës Kanner matzehuelen, onofhängeg dovunner ob se just temporär oder dauerhaft hei am Land bleiwen.

Dir Dammen, Dir Hären, 2.845 Schüler sinn opgedeelt op 195 Klassen. Dat entsprécht enger Moyenne vu ronn 14,6 Schüler pro Klass. Dat ass een niddrege Klasseneffectif, wat ech perséinlech begréissen. Et bleift ze hoffen, dass den Drock op eis Infrastrukturen net ier-

*coupe scolaire, les enfants ayant participé à l'école du vélo ont obtenu de meilleurs résultats. C'est important pour la sécurité sur la route.*
*Nicole Wohl regrette que la collaboration avec l'école de musique ne soit pas possible.*
*Le Spodi est une bonne idée.*
*Nicole Wohl regrette en revanche que le partenariat avec la Lasep ne se passe pas comme il faut. Jusqu'à présent, la Lasep faisait connaitre des activités sportives aux enfants d'une manière ludique. Il est dommage que désormais deux fronts s'opposent. Chacun devrait pouvoir trouver sa place.*
*Nicole Wohl remercie les collaborateurs de la Lasep qui se sont occupé des enfants jusqu'à présent.*
*Elle salue ensuite le règlement interne de la piscine servant à encadrer le personnel et les enfants. Il y va de la sécurité de chacun. Les éducateurs n'auront notamment plus le droit d'être au téléphone quand les enfants sont dans l'eau. Nicole Wohl espère qu'ils s'y tiendront.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *remercie tous les acteurs ayant élaboré ce document. Un grand merci aussi au service scolaire, à Monique Schmit au personnel enseignant et aux éducateurs. Sans eux, il serait impossible de mettre en place l'organisation scolaire et de la remplir de vie. Pierre Hobscheit va se focaliser sur les nouveaux éléments.*
*Il espère que l'année 2022-2023 ne sera pas marquée par la COVID-19. Même si la situation se stabilise, le virus est toujours là et il impacte l'école.*
*Parmi les autres défis inattendus figure l'intégration des enfants ukrainiens, qui ont dû fuir une guerre barbare dans leur pays. Il faut s'en occuper peu importe qu'ils soient là temporairement ou pour toujours.*
*Deux-mille-huit-cent-quarante-cinq enfants sont répartis dans cent-quatre-vingt-quinze classes. Cela représente une moyenne de 14,6 enfants. Pierre Hobscheit espère que la pression sur les infrastructures ne va pas s'accroitre et que les effectifs pourront rester aussi bas. Les socialistes sou-*

*tiennent l'extension des écoles et des maisons relais, y compris en ces temps économiques difficiles. Il faut permettre aux enfants de commencer leur carrière scolaire dans les meilleures conditions. Pour Pierre Hobscheit, le collège échevinal devrait construire l'école de la place Nelson-Mandela.*
*Actuellement, l'offre est variée — notamment pour les enfants à besoins spécifiques. Personne ne doit être laissé sur le carreau. Tout le monde ne peut pas être docteur ou ingénieur, mais chacun doit trouver sa voie. C'est pourquoi le partenariat avec les centres de compétences et la pédagogie équestre sont importants.*
*L'alphabétisation en français est un projet intéressant.*
*Pour les socialistes, l'aide aux devoirs à domicile est importante. Tous les enfants ne reçoivent pas le soutien nécessaire à la maison. L'aide aux devoirs peut devenir un moyen favorisant l'égalité des chances. Pierre Hobscheit se demande ce que le nouveau concept du ministre de l'Éducation va apporter.*
*Au fil des années, Differdange a développé beaucoup de projets comme l'École nature ou l'École technique. Les socialistes remercient une nouvelle fois tous ceux qui mettent ces projets en musique.*
*Pierre Hobscheit se dit curieux de la façon dont Spodi va se développer. L'objectif doit être de trouver de nouvelles recrues pour les associations — et pas seulement pour les clubs de sport.*
*Le conseiller communal regrette qu'un partenariat entre l'école et l'école de musique ne soit pas possible. Il faudrait trouver une solution.*
*Pour ce qui est de la numérisation, l'école d'aujourd'hui est différente de l'école d'antan. Il faut renforcer les infrastructures, car sans compétences numériques, les enfants seront confrontés à l'échec. Un manque de connaissances au départ aura des répercussions sur tout le parcours scolaire et dans la vie professionnelle.*
*Pierre Hobscheit salue les initiatives concernant le chemin de l'école. Mais pour se rendre au Kannerbongert, on a l'impression*

gendwann esou grouss gëtt, dass mer vun dëser Strategie, vun den niddrege Klasseneffectiffer, ofwäiche mussen, nëmme well et eis un den néidegen Infrastrukture feelt.

D'LSAP ënnerstëtzt duerfir all Nei- an Ausbau am Beräich vun der Schoulinfrastruktur an de Maison-relaisen. Och an dësen ekonomesch extreem schwieregen Zäite féiert kee Wee derlaanscht, Infrastrukturen ze schafen, déi eise Klengsten en optimale Start an hir schoulesch Karriär erméiglechen.

Mir bleiwen als LSAP derbäi, dass et eng gutt Iddi wier, de Bau vun enger Schoul op der Nelson-Mandela-Plaz weiderhin an d'A ze faassen an ze realiséieren.

Léif alleguer, d'Offer fir eis Kanner ass eng ganz villfälteg. Dat kann een nëmme begréissen. Zum enge gëllt dat fir déi Kanner mat spezifesche Besoinen. Et muss drëms goen, dass kee Kand op der Streck bleift. De Schoulsystem kann net aus all Kand herno en Dokter oder Ingenieur maachen. D'Zil muss et sinn, dass all Kand esou gutt et geet säi Wee ka fannen. Dobäi ass zum Beispill d'Zesummenaarbecht mat de verschiddene Centres de compétences immens wichteg. Och Projete wéi zum Beispill d'Pédagogie équestre muss een ënnerstëtzen.

Als LSAP fanne mir et interessant, d'Madamm Buergermeeschtesch huet den Alphabetisatiounsprojet ugeschwat, dass Déifferdeng do eng vun de Pilotgemengen ass. Mir wäerten dëse Projet ganz gespaant begleeden.

Eppes, wat eis als LSAP um Häerz läit, ass d'Hausaufgabenhëllef. Net all Kand kann doheem déi nämmlecht Ënnerstëtzung bei den Hausaufgaben a beim Léiere kréien. Hausaufgabenhëllef ass vill méi wéi just nëmmen eng Ënnerstëtzung, fir deen een oder aneren Exercice ze maachen. Hausaufgabenhëllef kann och ee Mëttel zur Chancëgläichheet sinn. D'LSAP ass gespaant, wéi dat neit Konzept, wat rezent vum Educatiounsminister presentéiert gouf, wou jo virun allem d'Maison-relaise méi an d'Verantwortung gezu ginn, sech wäert an der Praxis ëmsetze loossen.

Dir Dammen, Dir Hären, mir hunn hei zu Déifferdeng iwwert d'Joren ëmmer nei Projeten entwéckelt, déi mëttlerweil net méi aus eise Schoulen ewechzedenke sinn. D'Naturschoul, d'Technikschoul oder d'Kreativschoul si just e puer Beispiller vu sou Projeten, déi mëttlerweil hir fest Plaz an der Déifferdenger Schoulorganisatioun hunn.

Duerfir och vun dëser Plaz aus, am Numm vun der LSAP e ganz grousse Merci un all déi Leit, déi dës Projeten Dag fir Dag mat Liewe fëllen.

Eng grouss Plaz an der ganzer Organisatioun hëlt de Sport an. Op d'Entwécklung vum Projet SPODI si mir gespaant.

D'Finalitéit vun esou Projete sollt et sinn, eis Kanner an d'Veräiner ze kréien. Duerfir ass eng enk Zesummenaarbecht tëscht Schoul, Maison relais an de Veräiner immens wichteg. Dat gëllt net nëmme fir d'Sportsveräiner, mee zum Beispill fir de Beräich vun der Kultur.

Wann ech vu Kultur schwätzen, sinn ech séier beim Theema Musek. Hei bedauere mir, dass d'Zesummenaarbecht tëscht der Schoul an der Museksschoul am Moment net méi méiglech ass. Et wier wënschenswäert, wann hei nees Méiglechkeete kéinte fonnt ginn.

Dir Dammen, Dir Hären, e puer Wuert zur Digitalisatioun. D'Schoul vun haut ass anescht wéi déi Schoul, an déi ech gaange sinn. D'Schoul huet sech – och, awer net nëmmen duerch Corona – ëmmer méi digitaliséiert. Duerfir musse mir déi néideg Infrastruktur an eise Schoulen hunn an eis Kanner beschtméiglech begleeden.

Ouni déi digital Kompetenze geet et haut leider net méi. Wann een net fréi genuch mat der Vermëttlung vun dëse Kompetenzen ufänkt, zitt sech dat feelend Wësse wéi e roude Fuedem duerch de schoulesche Parcours eran, bis an eng ëmmer méi digital Beruffswelt.

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll nach e Wuert zum Theema séchere Schoulwee soen. Déi verschidde Projeten an Initiativen an dësem Beräich sinn eng gutt Saach an absolutt ze ënnerstëtzen.

Allkéiers, wann ech mäi Bouf an d'Bëschschoul féieren, stellen ech mer awer Froen. Déi Buckelpist, déi een do muss fuere Richtung Campus Kannerbongert ass engem Schoulwee absolutt onwierdeg. Rezent goufen déi déckste Lächer zwar nees zougemaach, mee Gepléischters bleift Gepléischters. Et verstoppt de Problem eng Zäit laang, mee et léist en net.

D'Kanner, hir Elteren, d'Personal vum Site grad wéi déi Leit, déi mat hiren Hënn um Terrain direkt nieft dem Campus Kannerbongert trainéieren, wiere frou, wann do e Wee wär, deen den Numm verdéngt a fir deen ee sech net als Gemengepolitiker allkéiers misst schummen, wann een driwwer fiert.

Ech wéilt ganz kuerz gären eppes zu deene Reegelen a Saache Schwämm soen, déi och am Dossier sinn. Reegele si wichteg. Wann ech déi vill Reegele kucken, da muss ech soen: Déi aarm Kanner. Et kritt ee jo scho bal e bëssen d'Flemm, wann ee kuckt, wat se alles net dierfen.

Éischtens géif ech mer wënschen, dass een et vläicht fäerdegbréngt – dat ass eis nämlech an der Vergaangenheet oft gutt gelongen –, déi Reegele flott grafesch fir d'Kanner opzebereeden, dass se dat och gutt verstinn.

Zweetens wéilt ech drop opmierksam maachen, dass, wann ech mech net komplett ieren, e Feeler am Text ass, beim aachten Tiret steet d'Kanner, déi mat schwamme ginn, däerfen net duerch d'Schwämm trëppelen. Ech mengen, dat soll heeschen: Kanner, déi net mat schwamme ginn, dierfen net duerch d'Schwämm trëppelen. Dat ass mer opgefall a kéint ee vläicht verbesseren, fir dass et fir jidderee kloer ass.

Wéi gesot, Reegele si wichteg, mee déi vill Reegelen, muss ech awer soen, déi erschloen een e bëssen. An et kann een déi Reegelen e bësse méi flott opbereeden.

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, d'Erausfuerderunge fir eis Schoule bleiwe grouss. Ech wënschen all Mënsch, deen an deem Beräich schafft, vill Ausdauer a Courage, well och wann d'Leit dat dobaussen heiansdo mengen, sou ass déi Aarbecht, déi do gemaach gëtt, definitiv keng einfach.

D'LSAP dréit dës Schoulorganisatioun mat. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Den Här Hartung an dann den Här Meisch, wannechgelift.

---

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Madamm Buergermeeschtesch, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, als Vertrieder vun der Déifferdenger CSV wëlle mir alle bedeelegte Merci soen, déi dësen detailléierten Dossier erstallt hunn, dem Schoulpersonal, dat dëst um Terrain mat Liewe fëllt. Well, wéi et elo grad gesot gouf, et ass net ëmmer eng einfach Aarbecht.

Beim Effectif, der Unzuel vu Schüler pro Klass, hu mer zimmlech niddreg Zuelen. E bësse bedauere mir, datt den Appui am Primär vun der Zuel hier zwar grouss schéngt ze sinn, wann een et awer pro Klass rechent, da bleift net vill pro Klass. Dat huet natierlech och mam Contingent ze dinn.

Dogéint gesäit et am Cycle 1 besser aus. Vu datt mer hei nieft dem Appui nach de Projet DLL, den Développement de la langue luxembourgeoise, lafen hunn. Wat eng ganz gutt Saach ass.

Beim Precoce koum et zum Paradigmewiessel, wat d'Klassegréisst ugeet. Doduerch, datt een hei an enger Ekipp mat mindestens zwou Persoune mat de Kanner ass, war den Effectif an der Zäit méi héich gehale wéi bei den anere Joergäng a konnt ronderëm 20 leien. Hei seet d'Gemeng elo selwer, bei 18 Kanner an enger Klass, dat wier u sech eng maximal Gréiss.

Wat gutt ass, dëst Joer hu mer Klassen am Precoce vu 15 bis 16 Schüler. Just zu Uewerkuer kënnt een nach bis op 18.

D'Zuele vum leschte Schouljoer op dëst sinn zimmlech stabel. Am Total si just véier Kanner méi ze verzeechnen, bei

*de faire du ski de bosses. Les réparations ont l'air de sparadraps plus que d'autre chose. En tant qu'homme politique, Pierre Hobscheit a honte de voir un tel chemin.*
*Quand il voit le règlement de la piscine, Pierre Hobscheit plaint les enfants. Ils n'ont le droit de rien faire. Ne pourrait-on pas au moins présenter les règles de manière graphique pour que les enfants les comprennent ? En plus, le texte semble contenir des fautes de sens. Il faudrait les corriger pour qu'on sache de quoi on parle. Certes, les règles sont importantes, mais il ne faut pas non plus assommer les enfants.*
*Pierre Hobscheit souhaite beaucoup de courage au personnel sur le terrain, car son travail n'est pas facile même si certains pensent le contraire.*
*Le LSAP approuvera l'organisation scolaire.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie tous ceux qui ont élaboré ce dossier détaillé. Comme vient de le dire monsieur Hobscheit, ce n'est pas évident.*
*Le nombre d'élèves par classe est relativement bas. Jerry Hartung regrette en revanche que les heures consacrées à l'appui dans le primaire ne soient pas plus élevées. Mais cela dépend du contingent.*
*Dans le cycle 1 en revanche, l'appui s'accompagne du projet* Développement de la langue luxembourgeoise.
*En ce qui concerne la taille des classes dans le précoce, les effectifs se situent aux alentours de vingt élèves par classe, car ils sont encadrés par une équipe de deux personnes. Désormais, la commune constate que le nombre maximal d'enfants devrait être de 18. Actuellement, les classes du précoce comptent entre 15 et 16 enfants à l'exception d'Oberkorn, où l'on grimpe jusqu'à 18.*
*Deux-mille-huit-cent-quarante-cinq enfants fréquentent l'école, quatre de plus que l'année dernière. Ils sont répartis dans 195 classes.*
*Le cycle 1 prévoit 13,5 postes d'enseignant pour un an. Les cycles 2-4 prévoient 23 postes en CDD et 5 postes en CDI. Jerry Hartung ne*

*dispose pas de toutes les données, mais si sur 41,5 postes, seuls 5 sont définitifs, il ne va pas être facile de trouver des enseignants brevetés.*
*Les projets comme l'École nature, l'École technique et l'École créative ainsi que les excursions seront poursuivis.*
*L'offre de la Lasep est importante et s'adresse à des enfants ne trouvant pas leur place dans d'autres associations. Jerry Hartung espère qu'un partenariat reste possible dans l'intérêt des enfants.*
*Les chrétiens sociaux saluent le partenariat avec le Centre pour le développement intellectuel et le Centre de logopédie pour le cycle 1 et 2. Vingt-huit enfants differdangeois profitent de l'offre.*
*Le conseil communal dispose de la liste des enfants scolarisés dans les centres de compétences. Mais la plupart des enfants à besoins spécifiques sont intégrés dans les écoles de la ville. Jerry Hartung propose de créer des partenariats avec l'APEMH ou la Fondation autisme à Differdange.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *constate que l'école évolue en permanence et qu'une commune doit pouvoir suivre la cadence pour s'assurer que les enfants pourront s'épanouir et qu'aucun d'entre eux ne sera laissé sur le carreau. C'est pourquoi il faut offrir aux enfants un enseignement et en encadrement optimaux sans délaisser les infrastructures.*
*La commune doit aussi surveiller en permanence l'évolution démographique.*
*François Meisch espère que l'organisation scolaire ne sera pas impactée par le coronavirus.*
*Differdange compte 195 classes — une classe de plus que l'année dernière — subdivisées en précoce, préscolaire, classe en forêt et cycles 2 à 4. En tout, il est question de 2845 enfants.*
*Les effectifs sont ponctuellement élevés, ce qui est un problème à Differdange. Il faudra veiller à ce que la situation ne dégénère pas.*
*Les démocrates soutiennent des projets comme l'École nature, l'École technique, le jardin scolaire, la classe de logopédie, le projet de vélos… La collaboration avec*

elo insgesamt 2.845 Schüler opgedeelt op 195 Klassen. Déi sinn opgedeelt a Klasse mat niddregen Effectiffer. Wat de Kanner zegutt kënnt, esou huet den Enseignant méi Zäit fir den eenzelen.

Punkto Enseignanten, wat ech net esou richteg verstinn, am Cycle 1 sinn 13 an en hallwe Poste just fir ee Joer ausgeschriwwe ginn a kee Posten definitiv. An am Cycle 2 bis 4 sinn 23 Posten als CDD a just fënnef Posten als CDI hei zu Déifferdeng ausgeschriwwe ginn.

Mir hunn am Dokument keng Asiicht, wéi eng Klassen- a Surveillanceposten all besat sinn a wéi eng nach opstinn, mee wa vun 41,5 oppene Plazen der just fënnef als definitiv Posten ausgeschriwwe sinn, ass sécherlech net fërderlech, fir brevetéiert Enseignanten op dës oppe Plazen unzezéien. Dëst misst ee vläicht fir d'nächst Joer hannerfroen.

Des Weideren ënnerstëtze mer, datt ons lokal méi praktesch Léieroffere wéi d'Naturschoul, d'Technikschoul, méi rezent d'Kreativschoul, awer och déi pedagogesch Sortien a Kolonië weiderlafen.

Zur Lasep wëll ech just betounen, wéi wichteg dës Offer ass, riicht se sech ënner anerem u Kanner, déi an anere Veräiner vläicht net esou hir Plaz fannen. Hoffen hei op e konstruktiven Dialog an eng Zesummenaarbecht mat Léisungen am Sënn vun de Kanner.

Da wëlle mer ënnersträichen, datt mer frou sinn iwwert d'Zesummenaarbecht mam Centre pour le développement intellectuel an dem Centre de logopédie fir den C1 an den C2, déi mer hei zu Déifferdeng hunn. Heiduerch sinn insgesamt 28 Déifferdenger Kanner, déi no bei hirem Doheem an hirer Gemeng deen Enseignement kréien, dee si brauchen an net all Dag wäit duerch d'Land gefouert musse ginn. Wat sécherlech net flott wier.

Am Dossier hu mer d'insgesamt Zuele vun alle Schüler, déi an de Kompetenzzentere scolariséiert sinn, virleien. E gudden Deel vun den Enfants à besoins spécifiques sinn an eise fënnef Schoulen integréiert, also scolariséiert an net an dësem Relevé opgefouert. Hei stellt sech d'Fro, ob een net och misst mat Institutioune wéi der APEMH, der Fondation Autisme oder aneren, déi an dësem Domän täteg sinn, kucken, wat fir Offeren een nach ausserhalb der Schoul hei zu Déifferdeng kéint en place setzen, fir hinnen an hire Familljе gerecht ze ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, d'Detailer goufe genannt. Ech hu just e puer kleng Remarken.

D'Schoul ännert sech, do muss eng Gemeng Schratt halen. D'Offer muss permanent adaptéiert ginn, fir se un d'Besoine vun eise Kanner unzepassen, soudass sech all d'Kanner entfale kënnen, kee Kand op der Streck bleift a beschtefalls all Kand d'Méiglechkeet op e gudde Start an d'Liewen huet. Dofir musse mer eise Kanner eng beschtméiglech Offer an en ideale Kader an Encadrement bidden, an och d'Infrastrukturen net vernoléissegen.

Och muss een an deem Kontext déi demografesch Entwécklung vun eiser Stad am A behalen a fréi genuch erkennen, wou muss reagéiert ginn. Deemno ass eng Schoulorganisatioun e ganz wichtegen Dossier.

Wann net Corona erëm nei zouschléit, hoffe mer, dass d'Schoulorganisatioun, wéi se hei virläit, fir d'Rentrée kann ëmgesat ginn.

Mir kéimen op en Total vun 195 Klassen, Stand haut, hu mer gelies, opgedeelt op de Precoce, Spillschoul, Bëschklass an d'Cyclen 2 bis 4.

Mir kommen dann och op en Total vun 2.845 Schüler an et ass eng Klass méi wéi dat Joer virdrun. Also net allze vill Ännerunge par rapport zu deenen anere Joren.

D'Klasseneffectiffer si punktuell héich. Wuelwëssend, dass dat grad an eiser Gemeng schwiereg ass. Dat musse mer am A behalen. A beschtefalls dergéintsteieren.

Mir sti voll hanner Projete wéi Naturschoul, Technik- a Kreativschoul, dem Schoulgaart, der Logopedie-Klass, dem Vëlosprojet a sou weider. An hoffen, dass weider intensiv an déi Richtung geschafft gëtt. Dat gëllt och fir de Projet Séchere Schoulwee an d'Kollaboratioun mat der Museksschoul, wou nach Loft no uewen ass, mir hunn et héieren.

D'Asetze vu Portiere fir eis Gebaier ass positiv ze bewäerten, geet an déi richteg Richtung, och fir eis.

De Ministère lancéiert ee Pilotprojet an e puer Gemengen. Laut Rapport national schwätzen nëmme 34 % vun de Kanner Lëtzebuergesch doheem. All déi aner hunn doduerch oft e risegen Nodeel an der Schoul. Dat kenne mer zu Déifferdeng. Endlech gëtt elo eng Alphabetisatioun op Franséisch an d'Weeër geleet. Verschidde Kanner aus eiser Gemeng maachen, mam Accord vun den Elteren, bei dësem Pilotprojet mat. Dat an der Schoul Um Bock. Richteg lassgoe soll et eréischt 2023/2024.

Aner Stéchwierder wéi dat digitaalt Klassenzëmmer oder de Rapprochement tëscht Maison relais a Veräiner sollte weider op der Agenda bleiwen.

Betreffend d'Schoulorganisatioun wëlle mer de concernéierte Leit Merci soe fir hir Aarbecht: der Schoulschäffen, dem Schoulservice, der Schoulkommissioun, dem Kommitee, dem ganze Personal, wéi och dem Ministère fir d'Ënnerstëtzung an den Accord vum Contingent.

D'Zesummesetzung vum Dossier gefält mer ganz gutt, ass praktesch an et gesäit een och ganz gutt d'Ännerunge vis-à-vis vum Joer virdrun. Dat ass bei wäitem net an all Dossier esou, dee mer hei virgeluecht kréien.

D'Demokratesch Partei stëmmt d'Schoulorganisatioun fir 2022/2023 mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Meisch. Merci fir de flotte Retour vun de Portieren. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt all deenen, déi bei der Opstellung vun der Schoulorganisatioun gehollef hunn, e grousse Merci ausspriechen. Mer wëssen alleguer, dass dat eng Heedenaarbecht ass. Et ass wierklech flott, dass dat all Joer erëm geléngt.

D'Madamm Buergermeeschtesch huet gesot, wäitgeeënd wier d'Schoulorganisatioun wéi déi Jore virdrun. Dat ass och esou. An dann ass och déi Kritik, déi ausgeüübt gëtt, och déi selwecht wéi déi Jore virdrun, besonnesch déi vun der Kommunistescher Partei. Well mer nach ëmmer feststellen, dass mer hei keng Schoul vun der Chancëgläichheet hunn, an dass mer feststellen, dass déi sozial Schéier, am Lëtzebuerger Bildungswiese generell, ëmmer weider auserneegeet. Dass d'Kanner aus akommesschwaache Familljе grouss Schwieregkeeten hunn, déi, wéi et schéngt, mat eisem Schoulsystem net ze iwwerwanne sinn. An dann ergi sech natierlech dauerhaft Problemer bei der beruflecher Aglidderung.

Et gëtt gesot, d'Zuel vun de Kanner an de Schoulklassen, déi wär net esou héich. Ech muss soen, fir d'Kommunistesch Partei ass déi nach vill ze héich. Déi misst nach staark gesenkt ginn an et misste vill méi Schoulmeeschteren agestallt ginn, wéi dat, wat de Contingent vun der Regierung elo zouléisst.

Mir stellen och fest, dass wann dat net geschitt, dann ass dat opgrond vun där Spuerpolitik, déi d'Regierung mécht am Bildungsberäich. Mir stelle fest, dass de Kuddelmuddel ëmmer méi grouss gëtt, dass d'Fraktionéierung vun der ëffentlecher Schoul méi grouss gëtt. Dat sinn alles keng gutt Viraussetzungen, fir dass Chancëgläichheet besteet, an dass alleguer d'Kanner aus eiser Gemeng gutt aus der Schoul erauskommen.

Ech weess net, ob Dir den nationale Bildungsbericht vun 2021 kennt oder gelies hutt, op alle Fall op der Säit 85 ass Déifferdeng e wäisse Fleck, bei deene Gemengen, déi do opgezeechent sinn, zesumme mat nach just dräi anere Gemengen am Land: Wolz, Larochette a Veianen. Firwat e wäisse Fleck? Ma well d'Situatioun ass, dass manner wéi

*l'École de musique peut être améliorée.*
*François Meisch salue le recours à des portiers.*
*D'après un rapport national, seuls 34 % des enfants parlent le luxembourgeois à la maison. Les autres sont désavantagés à l'école. Plusieurs enfants participeront au projet d'alphabétisation en français au Bock à partir de 2023-2024.*
*François Meisch souligne l'importance de la salle de classe numérique et du rapprochement entre l'école et la maison relais.*
*Les démocrates remercient l'échevin à l'école, le service scolaire, la commission scolaire, le comité, le personnel et le ministère.*
*Le dossier est bien préparé. Il est pratique et permet de reconnaitre rapidement ce qui a changé. Ce n'est pas le cas de tous les dossiers présentés au conseil communal.*
*Le DP approuvera l'organisation scolaire 2022-2023.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie monsieur Meisch pour sa remarque sur les portiers.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *remercie à son tour tous ceux ayant participé à l'élaboration de l'organisation scolaire.*
*L'organisation ressemble à celle des années précédentes. Les critiques communistes seront donc comparables.*
*Au Luxembourg, il n'existe pas d'école de l'égalité des chances. Les enfants issus de milieux défavorisés ont de plus en plus de difficultés. Les problèmes se poursuivent ensuite dans la vie professionnelle.*
*Certains disent que les effectifs par classe ne sont pas élevés, mais pour les communistes, il faudrait les baisser fortement et recruter beaucoup plus d'instituteurs. Mais le gouvernement fait des économies en matière d'éducation. L'école publique est fractionnée. C'est la pagaille.*
*Dans le rapport sur l'éducation de 2021, Differdange, Wiltz, Larochette et Vianden sont les seules villes où moins de 20 % des enfants fréquentent l'enseignement secondaire classique. Depuis, la situation n'a pas évolué. Pourquoi ? Certains*

*enfants n'ont pas les mêmes chances que les autres.*
*Malgré tout, Ali Ruckert approuvera l'organisation scolaire, car il se rend compte des efforts faits malgré les conditions difficiles.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au PEP, l'encadrement périscolaire. Il s'agit de la collaboration entre les écoles et les maisons relais. Celle-ci a commencé en janvier avant la pandémie avec des réunions avec les présidents des écoles et les responsables des maisons relais. Et elle a permis de mieux surmonter la crise.*
*Tout le monde n'est pas encore satisfait, mais la collaboration fonctionne. Chacun est conscient de ses responsabilités. En automne ou au plus tard au début de l'année prochaine, les écoles et les maisons relais se réuniront pour discuter d'éventuelles améliorations sur chaque site.*
*Christiane Brassel-Rausch signale par ailleurs que l'on parle de plus en plus de campus plutôt que d'école pour souligner l'unité entre l'école et la maison relais. Les fêtes scolaires seront d'ailleurs organisées ensemble l'année prochaine. Cela permettra entre autres de soulager le personnel communal.*
*Le nouveau responsable administratif des structures SEA est monsieur Christopher Schmitt. La commune compte 6 maisons relais avec le Mathendahl, qui pourra accueillir 240 enfants. Jusqu'à présent, le contingent pour le Mathendahl était provisoire.*
*À Oberkorn, madame Marilena Falbo remplace monsieur Dan Bauler à la présidence. Madame Raquel Alves Ribeiro sera coresponsable. Normalement, chaque site compte deux responsables, mais pour que madame Raquel Alves Ribeiro puisse devenir responsable, elle doit avoir travaillé trois ans sur le site. Elle est donc coresponsable, tout comme madame Julie Castagna du Woiwer, qui n'a pas encore fini sa formation.*
*Christiane Brassel-Rausch pense avoir tout dit. Elle félicite les gens sur le terrain pour leur engagement,*

20 % vun de Kanner an den Enseignement secondaire classique ginn.

Vläicht kënnt Der eis eng Erklärung dozou ginn, dass d'Situatioun esou zu Déifferdeng ass. A besonnesch och, dass se am Laf vun de Joren, säit dee Bericht gemaach gëtt, net evoluéiert huet. Dat heescht d'Situatioun ass nach ëmmer déi, dass e ganz groussen Deel vun de Kanner eeben net déi selwecht Chance kritt, scho wa se starten. An dat huet natierlech och seng Auswierkungen op hiert spéidert Liewen.

Trotz där Kritik wäert ech awer d'Schoulorganisatioun stëmmen, well wierklech grouss Efforte gemaach gi sinn, awer dat Bescht draus ze maachen, och wann d'Ramebedéngunge ganz, ganz schlecht sinn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire pour l'exercice 2022-2023.*

Villmools merci. Da si mer beim nächste Punkt, Encadrement périscolaire fir 2022/2023, kuerz genannt PEP. Do geet et haaptsächlech ëm d'Zesummenaarbecht tëschent de Maison-relaisen an de Schoulen. Ech ginn net midd ze widderhuelen, dass mer do wierklech virun der Pandemie ugefaangen hunn – am Januar nach hate mer Versammlunge mat de Presidente vun der Schoul a mat eise Responsabele vun de Maison-relaisen. Dat heescht, mir waren do iergendwou scho liicht opgestallt, fir där Pandemie ze trotzen, well d'Zesummenaarbecht d'Grondbasis war, fir dass dat Ganzt géif funktionéieren.

D'Leit ginn sech net zefridden dermat, oder solle mer soen, et kann een nach weider schaffen, mee et funktionéiert gutt op de Sitten. Si si sech hirer Responsabilitéit bewosst, souwuel vun de Schoule wéi vun de Maison-relaisen. Vu dass nach net alles honnertprozenteg klappt, wéi et sollt klappen, hu mer virgesinn, am Hierscht oder spéitstens Ufank nächst Joer erëm déi Reunioune pro Site ze maachen, mat der Schoul a mat der Maison relais. Fir ze kucken, wat op all Site nach ka verbessert ginn, wat klappt a wat net klappt.

Ech mengen, mir sinn do relativ eenzegaarteg opgestallt hei am Land. Wou de Portier och eng grouss Hëllef ass.

Ech wollt nach soen, d'nächst Joer si Schoulfester geplangt. Mir schwätze jo ëmmer méi vu Campusse wéi vu Schoul: Campus Nidderkuer, Campus Zentrum, … Well dat soll eng Unitéit ginn, Maison relais a Schoul, op d'mannst an de Käpp, dass dat méi eppes Zesummenhängendes gëtt. Si kucken, fir d'nächst Joer d'Fester zesummen, integral ze organiséieren.

Dat wär gutt. Dat wär och eng Entlaaschtung fir eist Gemengepersonal. Et wäre vill Stonne gespuert. Si hu sech och e gemeinsame Budget dofir ginn. Doriwwer freeë mer eis wierklech, well et och déi Gemeinsamkeet ënnersträicht.

Op der éischter Säit gesitt Der, mir hunn en neie Responsable administratif fir d'SEA-Struktur, fir d'Maison-relaisen, den Här Christopher Schmitt.

Mir hu mëttlerweil sechs Maison-relaisen, Mathendahl ass jo och nach opgaangen. Beim Mathendahl kann ech Iech soen, dass mer vum Ministère elo den definitiven Agrement accordéiert kritt hunn, 240 Kanner. Bis elo war et jo ëmmer e provisoreschen, well d'Aarbechten nach amgaange waren. Dat ass och eng gutt Nouvelle.

Nei ass, gesitt Der, fir d'nächst Rentrée hu mer eng Presidentin zu Uewerkuer, d'Madamm Marilena Falbo. Den Här Dan Bauler ass zréckgetrueden. D'Madamm Raquel Alves Ribeiro gëtt Koresponsabel vum Site.

Firwat Koresponsabel? Mir haten eis gëeenegt, dass mer just nach Responsabeler hunn, ëmmer zwee op all Site. Koresponsabel ass awer esou, d'Madamm Raquel Alves Ribeiro muss dräi Joer um Site geschafft hunn, fir d'Responsabilitéit iwwerhuelen ze kënnen.

Déi nämmlecht Konstellatioun hu mer um Woiwer, well d'Madamm Julie Cas-

tagna nach an der Formatioun ass an déi net ofgeschloss huet, däerf si net Responsabel ginn, mee ass Koresponsabel, bis se hiren Diplom huet an da gëtt se erëm Responsabel. Dat si méi administrativ Gedanken, mee ech wollt Iech déi erklären.

Jo, d'Zesummenaarbecht klappt gutt. Ech mengen, ech hu Mäint gesot, wat déi zwou Unitéiten ugeet, d'Schoul an d'Maison relais.

Ech felicitéieren de Leit um Terrain fir hiert Engagement, hir Kraaft an hir Energie. Ech huelen alleguerten Är Mercie gären un, well et ass keng einfach Aufgab.

Wat d'Lasep ugeet, sinn zwou Saachen, déi mer nach wichteg sinn. Wa mer mat der Lasep kucken, ass ganz kloer, dass eis Maison-relaise Prioritéit op d'Säll hunn, déi gebraucht ginn an déi gefrot ginn. Dat ass ganz kloer.

An dat anert: Well de Message ukomm ass, dat huet mech e bëssen irritéiert, dass de SPODI de Clibb Kanner géif ewechhuelen. Ech halen hei ganz kloer drop ze soen, dass de SPODI just an der Idée contraire entstanen ass, nämlech fir de Clibb Kanner zouzeféieren, wou se vläicht net hikomm wären, wa se net d'Offer gesinn hätten.

Et ass ni d'Intentioun gewiescht, iergendengem Club iergendeppes ewechzehuelen, mee just de Contraire. Dat heescht d'Dier opzemaache fir Sportaarten, déi net grad Fussball sinn, wou all Mënsch kennt, mee fir se opzemaachen, dass d'Kanner méi e grousse Volet hunn a méi e grousse Fächer hunn an dann och dat eraussichen, wat hinne wierklech zouseet. Wollt ech ganz kloer gesot hunn. Dat war mäint zu dem PEP.

Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Direkt no der Schoulorganisatioun hu mer hei am Dossier elo de PEP, Plan d'encadrement périscolaire, virleien. Am Numm vun der Déifferdenger CSV wëlle mer ënnersträichen, datt mer d'Zesummenaarbecht begréissen, déi wierklech ëmmer méi staark gëtt vun der Maison relais an de Schoulen.

Den Austausch an d'Zesummenaarbecht vu béide Säiten ass wichteg, fir en optimaalt Encadrement vun de Kanner. Schliisslech geet et jo bei béide Strukturen ëm déi selwecht Kanner.

Ech si frou ze héieren, datt elo bei de Fester an Zukunft méi rapprochéiert geschafft wäert ginn.

Ech wäert elo net weider an d'Detailer vum PEP agoen. Et ass wierklech ganz gutt ausgeschafft. Mir wëllen de Responsabele vun de Maison-relaisen an de Schoulen dofir Merci soen.

Ech wëll profitéieren, fir nach dräi Punkte lasszeginn, déi dës zwou Bildungsstrukturen, haaptsächlech d'Maisons relais betreffen. Verschidde Kolleege ware scho virdru bei der Schoulorganisatioun drop agaangen. Virop de Projet SPODI.

Hei wëlle mer all deenen Zoustännegen, déi dorunner geschafft hunn, felicitéieren, datt dat elo ëmgesat gëtt. Et war sécherlech keng einfach Aufgab. Virdrun hunn zwar scho vereenzelt Veräiner mat de Maison-relaisen zesummegeschafft. Elo ass et gelongen, nach méi Veräiner eranzebréngen, soudatt d'Kanner vill méi Choix hunn. Natierlech kann hei an do nach verbessert ginn. Dat Ganzt ass ee Prozess. Et huet elo eréischt ugefaangen an et muss een Erfarunge sammelen. An hoffentlech zéie weider Veräiner no.

Ech hat am Rapport vun der Schoulkommissioun gelies, datt beim Punkt gratis Kannerbetreiung d'Gemeng nach op Informatioune waart. Bei de Kommunikatiounen hat Dir, Madamm Buergermeeschtesch, dat jo och gesot. Do kann ee sech just wonneren, schliisslech soll dat jo a mol net zwee Méint ulafen. Ech denken, Déifferdeng mat ronn 1.500 Chaisen an de Betreiungsplaze muss dat jo awer e bësse preparéieren.

An deem ganze Kader kënnt d'E-Bichelchen, en digitaalt Hausaufgabebichelchen, dat tëscht Schoul, Maison relais a Familljenhaus soll fungéieren. Mir sinn ëmmer fir direkte soziale Kontakt a wëllen ënnersträichen, datt Echangen tëscht Maison relais an Elteren immens wichteg sinn. An dat eeben och am Presentiel.

*leur force et leur énergie. Leur travail n'est pas facile.*

*Pour ce qui est de la Lasep, les maisons relais ont la priorité pour occuper les salles. Pour le reste, Christiane Brassel-Rausch se dit irritée par les propos selon lesquels Spodi enlève les enfants aux clubs. C'est le contraire. La maison relais ouvre ses portes à des disciplines sportives que tout le monde ne connait pas forcément. Les enfants pourront donc choisir parmi un plus grand nombre d'activités sportives.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *salue le renforcement de la collaboration entre les maisons relais et les écoles. Les échanges entre les deux structures sont importants pour assurer un encadrement optimal des enfants.*

*Jerry Hartung se réjouit aussi du fait que les fêtes scolaires seront organisées conjointement.*

*Il ne veut pas entrer dans les détails du PEP, mais remercie les responsables des maisons relais et des écoles.*

*Pour ce qui est du Spodi, les chrétiens sociaux félicitent ceux qui ont mis en place ce projet. Ce n'était pas évident. Certains clubs travaillaient déjà avec les maisons relais, mais l'offre est désormais élargie. Des améliorations restent sans doute possibles, mais Jerry Hartung espère que d'autres clubs suivront.*

*La bourgmestre a expliqué que la commune attendait encore des informations quant à la gratuité de l'encadrement des enfants. C'est étonnant, car le projet commencera dans moins de deux mois. Jerry Hartung suppose que Differdange a des préparations à faire compte tenu de ses 1500 chaises.*

*Il mentionne ensuite le cahier des devoirs numérique. Il estime que les contacts sociaux directs entre les maisons relais et les parents sont extrêmement importants. Cela ne signifie pas que le cahier des devoirs à domicile numérique est une mauvaise chose. Tout le monde a un téléphone intelligent, ce qui rendra le cahier facilement accessible. Mais que prévoit la commune si certains parents ne savent pas s'en servir ?*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *souligne l'importance d'une bonne coopération entre l'école et la maison relais afin de garantir un encadrement qualitatif des enfants.*
*Differdange compte cinq campus : Differdange, Fousbann, Niederkorn, Oberkorn et Woiwer, auxquels s'ajoute le Kannerbongert. La coopération est encore plus importante en temps de crise sanitaire.*
*Une des nouveautés concerne la gratuité de l'encadrement.*
*François Meisch mentionne ensuite les activités socioéducatives, l'appui pédagogique, Spodi, la Lasep, le club de lecture, le projet des vélos, les activités pendant les vacances, les associations locales…*
*Il salue également l'initiative consistant à organiser les fêtes scolaires ensemble.*
*L'école évolue, ce qui ne simplifie pas les choses. L'offre doit être adaptée en permanence pour que chaque enfant s'épanouisse et que personne ne soit laissé sur le carreau.*
*Les détails figurent dans le dossier. François Meisch remercie les présidents des écoles, les responsables des maisons relais, les enseignants, les éducateurs, les services concernés, etc. Le parti démocratique approuvera le plan d'encadrement périscolaire.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *exprime sa gratitude à tout le personnel et à l'administration communale. Reconnaissant l'importance des questions relatives aux enfants, elle souligne le rôle de pionnier de Differdange dans ce secteur. Malgré les difficultés liées à l'introduction de la garde d'enfants gratuite, elle est confiante dans la capacité de Differdange à relever le défi en se*

Ech denken dofir net, datt d'E-Bichelche schlecht ass, wann et komplementar agesat gëtt. Vu datt haut bal jiddwereen e Smartphone huet, misst den Accès quasi fir jiddwereen assuréiert sinn.

D'Fro ass awer elo: Wat ass, wann Elteren dësen Accès net hu respektiv net eens ginn. Ass do eppes virgesinn? Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Ech probéieren, eng Äntwert op Är Froen ze kréien. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech wëll kuerz eppes dozou soen. E gutt Zesummespill tëscht Schoul a Maison relais ass extreem wichteg, fir e qualitativ héichwäertegt Encadrement vun eise Kanner ze garantéieren.

An eiser Gemeng gëllt dat fir déi fënnef Schoulcampussen: Déifferdeng, Fousbann mat Annex Zowaasch, Nidderkuer mam Mathendahl, Uewerkuer, Woiwer. Mat deene jeeweilege Maisonrelaisen. Derbäi kënnt nach de Campus Kannerbongert.

Dat sécherlech nach vill méi an Zäite vun enger sanitärer Kris, wéi mer se erlieft hunn, a wou kee weess, wat nach eventuell op eis zoukënnt.

Eng vun den Haaptneierungen ass bekanntlech déi deelweis Gratuitéit vum Angebot. Doduerch stréckе mer ëmmer weider un engem sozialen Opfangnetz.

Nieft sozio-edukativen Aktivitéiten, Appui pédagogique, SPODI awer sécherlech och d'Lasep, Liesclub, Hörclub, Vëlosprojet an enger Rei anere Projeten, gëtt an dësem Dokument de Kader gesat fir eng optimal Betreiung. Dat ass och fir eis Vakanzenaktivitéiten, Vacances-loisirs. Eis zuelräich lokal Veräiner, an dësem Fall haaptsächlech Kultur a Sport, souwéi och eis Museksschoul, sollen a musse weiderhi beschtens agebonne ginn.

Ech begréissen d'Initiativ, fir e gemeinsaamt Schoulfest ze organiséieren. Dat kéint wierklech eppes Flottes ginn. Mir si gespaant.

D'Schoul ännert sech, d'Zäiten ännere sech, dat spillt och an dësem Kontext. Et gëtt sécherlech net méi einfach. Doduerch muss d'Offer permanent ugepasst ginn, fir se un déi verschidde Besoine vun de Kanner unzepassen, soudass all Kand sech entfale kann, keent op der Streck bleift a beschtefalls all Kand d'Méiglechkeet op e gudde Start an d'Liewe kritt.

D'Detailer goufen all genannt, respektiv hu mer gelies. Et bleift mer just nach Merci ze soen. Merci de Schoulpresidenten, de Responsabele vun de Maison-relaisen, den Enseignanten, den Educateuren, de bedeelegte Servicer an alle Leit, déi um Ausschaffe vun dësem Plang matgeschafft hunn an esou eise Kanner eng beschtméiglech Offer an en ideale Kader an Encadrement bidden. D'Demokratesch Partei stëmmt dëse Plan d'encadrement périscolaire gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Madamm Pregno, wannechgelift.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Als déi Gréng Déifferdeng wëlle mir e grousse Merci ausschwätzen un d'ganzt Personal, wat um Terrain schafft an natierlech och an der Administratioun op der Gemeng. Mir sinn eis bewosst, et geet ëm eis Kanner. Et ass e ganz wichtegt Theema.

Mir begréissen ëmmer erëm déi Virreiderroll, déi Déifferdeng awer an deem Secteur huet. Sachant, dass mer bei 50 % a méi Chaisë si vun de Schoulkanner. Mir sinn eis bewosst, dass e groussen Challenge mat der gratis Betreiung kënnt, wou mer, wéi d'Madamm Buergermeeschtesch scho gesot huet, nach net genee wëssen, wat op eis duerkënnt.

Mir sinn eis awer sécher, dass och Déifferdeng an déi zoustänneg Servicer souwuel administrativ wéi um Terrain

deen Challenge och nach wäerte packen. Ëmmer en vue, dass d'Kand am Zentrum steet a wierklech dat Bescht fir d'Kand a seng Famill ze erreechen. Villmools merci vun déi gréng.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll mech all de Mercien, déi elo hei gesot goufen, uschléissen. D'Zesummenaarbecht tëscht der Maison relais an de Schoulen ass immens wichteg. Ech mengen, dass déi an der Zäit net ëmmer sou gutt war, mee mëttlerweil si mer op engem ganz gudde Wee, wat immens wichteg ass. Déi zwou Entitéite kënnen net getrennt vunenee funktionéieren, déi mussen zesummeschaffen. Do muss ee Rad an dat anert gräifen, fir dass dat Ganzt funktionéiere kann.

Dofir hoffe mer, dass mer op dësem positive Wee weiderfuere kënnen.

Nach eng Kéier e grousse Merci all deene Leit, déi un dësem Dokument matgeschafft hunn. D'LSAP dréit dat mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans d'encadrement périscolaire (PEP) 2022-2023.*

Merci. De Punkt 5c ass éischter eng Formalitéit. Et geet ëm Ännerungen an der Affektatioun vun engem Enseignant elo am Laf vum Joer 2021/2022. Dat muss hei am Gemengerot guttgeheescht ginn. Mir hunn eng Lëscht gewielt am Ufank vum Joer. An dës Changementer goufen am Laf vum Joer gemaach. Sief et wéinst längerer Absence, sief et vun engem Titulaire de classe, fir de Kanner weider awer e gutt Encadrement ze bidden, am Sënn vun enger gewëssener Kontinuitéit.

Do si mer am Fong op de Wee gaangen, dass den Titulaire net vun där Persoun ersat gëtt, déi de Kontrakt gemaach kritt als Remplaçant, mee vum Surnuméraire, well dat deen ass, dee souwisou d'Klass kennt. An de Surnuméraire gëtt vum Remplaçant ersat. Dat ass de Wee, dee sech elo am Sënn vum Kand am beschten erausgeschielt huet.

D'Ofstëmmung vun där Lëscht ass éischter eng Formalitéit wéi eppes aneschters. Merci. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements d'affectation au cours de l'année scolaire 2021-2022.*

Villmools merci. Elo eng zéng Minutte Paus. Merci.

(Paus)

De Punkt 6 ass d'Organisation provisoire vun der Museksschoul fir d'Rentrée 2022/2023. An ech géif dem Här Mangen dofir d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Iwwert dat neit Finanzement vun der Museksschoul hu mer am virege Gemengerot ofgestëmmt. E klenge Rappell fir d'Leit: All d'Coursë si gratis bis zum Alter vu 25 Joer. Ab 25 Joer kascht e Musekscours 100 Euro d'Joer.

Et ass schwéier anzeschätzen, wéi d'Demande déi nächst Jore wäert sinn. De Manktem un ausräichende Lokaler ass bekannt, dorop wäert ech net méi agoen.

Bis elo hu mir 750 Inscriptiounen. D'Aschreiwunge sinn nach bis Mëtt September méiglech.

*concentrant sur les meilleurs intérêts de l'enfant et de la famille. Les Verts adressent leurs remerciements sincères.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *apprécie l'amélioration de la collaboration entre les maisons relais et les écoles, soulignant son rôle crucial.*
*Il espère que les choses continueront à s'améliorer et exprime sa gratitude à ceux qui ont contribué à un document pertinent, tout en notant le soutien du LSAP.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 5 c, concernant les changements d'affectation des enseignants pendant l'année scolaire 2021-2022. Il s'agit principalement d'une formalité nécessitant l'approbation du conseil communal. En raison de diverses circonstances, des remplacements ont été effectués en priorisant la continuité de l'encadrement des enfants. Le titulaire est remplacé par le surnuméraire, qui est familier avec la classe, et le surnuméraire est remplacé par le remplaçant. Cette approche est jugée la meilleure pour les enfants.*
*(Vote et Pause)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à l'organisation de l'école de musique pour 2022-2023.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *rappelle que lors de la dernière séance du conseil communal, les conseillers communaux ont approuvé le financement de l'école de musique. Les cours sont gratuits jusqu'à 25 ans, puis coutent 100 € par an.*
*À ce jour, l'école de musique compte 750 inscriptions sans inclure les enfants de l'éveil musical dans les maisons relais.*

*La liste d'attente se monte à quelque 80 personnes en raison du manque de place et de ressources.*
*Actuellement, 32 enseignants travaillent 400 heures par semaine. Aucun nouveau cours n'est prévu même si davantage de cours d'instruments à vent sont proposés.*
*Robert Mangen demande aux conseillers communaux d'approuver l'organisation de l'école de musique.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *constate qu'une année de transition attend l'école de musique de Differdange. Il fait référence à l'introduction de la gratuité des cours pour les jeunes de moins de 25 ans.*
*Avec environ 750 élèves et 400 heures d'enseignement par semaine, l'école a atteint sa capacité maximale, ce qui explique l'absence de nouveaux cours.*
*Malgré une liste d'attente de 80 personnes, le développement du niveau des classes est positif. Des locaux supplémentaires sont devenus nécessaires.*
*Le DP soutient l'organisation provisoire de l'école de musique pour 2022-2023.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *annonce que les écologistes approuveront ce point. Elle remercie les enseignants et le personnel administratif pour leur travail.*
*Malheureusement, elle ne ressent pas vraiment d'enthousiasme dans cette organisation. Il n'y aura pas assez de places pour tous les élèves. La liste d'attente va s'allonger avec l'accroissement de la population. La gratuité introduite par le ministère de l'Éducation nationale ne permettra pas à tous les étudiants qui le souhaitent de suivre des cours.*
*Par ailleurs, Nicole Wohl souligne le fait que la gratuité n'existe pas. D'un côté, il y a ceux qui profitent d'un cours ou d'un service ; de l'autre, il y a les contribuables qui paient pour ce service ou cours.*
*Le nombre d'heures de cours baisse de 17,75 heures malgré une augmentation probable du nombre d'élèves. Il faudra s'adapter à l'arrivée de nouveaux habitants.*
*Nicole Wohl suppose que tous les cours ne sont pas saturés. Elle in-*

An dëser Zuel sinn d'Kanner vum Éveil musical an de Maison-relaisen nach net dran.

Wéi déi Jore virdru hu mir leider eng Waardelëscht bedéngt duerch d'Raimlechkeeten, begrenzten Instrumenter an adequat Enseignanten. Et ass eng Waardelëscht vun ongeféier 80 Leit. Mee déi kënnen awer warscheinlech, deemno wéi d'Inscriptiounen nach weider lafen, deelweis opgefaangе ginn.

Wéi Dir den Ënnerlagen enthuele kënnt, bleiwen déi meescht Coursë bestoen. Et gi keng weider Coursen zousätzlech ugebueden, fir eng kleng Transitioun ze hunn, wéi dat elo déi nächst Joren ofleeft. Et ginn e bësse méi Blechinstrumenter-Coursen ugebueden, wat a sech onser Harmonie an der Fanfare zegutt kënnt.

Am Moment sinn ongeféier 32 Enseignanten an der Museksschoul, déi 400 Stonne pro Woch prestéieren. Et géif mech freeën, wann Der déi provisoresch Organisatioun géift matstëmmen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, fir eis Museksschoul steet en Iwwergangsjoer un. Haaptneierung d'Gratuitéit vun de Course fir Leit bis 25 Joer.

D'Museksschoul entwéckelt sech am Kulturzentrum weiderhi gutt. Den Zoulaf ass grouss. Raimlech si mer bekanntlech un der Limitt. Dat ass och de Grond, firwat keng nei Coursen an de Programm opgeholl goufen.

D'Offer vun den enseignéierte Fächer bleift deemno d'selwecht. Beim Corps enseignant an dem Personnel administratif gëtt et just wéineg Ännerungen, wat positiv ass.

Den Total vun de Stonnen am Enseignement direct pro Woch ass mat 400,05 liicht ënnert dem Virjoer. D'Schülerzuel wäert sech bei plus/minus 750 apendelen. Op der Waardelëscht, mir hunn et héieren, stinn eng 80 Leit.

Nei Raimlechkeete ginn also gebraucht.

Wat den Niveau vun de Klassen an eenzele Schüler ugeet, ass d'Entwécklung ganz positiv. Ech profitéieren dervun, fir allen Enseignanten an der Administratioun Merci ze soe fir hiert Engagement a wënschen eng glécklech Hand bei den Aufgaben, déi elo op se zoukommen. Merci soe wéilt ech an dësem Kontext och de Leit aus der Bluesschoul, déi nach ëmmer ganz beléift ass.

D'DP stëmmt déi provisoresch Schoulorganisatioun vun der Museksschoul fir d'Joren 2022/2023 mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Déi Gréng stëmmen dëse Punkt.

De Choix vun de Coursen ass grouss. Mir soen alleguerten den Enseignantë Merci fir déi Aarbecht, déi si leeschten an och dem administrative Personal vun der Museksschoul.

Et gëtt allerdéngs e Bemoll – oder e puer: D'Presentatioun ass komplett, et ass allerdéngs esou, dass ech wéineg Begeeschterung erausliesen oder wéineg Begeeschterung gefillt hunn. D'Schüler, déi un de Musekscoursen interesséiert sinn, wäerten net genuch Plaz hunn. Et gëtt eng Liste d'attente. Wann Déifferdeng wiisst, wäert déi Lëscht net méi kleng ginn. D'Gratuitéit, déi vum Educatiounsministère agefuerdert ginn ass, wäert net all Schüler Accès verschafen.

Ech wëll drop hiweisen, dass ni eppes gratis ass. An deem enge Fall gëtt et déi, déi vum Service oder Cours profitéieren, an deem anere Fall bezilt d'Allge-

mengheet, de Steierzueler, fir déi, déi de Service/Cours an Usproch huelen.

Fir d'nächst Joer si 17,75 Stonne Cours manner virgesinn, obwuel d'Zuel vun de Kanner warscheinlech méi grouss si wäert. Dëst ass awer de Moment nach net de Fall, well an de Schoulen ass just e Plus vu véier Schüler. Et muss een natierlech kucken, mat all deem, wat gebaut gëtt, wéi dat da wäert weidergoen a sech adaptéieren.

D'Coursë si bestëmmt net all voll. Ech encouragéieren déi Leit, déi nach eng Plaz sichen, ze kucken, ob net an anere Coursen nach Plaze fräi sinn.

An der Presentatioun steet, dass et eng Année de transition ass, wéi och schonn 2021/2022 stoung, et wär eng Année de transition. Et gëtt keen neie Cours ugebueden.

Perséinlech géif ech et flott fannen, wann och do Changementer wieren an net nëmme Changementer, déi administrativer Natur sinn.

Des Weidere vermëssen ech Diktiounscoursë fir Adulten op Lëtzebuergesch – a firwat net och op Franséisch oder op aner Sproochen. Och Theatercoursë fir Adultë vermëssen ech. Rezent beim Fräiliichttheater hei zu Déifferdeng hunn ech gemierkt, dass ech net dat eenzegt sinn.

D'Coursen, déi fréier vum Carole Lorang gehale gi sinn, ware gutt besicht. Dofir géif ech dem Schäfferot mat op de Wee ginn, awer vläicht nach aner Coursen ze plangen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech wëll all deene Leit Merci soen, déi un der Ausschaffung vun dëser Schoulorganisatioun vun der Museksschoul bedeelegt waren. Merci dem administrative Personal. Merci de Leit, déi d'Coursen halen, fir déi gutt Aarbecht, déi se leeschten an dësen net ëmmer ganz einfachen Zäiten.

D'Waardelëscht ass zimmlech laang. Dat ass schued, well et weist effektiv, dass et u Lokalitéite feelt. Dat weist awer och, dass en immens groussen Interessi do ass. An dat ass eppes, wat een duerchaus positiv ka gesinn, dass mer eng Museksschoul hunn, wou d'Leit wëllen hin, wou d'Leit wëllen d'Coursë besichen.

Netdestotrotz muss ee sech Gedanke maachen, wéi een de Manktem u Plaz kuerz- bis mëttelfristeg an de Grëff kritt, fir der Demande esou gutt et geet gerecht ze ginn.

Dat gesot, nach eng Kéier vu menger Säit aus, e grousse Merci och am Numm vun der LSAP un all d'Enseignanten. Mir droen dat hei mat. Merci.

**BUERGERMHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation provisoire de l'école de musique pour l'année scolaire 2022-2023.*

Merci. Am Punkt 7a geet et ëm en Acte notarié mat engem Bail emphytéotique an eisem Gravity. Mir haten där der schonn e puer. Dës Kéier geet et ëm en Appartement mat Balcon um aachte Stack mat engem Keller am zweete Sous-sol an engem Emplacement intérieur um éischte Sous-sol. D'Surface vum Appartement ass 87,55 Meterkaree. An de Präis ass 296.089,12 Euro.

Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements situés dans le Gravity Tower à Differdange.*

*vite les personnes cherchant une place à consulter les différentes possibilités.*
*L'année 2022-2023 est considérée comme une année de transition, mais la même chose avait été dite pour 2021-2022.*
*Malheureusement, aucun nouveau cours n'est proposé. Nicole Wohl aurait préféré que les changements ne se limitent pas aux questions administratives. Elle déplore l'absence d'un cours de diction ou d'un cours de théâtre pour adultes. Les anciens cours de Carole Lorang connaissaient un beau succès. Elle exhorte le collège échevinal à prévoir d'autres cours.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *remercie tous ceux ayant élaboré l'organisation de l'école de musique — que ce soient le personnel administratif ou les enseignants.*
*La liste d'attente est plutôt longue, ce qui est dommage. L'intérêt des gens est là, mais il n'y a pas de place pour tout le monde. Il faudra donc voir comment maitriser ce manque de place à court ou moyen terme.*
*Pierre Hobscheit remercie les enseignants au nom du LSAP.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à un acte notarié avec bail emphytéotique pour Gravity.*
*Plus précisément, il est question d'un appartement avec un balcon au huitième étage ainsi qu'une cave et une place de stationnement. La surface de l'appartement s'élève à 87,55 m² pour 296 089,12 €.*
*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch passe à la location d'un atelier.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *souhaite aborder la question d'un contrat de location pour un hall de 70 m²destinés au stockage du matériel des associations differdangeoises.*
*Les associations et clubs de Differdange sont souvent confrontés à un manque d'espace pour stocker leur matériel.*
*Le contrat proposé s'étend sur une durée de 5 ans jusqu'en 2025. Le loyer pour les 2,5 premières années est fixé à 1700 €, puis il passe à 2000 € les années suivantes. Ce montant équivaut à environ dix euros le mètre carré, ce qui est considéré comme un tarif très avantageux.*
*Il est essentiel au regard des clubs de leur fournir une solution pour stocker leur matériel, sachant qu'ils en ont souvent besoin et qu'il leur manque l'espace adéquat.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *remercie chaleureusement le collège échevinal, en particulier l'échevin compétent, pour son engagement envers la vie associative. Le stockage demeure une préoccupation majeure pour les associations.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *demande quelle est la taille de l'espace disponible et combien d'associations peuvent y trouver place. Est-ce que la commune prévoit des aménagements tels que des box individuelles pour le stockage ? Qui détient la clé de cet espace ? Comment fonctionne le système ?*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *se dit ravi d'avoir enfin un lieu pour que les associations puissent stocker leurs affaires, qu'elles utilisent occasionnellement lors d'activités et de fêtes. Ce lieu peut être utilisé par toutes les associations, ce qui assure l'égalité de traitement.*
*Des questions ont été posées sur le fonctionnement, en particulier concernant la sécurité et la nature des objets stockés. La commune devra effectuer des contrôles.*
*La commune est également responsable en cas de disparition ou de*

Merci. De Punkt 7b dréit ëm en Atelier/Depot, dee mer als Gemeng Déifferdeng lounen. Heifir géif ech d'Wuert un den Här Aguiar ginn.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, madame la bourgmestre, il s'agit d'un contrat de location d'un hall de 170 m2 destiné au stockage de matériel pour les associations differdangeoises.

Les associations et clubs de Differdange sont souvent confrontés à un manque de place pour stocker leur matériel malgré leur engagement associatif à travers leurs principales activités et leur participation aux différentes manifestations.

Le contrat est pour une durée de cinq ans, jusqu'à 2025. Pour les 2,5 premières années, le loyer est fixé à 1700 €. Pour les années restantes, c'est pour 2000 €, c'est-à-dire environ 10 €/m2, qui est un très bon prix.

Il est important vis-à-vis de nos clubs de leur donner des moyens. Nous savons très bien qu'ils ont souvent besoin de stocker du matériel et qu'ils manquent de place. Il faut leur donner vraiment un moyen de stocker leur matériel. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Madamm Pregno, wannechgelift.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Mir wëllen dem Schäfferot, a besonnesch dem zoustännege Schäffen, fir d'Engagement felicitéieren. Et weist, wéi wichteg dem Schäfferot d'associatiivt Liewen an déi domadder verbonne Veräiner sinn. Well mer all wëssen, dass Stockage wierklech ëmmer e grousst Theema ass an de Veräiner. Dofir am Numm vun de Gréngen e grousse Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Merci, Dir Dammen an Dir Hären. Wéi grouss ass dat? Wéi vill Veräiner kënnen do Plaz fannen? Gëtt vun der Gemeng en Amenagement gemaach fir eenzel Boxen, datt Veräiner do kënne stockéieren? An am Endeffekt: Wien huet do de Schlëssel dovunner? Wéi funktionéiert dat, datt dat herno klappt, wann allkéiers eis Gemengeleit mussen dohinner goen, fir an- oder auszeraumen. Wéi vill Veräiner hätten do Plaz? Dat si meng Froen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Mir als Déifferdenger CSV begréissen immens, datt elo endlech eng Plaz fir eis Veräiner do ass, wou si hir Saache stockéiere kënnen, déi se zum Beispill bei hiren Aktivitéiten, Fester an esou weider brauchen, déi vill Plaz anhuelen, och wann dës Saache just e puermol am Joer zum Asaz kommen.

Wichteg ass, datt et fir all d'Veräiner ass an hei jidderee déi selwecht Chancen huet, d'selwecht behandelt gëtt. An och Plaz ass, fir wann e Veräin zu engem méi spéideren Zäitpunkt wéilt bäikommen.

D'Froen zum Fonctionnement goufe gestallt. Et ass wichteg, datt genee gekläert an dokumentéiert ass, wat hei däerf stockéiert ginn, punkto Sécherheet zum Beispill. Datt näischt Entflammbares, Explosives do ass. An et däerf natierlech och net herno eng Rumpelkammer sinn. D'Gemeng muss schonn en A drop hunn, wat d'Veräiner hei ënnerstellen. Wou ech och dovun iwwerzeegt sinn, datt dat schonn ugeduecht ass.

Eng aner Fro, déi mir eis gestallt hunn: Wéi gesäit et mat der Responsabilitéit aus, wann zum Beispill eppes géif ewechkommen oder futtigoen, zum Beispill duerch Vandalismus, Fiichtegkeet, Iwwerschwemmung? Ech weess, dat sinn déi net esou erfreelech Froe bei esou Projeten, trotzdeem ass et wichteg,

dëst am Virfeld mat de Veräiner kloer ze klären.

D'Saach ass immens gutt. Mir stëmmen dëse Contrat de bail mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech war mer d'Plaz ukucken. Ech kann net eppes stëmmen, ouni op d'Plaz kucke gaangen ze sinn an net ze wëssen, vu wat ech schwätzen.

Et sinn zwou grouss Garagen. Den Zoufaartswee zu deene Garagen ass net ongeféierlech, well d'Entréestrap vun deem privaten Haus niewendru féiert op den Zoufaartswee. Do hu mer kee Preavis, do ass näischt, déi Trape ginn op de Wee selwer. Ech weess net, déi Leit, déi virdrun déi zwou Garagen do genotzt hunn, déi waren dat vläicht gewinnt, mee et ass net ongeféierlech fir déi Leit, déi an deem Haus wunnen. Ass dat de Proprietär vun de Garagen? Weess ech net.

Da war ech och hannenaus déi zwou Garagë kucken. Selbstverständlech begréissen ech dat als Veräinsmënsch, wa mer Plaz hu fir sou Depoten. Et bleift awer nach fir d'Gemeng vill Aarbecht, well dat sinn zwou oppe Garagen, wou keng Boxe bis elo virgesi sinn. An et ass bis dato och nach näischt geschitt an deene Garagen. Quitte, dass d'Locatioun eréischt vum 1. Juli u leeft. Mee do bleift nach Aarbecht ze maachen.

Soss soen ech just nach eemol vun der Gefor fir déi Leit, déi do wunnen, wann déi sech deem bewosst sinn, dass dat eng gewësse Geforesituatioun duerstellt, well da kënnt méi Trafick do eran an eraus wéi een, deen en Auto just do ofstellt an deen net oft brauch,. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. eEch géif mech gären de Wierder vum Här Altmeisch uschléissen. Effectivement, déi zwou, nenne mer et Garagen, déi no hannenaus weisen, gi ganz no bei där Trap laanscht.

Ech wëll him op seng Fro äntweren: D'Haus an dat Lokal, dat mir elo lounen, ass ee Proprietär. Dat war elo gefrot ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Aguiar wäert Iech drop äntweren. Dat war elo eng Fro.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Nee, nee. Ech weess dat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

A, Dir wësst dat!

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Jo. Déi Leit hunn e Parking, e PMR-Parking ugefrot an der Mobilitéitskommissioun. Dofir weess ech, dass et déi selwecht Leit sinn, deenen dëst Lokal gehéiert, dass dat déi selwecht Leit sinn, d'Haus an hannendrun, sinn déi selwecht Proprietären. Dat war just eng Äntwert op dem Här Altmeisch seng Fro. Ech war méi schnell wéi den Här Aguiar.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Voilà!

*dommages, par exemple en cas de vandalisme ou d'inondations.*
*Jerry Hartung se rend compte que ces questions sont plutôt désagréables, mais il est essentiel de les clarifier en amont.*
*Les chrétiens sociaux approuveront ce contrat de bail.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *est allé jeter un coup d'œil à l'emplacement. Il y a deux grands garages. L'accès à ces garages est plutôt dangereux, car l'escalier d'entrée de la maison privée à côté mène directement à la voie d'accès. Guy Altmeisch ne sait pas si les personnes qui utilisaient ces garages auparavant en étaient propriétaires. Mais en tout cas, la situation est plutôt dangereuse pour les personnes qui habitent cette maison.*
*Ensuite, Guy Altmeisch a également regardé les deux garages de l'arrière. Bien sûr, en tant que membre d'une association, il salue l'existence de ces dépôts, mais il reste du pain sur la planche pour la commune. Ces deux garages sont ouverts, il n'y a pas de box et rien n'a encore été fait dans ces garages pour le moment. Certes, la location ne commence qu'à partir du 1er juillet. Mais il y a du travail.*
*Les habitants de la maison doivent être conscients qu'il y aura plus de circulation devant chez eux.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *confirme que les deux garages sont très proches de l'escalier. Elle explique à monsieur Altmeisch que le propriétaire de la maison possède également le hangar que la commune loue.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *indique à monsieur Aguiar de répondre à la question.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *réplique qu'elle connait la réponse.*
*Les personnes en question ont demandé une place de stationnement pour PMR à la commission de la mobilité. C'est pourquoi elle sait qu'elles possèdent à la fois la maison et le hangar. Elle a été plus rapide que monsieur Aguiar.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *précise que le local fait 70 m2 et qu'il peut être subdivisé en cages. Les associations pourront accéder à leur matériel sans déranger les autres.*
*Seize associations sont considérées comme prioritaires parce qu'elles manquent de place.*
*Le collège échevinal travaille aussi à la rédaction d'un règlement d'ordre interne. Il sera notamment interdit de stocker du matériel inflammable. Les associations seront informées de ce qu'elles peuvent stocker ou pas.*
*Paulo Aguiar explique par ailleurs qu'il est question d'un hall et pas de deux garages. Le garage à droite est privé et les associations n'y auront pas accès.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *estime que la surface est relativement petite.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *précise que la commune étudie la possibilité d'aménager un deuxième étage.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *connait l'endroit.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *ajoute qu'avant, il y avait un garage de motos. Il existe donc déjà un premier étage avec des bureaux.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a toujours cru que les associations auraient droit à un espace dans les ateliers de Niederkorn.*
*De toute façon, le hangar dont il est question aujourd'hui ne peut pas représenter une solution durable, mais une phase de transition.*
*(Interruption)*
*Fred Bertinelli fait référence à un hall destiné aux associations et aux clubs. Ce hall est-il toujours dans les plans du collège échevinal ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *constate que monsieur Bertinelli a raison de parler de phase transitoire pour aider les associations. Mais le collège échevinal recherche effectivement une solution définitive. Toutefois, Christiane Brassel-Rausch ne veut pas en parler actuellement, car elle ne dispose pas encore d'un accord.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Den Här Aguiar, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Il y a différentes possibilités de diviser le site. Il est prévu de diviser les 170 m² en cages. Comme ça, chaque association pourra accéder à son matériel sans devoir déranger les autres associations. Ça, c'est déjà prévu.

Il y a différentes variantes. Nous sommes en train de voir avec les associations, qui ont dû déménager à la suite des travaux de rénovation dans l'École des garçons. Il y a 16 associations qui vont être prioritaires, parce qu'elles manquent de place pour le matériel qui est stocké à l'extérieur de l'École des filles.

Mais nous sommes également en train de travailler à un règlement d'ordre interne. Tout ce qui est matériel inflammable, etc., ne doit pas être stocké dans le hall. Nous sommes en discussions avec les associations afin qu'elles sachent ce qu'elles peuvent stocker ou pas.

En ce qui concerne l'accessibilité au site, il s'agit d'un hall, pas de deux garages. C'est un hall qui est en face. Le garage à droite est privé, donc les associations n'auront pas accès à ce garage à droite.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Bertinelli. Duerno den Här Altmeisch.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

C'est relativement petit, quand on a seulement le hall.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

On a 170 m². Nous avons éventuellement la possibilité d'ajouter un deuxième étage, parce que c'est relativement grand. Je ne sais pas si vous êtes allé voir.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Oui. Je sais où c'est.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Il y avait un garage de motos. Donc, on a déjà un premier étage. Il y a de petits bureaux.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Vous venez de dir cinq ans. Mais pour combien de temps avez-vous pensé de faire ça ? Parce que moi, je suis toujours parti du principe qu'on voulait installer les associations et les clubs sportifs dans notre nouvel atelier technique à Niederkorn. Maintenant, il y a un hall qui ne se fait plus. Je comprends. Mais l'objectif, c'est ce que ce ne soit pas une décision définitive. C'est une phase de transition pour l'instant.

Le hall qu'on avait planifié un jour pour les associations et les clubs, va-t-on encore le faire ? Je ne sais pas si c'est encore dans vos plans ou pas. C'est une question.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch. Ech erlabe mer, direkt op dem Här Bertinelli seng Fro ze äntweren. Mir proposéieren elo eng Iwwergangsléisung, genau wéi Der et elo gesot hutt. Et ass eng Iwwergangsléisung, fir de Veräiner entgéintzekommen. An eppes aneschters ass, wéi gesot, an der Maach. An ech ginn hei näischt Präis, bis mer et schwaarz op wäiss hunn.

Mir sinn amgaangen drun ze schaffen, eng definitiv Léisung ze fannen, fir de Veräiner Stockageraum a souguer Versammlungsraim ze ginn. Mee mir hunn nach näischt schwaarz op wäiss.

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Mir däerfen net vergiessen, eng Assurance do drop ze maache géint Héichwaasser. Well dat do ass eng vun deene Plazen, déi beim leschten Héichwaasser betraff waren. Do war d'Waasser bis an déi Garagë gelaf. Ech war selwer dohi kucken, vis-à-vis vun der Gulf-Statioun. Dat ass de Leit do an de Keller gelaf. Ech hunn d'Leit deemools gesinn, déi amgaange waren, mat där Situatioun ze kämpfen. Mir mussen dat onbedéngt mat an den Déngen huele vun den Assurancen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial pour un atelier/dépôt de stockage sis à Differdange, 350, rue Woiwer.*

Villmools merci fir Äre Vott, awer och fir d'Matdenken, well et geet jo ëm eis Veräiner, dat positiivt Matdenken, dat Soen: „Hei passt op…“ oder esou. A mengen Ae soll e Gemengerot esou funktionéieren, am Interêt vun de Bierger vun eiser Gemeng.

Domadder kommen ech bei de Punkt 7c. Hei geet et ëm en Avenant vun engem Contrat de bail am 1535°. Den Här Luca de Michele kritt en Avenant. Den Här schminkt, mécht Hochzäiten an Evenementer. Dem Här Michele seng Aktivitéiten hunn zougeholl, huelen ech un och elo nom Covid, e mécht ganz flott Saachen, e kritt en zousätzleche Raum ab den 1.8.2022.

Et geet hei ëm en Espace 203 just niewent sengem aktuellen Espace um zweete Stack am C-Gebai, deen, wann Der Iech erënnert, d'Madamm Kumiyo, déi am Abrëll jo zréck a Japan gaangen ass, resiliéiert hat.

Solle mer déi zwee zesumme votéieren? Okay, da ginn ech direkt iwwer bei d'Resiliatiounen.

Et hu sech zwee Independanten decidéiert, hire Kontrakt ze resiliéieren, engersäits d'Madamm Carole Wilmet aus dem Espace 2 am Rez-de-chaussée vum A-Gebai, anerersäits den Här Nuno Lorena aus dem Espace 210 um zweete Stack am Gebai C.

Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à un contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub.*

Merci. De Punkt 8 ass de Plan d'action local am Kader vum Pacte Logement 2.0. Mir haten dozou eng Informatiounsversammlung mat de Fraktiounscheffen, well et e relativ komplexen Dossier ass, fir Iech e bësse mat op de Wee ze huelen. Ech probéiere ganz kuerz e Resümmee ze maachen, wou mer eis situéieren.

Dat Ganzt ass am Kader vum Pacte Logement 2.0, dee mer jo ënnerschriwwen hunn. Nodeems mer d'lescht Joer d'Convention initiale approuvéiert hu vum Pacte Logement 2.0, si mer elo an enger zweeter Etapp. Duerch d'Approbatioun vun der Convention initiale hu mer eis engagéiert, e Programme d'action locale ze maachen an auszeschaffen.

De PAL ass e Questionnaire, dee vum Logementsministère ausgeschafft gouf, mat Froen zu fënnef verschiddenen Theemen. Dir hutt dat alles an Ärer Dokumentatioun. Do geet et ënner anerem ëm d'Conditions cadres, et geet ëm d'Création de logements abordables, et geet ëm d'Mobilisatioun vum Potentiel foncier – dozou hat den Här Weirich virun nach net allze laanger Zäit eng Fro eraginn –, et geet drëm, d' Liewensqualitéit ze verbesseren, et geet ëm d'Kommunikatioun, et geet ëm d'Sensibilisatioun an et geet virun allem ëm Biergerbedeelegung.

Do kommen nach ganz vill Erausfuerderungen op eis duer. Éischtens, well et

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *propose d'assurer le hangar contre les inondations. Car lors des dernières inondations, le garage a été touché. Guy Altmeisch s'était rendu sur place et avait vu les gens dans une situation difficile.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie le conseil communal pour son vote, mais aussi pour ses remarques constructives. C'est comme cela qu'un conseil communal doit fonctionner.*
*Elle passe à l'avenant d'un contrat de bail du 1535° avec monsieur Luca de Michele.*
*Monsieur de Michele est maquilleur pour les mariages. Ses activités connaissent un beau succès. C'est pourquoi il aura besoin d'un local additionnel à partir du 1er aout 2022. Il s'agit de l'espace 203 dans le bâtiment C. Madame Kumiyo est retournée au Japon.*
*Deux indépendants ont décidé de résilier leurs contrats : madame Carole Wilmet et monsieur Nuno Lorena.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au plan d'action local du Pacte logement 2.0. Le dossier est plutôt complexe.*
*La Ville de Differdange a signé le Pacte logement 2.0. La convention initiale approuvée l'année dernière exige l'élaboration d'un programme d'action. Ce plan d'action est un questionnaire établi par le ministère du Logement autour de cinq thèmes : la condition-cadre, la création de logements abordables, la mobilisation du potentiel foncier, l'amélioration de la qualité de vie et la communication.*
*Il s'agit d'un véritable défi. Monsieur Ricciardelli a pris contact avec tous les services concernés. La façon dont les services collaborent devra être revue. Les visions doivent être plus ouvertes, plus globales et plus lucides.*

*La commune doit aussi dresser un état des lieux de ses faiblesses et de ses points forts. Les faiblesses devront être compensées. Christiane Brassel-Rausch cite l'exemple des salles de classe. Differdange en manque. Mais ce manque est dû au fait que la population a crû plus vite que la moyenne nationale. Malheureusement, la planification de nouvelles écoles n'a pas suivi l'accroissement de la population. C'est ce qui explique que les effectifs des classes sont destinés à augmenter l'année prochaine. La commune fait ce qu'elle peut, mais elle est confrontée à des conditions nationales et internationales difficiles.*

*Christiane Brassel-Rausch répète que Differdange a besoin de salles de classe. Les conseillers communaux connaissent les prix. Le budget devra faire face à ses dépenses.*

*En septembre, le conseil communal devra approuver une convention de mise en œuvre comme prévu dans la convention initiale.*

*Le plan d'action local a été présenté aux partis le 1er juin dans une réunion de travail.*

*La Ville de Differdange se trouve dans une bonne position parce qu'elle a rempli ses obligations au cours des dernières années. Elle compte notamment 636 appartements loués par le Fonds du logement. Dans le cadre de Gravity, la commune a acheté 80 appartements. Un projet intergénérationnel est prévu au Karro. L'appel à candidatures pour ce projet connait d'ailleurs un certain succès. En d'autres termes, la Ville de Differdange prend des initiatives pour façonner son avenir.*

*L'AIS Kordall dispose de 104 logements, dont 50 se trouvent à Differdange. Christiane Brassel-Rausch en profite pour remercier l'équipe de l'AIS Kordall pour son engagement. De nouvelles personnes ont été recrutées et elles méritent d'être félicitées.*

*Si la population de Differdange continue de croitre au même rythme que ces dernières années, elle comptera 10 000 unités de plus dans 10 ou 15 ans. Le collège échevinal est d'avis qu'il faut croitre et qu'il faut construire des logements, mais qu'il faut aussi s'assurer que*

en transversale Gedanken ass. Den Här Ricciardelli huet och scho mat deene verschiddene Servicer Kontakt opgeholl. Mir hunn e puer där Projeten elo lafen, wou mer eis mussen ëmstellen. Och um Niveau vun Zesummeschaffe vu Servicer. Mir mussen ufänken ëmzedenken. Mir probéieren dat lues a lues. Mir probéieren et sou gutt wéi méiglech ze maachen.

Dat elei ass elo ee Beispill vun esou engem Denken, dee changéiert huet. Wat méi e globaalt Denken ass, wat méi en oppent Denken ass, wat méi e wäitsichtegt Denken ass an net jiddwereen nëmmen a senger Schinn fiert. Dat ass déi eng Erausfuerderung vun dësem PAL.

Dann d'Prinzip État des lieux, Evaluatioun an Objektiver festsetzen, fir d'Manktemer an d'Point-forten erauszeschneiden, d'Manktemer ze kompenséieren, ze verbesseren. Bei de Point-forten ze soen: Hei, dat hu mer, do sti mer, do brauche mer näischt méi ze maachen.

Ee Beispill, de Schoulraum. Deen ass de Moien immens dacks ugeschwat ginn, mat Recht. Awer ech soen direkt hei hannendrun, ech hunn et schonn dacks gesot, an ech ginn net midd et ze soen, dee Manktem u Schoulraum ass awer, well mer iwwerduerchschnëttlech séier gewuess si par rapport zum Duerchschnëtt vum ganze Land. Do leie mir héich uewen un der Spëtzt.

A mat deem iwwerduerchschnëttlech schnelle Wuesstem ass verpasst ginn, wat hannendru kënnt, dat heescht Schoule mat ze plangen an esou virun an esou weider. Wou mer elo natierlech alerte sinn an de Sënn och agesinn. Dat ass och eng Erklärung, firwat d'Effectiffer an de Klassen d'nächst Joer mussen eropgoen. Well mer net esou séier eng Schoul aus dem Buedem gestampft kréien, wéi de Besoin do ass.

Mir sinn eis dem Problem bewosst, mir schaffen drop, mee déi Konditiounen, déi onofhängeg vun eis sinn, national an international, déi hëllefen eis an deem Sënn elo der Gemeng direkt net.

Mir brauche Schoulraum, dat ass kee Geheimnis. Mir sinn drun. Ech kann Iech net soen, wat d'Käschte vun enger neier Schoul sinn. Da muss eise Budget dat och nach verdroen. Also do hänke ganz vill Saachen drun.

Déi nächst, déi drëtt Etapp, wär eng Convention de mise en oeuvre – dat wäert am September sinn –, déi mer dann hei op den Ordre du jour wäerten huelen. Fir datt mer dat dann alles, laut Convention initiale, fir spéitstens den 30. September, also innerhalb vun engem Joer, dem Logementsministère kënne virschloen, an dass dat do approuvéiert gëtt.

De PAL gouf den 1. Juni an enger Aarbechtsreunioun vun de Parteien undiskutéiert an erkläert. Am grousse Ganze kënne mer soen, dass mer als Stad Déifferdeng gutt opgestallt sinn. D'Stad Déifferdeng ass an deene leschte Joren hirer Obligatioun punkto Logement nokomm, virun allem, wat de Logement abordable ubelaangt. D'Zuel vu 636 Wunnengen an der Locatioun vum Fonds de Logement ass e gudde Beweis.

Wunnengen, zum Beispill vum leschte Projet vum Fonds de Logement an der Grousssstrooss, wou mer Wunnenge verkaf hunn, déi sinn net an dëser Zuel mat dran. Déi 636 ass just Locatioun. Net de Verkaf.

Verschidde Projete wéi de Gravity, an deem mer 80 Wunnenge kaf hunn a wou mer och en intergenerationelle Projet ugeduecht hunn, de Karro, wou mer virun zwou Wochen en Appel à candidatures lancéiert hunn, wou och schonn Äntwerten an Interessente komm sinn, zum Deel wierklech en innovativen, neie Projet, si Beweiser, dass och an dësem Segment d'Déifferdenger Gemeng wierklech Initiativ weist a sech op de Wee mécht, d'Zukunft matzegestalten a positiv Akzenter ze setzen.

AIS Kordall, do si mer immens aktiv. Mir hunn iwwer 100 Wunnengen, an der leschter Versammlung ware mer bei 104. Woubäi vun deenen 104 Wunnenge sech der 50 um Territoire vun der Gemeng Déifferdeng befannen.

Ech géif an dësem Kader dovu profitéieren, der Ekipp vun der AIS Merci ze soe fir hiert Engagement. Dir wësst, si ass nei zesummegewürfelt ginn, mir hunn nei Leit ugestallt an déi hunn et wierklech verdéngt, felicitéiert ze kréi-

en. Si hu sech gutt ageschafft a schaffen engagéiert mat.

En anere Punkt, deen et géllt, hei ervirzehiewen, ass de Wuesstem. Ech hunn et schonn eng Kéier ugeschwat. D'Stad Déifferdeng géif an deenen nächsten zéng bis 15 Joer nach 10.000 Awunner méi hunn, wa mer op der nämmlechter Vitess géife weiderfueren, wéi mer an deene leschte Jore gewuess sinn.

Eppes wat mer net dierfen vergiessen, oder wat eis als Schäfferot immens wichteg ass: Wuessen ass gutt, Logement gëtt gebraucht, mir sinn eis däers bewosst, mir sinn engagéiert, mir ginn aktiv mat deem Projet ëm, mee wat mer awer net däerfe vergiessen an eiser Stad, ass, d'Liewensqualitéit héich ze halen a se de Leit ze ginn. Well ouni Liewensqualitéit lafen d'Leit och erëm fort.

Firwat schwätzen ech vu Liewensqualitéit? Dorop wäerte mer beim nächste Punkt kommen. Dat ass e gewëssene Raum fir ze liewen, dass mer d'Leit net a Kanéngerchersställ sëtze loossen. Dat heescht awer och ganz vill ekologesch Projeten, wou mer drop sinn, wou mer ënnerstëtzen, 100 Smart Cities oder Net Zero oder Gemeinwohlökonmie, wou Der nach an nächster Zäit wäert héieren.a

An do brauch d'Gemeng Déifferdeng sech wierklech net ze schummen. Ech ënnersträichen et nach eng Kéier: Mir sinn do aktiv. An ech wär frou, wann all Partei dat, souwäit wéi et hinne méiglech ass, kënne matdroen an och soen, et ass esou. An net ëmmer dergéintfachen, well do iergendeppes Klenges nach verbesserungsbedürfteg ass. Well mir si wierklech um gudde Wee. Ech bieden Iech, dëse PAL matzestëmmen.

Just, fir Iech nach e puer Zuelen ze nennen: Den 31. Dezember 2000 hate mer 18.547 Leit. Den 31. Dezember 2005 hate mer 20.157 Leit. Den 31. Dezember 2010 hate mer 22.008 Awunner. Den 31. Dezember 2015 24.633 Awunner. Den 31. Dezember 2020 27.784 Awunner an den 31. Dezember 2021 28.609. An ech weess, dass mer mëttlerweil schonn iwwer 29.000 sinn. An deem Sënn hoffen ech, mat Ärer Ënnerstëtzung, am Sënn vun Déifferdeng, am Sënn vun eise Bierger, dass Der dëse Projet matdrot. Villmools merci.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wollt bal soen, gutt geschwat, mee ech kann dat jo elo a menger Thematiséierung nach eng Kéier ënnersträichen. Zum Dokument, betreffend de Plan d'action local logement, PAL, wou d'Situatioun vun der Stad Déifferdeng no verschiddene Krittären evaluéiert gouf – am Ganze sechs,Aan Dir hutt eis gesot, wat déi eenzel Krittäre sinn, do ginn ech net méi am Detail drop an –, hu mer als LSAP Folgendes ze soen.

Direkt am Ufank vu menger Interventioun wëll ech eise Service Logement, a speziell dem Giorgio Ricciardelli, felicitéiere fir déi exzellent Aarbecht. Ënner A, Conditions cadres, geet d'Dokument an der Haaptsaach op eisen neie PAG an, wou all d'Krittäre betreffend der urbanistescher Entwécklung agefloss sinn, d'Servitudë betreffend den Erhalt vun den Eefamilljenhaiser an de Schutz vun der Architektur.

Och gëtt iwwer deen neie Service Logement geschwat an iwwert déi verschidden Initiativë wéi AIS Kordall, de Projet Gravity an esou weider.

Aus dem Dokument kann een erkennen, dass fir de Moment 636 Wunnengen zesumme mam Fonds de Logement a sozial Mietwunnengen zur Verfügung stinn. Dir hat jo och dovu geschwat. Mir wëssen, dass de Projet SNHBM zu Nidderkuer am Péitenger Wee Wunnengen zur Verfügung stellt als Locatioun an och am Mathendahl de Fonds de Logement, déi sinn hei nach net dobäi, déi kommen nach do dobäi.

Ee wichtege Punkt schéngt eis – an ech hu mer soe gelooss, dat wär aus Dateschutzgrënn, ech schwätzen hei vun eidelstoende Wunnengen, dat heescht de Leerwunnengsstand. Dat ass e grousse Problem hei an der Gemeng. Et gëtt vun zirka 400 geschwat, dat sinn der vill! Do kéinte mer ganz schnell op 400 Mietwunnengen eropgoen.

Mir mussen onbedéngt, och wann do Grenze gesat sinn, erkennen, wou déi

*la qualité de vie des habitants reste élevée. Autrement, les gens vont s'enfuir.*
*On ne peut pas forcer les gens à vivre dans des boites à sardines. Christiane Brassel-Rausch mentionne des projets écologiques comme net0cities ou l'économie de bien commun. Elle espère que les différents partis politiques pourront les approuver au lieu de se focaliser sur des détails. Elle demande au conseil communal d'approuver le PAL.*
*Elle signale que Differdange comptait 18 547 habitants au 31 décembre 2020 et 28 069 habitants au 31 décembre 2021. Aujourd'hui, la barre des 29 000 habitants est dépassée.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ne va pas revenir sur les six critères du plan d'action local, car la bourgmestre les a explicités.*
*Il remercie le service logement et plus spécialement monsieur Giorgio Ricciardelli pour son excellent travail.*
*Les conditions-cadres portent sur le nouveau PAG et comprennent les servitudes sur les maisons unifamiliales et la protection de l'architecture. Le service logement et des initiatives comme l'AIS Kordall et Gravity sont aussi mentionnés.*
*Differdange compte actuellement 636 appartements à louer gérés par le Fonds du logement. La SNHBM a des projets dans la route de Pétange et dans le Mathendahl à Niederkorn.*
*Parmi les grands problèmes de la commune figure le fait que Differdange compte quelque 400 logements inoccupés. C'est beaucoup ! Ces logements représentent potentiellement 400 appartements à louer. Erny Muller propose d'essayer de trouver les propriétaires de ces logements à travers le ministère de l'Intérieur ou le ministère du Logement, de les contacter et de tout faire pour les convaincre de les céder à travers l'AIS Kordall ou la commune.*
*Le document stipule que la commune souhaite créer non seulement des logements sociaux, mais aussi des logements abordables pour les classes moyennes. Il y a en effet des gens ne pouvant pas bénéficier*

*d'appartements à bas cout, mais ne disposant pas non plus des revenus nécessaires pour un appartement au prix courant. Malheureusement, le document ne précise pas comment la commune entend atteindre ces objectifs.*

*Le texte contient de nombreuses idées, mais peu de données concrètes. Combien de logements le collège échevinal veut-il créer chaque année ? La commune veut mettre un frein à la croissance, mais son champ d'action est limité. Elle doit aussi se donner les moyens d'effectuer un suivi des mesures afin de savoir lesquelles vont fonctionner et lesquelles ont été surévaluées.*

*Par ailleurs, il est évident que si la commune souhaite vendre des logements au prix de production, elle doit posséder les terrains. Dans le quartier Woiwer, par exemple, la commune est propriétaire. C'est un avantage. Erny Muller exhorte le collège échevinal à essayer d'acheter des terrains même si c'est difficile. Cela permettrait à la commune de décider ce qu'elle veut construire.*

*Si la commune souhaite devenir active sur le marché du logement, ce qui est d'ailleurs préconisé par le ministère du Logement, elle doit fournir au service logement les moyens de le faire. Le service a notamment besoin d'une liste de tous les biens immobiliers de la commune répertoriant les dépenses, les recettes et les amortissements.*

*Le PAL parle de l'acquisition d'une application adaptée à la gestion du patrimoine. Le service logement en a besoin.*

*Les socialistes ne veulent pas que Differdange croisse trop rapidement, car cela entrainerait des frais conséquents en ce qui concerne les infrastructures tout en impactant la qualité de vie. Il est donc essentiel de ne pas accroitre le périmètre de construction et de préserver les zones jardins et les zones REC. La commune doit veiller à ce que les nouveaux quartiers comprennent suffisamment d'espaces verts.*

Wunnenge sinn. Oder wa mer net däerfen do intervenéieren, musse mer eng Léisung fannen, vläicht mat staatleche Partner, ob dat de Logement ass, ech weess et net, oder den Interieur. Mee dass mer eng Léisung fannen, fir déi ausfindeg ze maachen an d'Leit ze kontaktéieren a versichen iwwert de Wee vläicht, dat wär jo eng Iddi, dass entweeder d'Gemeng oder d'AISK géif an de Genoss vun deene Wunnenge kommen, fir se weider ze fëllen.

Am Text steet, dat begréisse mer: „La ville restera aussi attentive au développement de la mixité dans les différents quartiers". Et ass dat, wat Der ugeschwat hutt. Dat begréisse mir ganz staark.

Weider ass rieds, dass d'Stad Déifferdeng Wunnenge promouvéiere wéilt zu abordabele Präisser. Net nëmme Sozialwunnengen, mee och den abordabele Wunnengsbau weiderentwéckelen, fir op dës Manéier och der Mëttelschicht entgéintzekommen.

D'Mëttelschicht ass e ganz breede Begrëff, well et gëtt Leit, déi kommen net an de Genoss vu bëllege Wunnengen an déi hunn awer keng ganz déck Pai. An déi leiden och ganz staark drënner. An deene wëlle mer jo als Gemeng och Méiglechkeete bidden. Wéi mer dat allerdéngs maachen, oder wéi dat soll geschéien, dat gëtt an deem Dokument net erwäänt. Do misst een nach nobesseren, fir konkreet dran ze schreiwen: Mir wëllen dat esou an esou maachen, op deem Wee zum Beispill wëlle mer dat maachen.

Et fält op, dass am ganzen Text vill Iddien entwéckelt ginn, awer keng konkreet Angaben drastinn, wéi vill där verschidde Wunnengen zum Beispill pro Joer solle realiséiert ginn. Dir hutt gesot, mir mussen eng Brems aleeën. Domat si mer ganz d'accord, mir kënne verschidde Saache bremsen, anerer net. Ech mengen, déi um private Maart, do kënne mer näischt ënnerhuelen. Do, wou d'Gemeng natierlech d'Soen drop huet, kënne mer eppes maachen.

A wat ech awer wollt soen, dat ass, fir elo déi verschidden Initiativë besser evaluéieren ze kënnen, musse mer gewësse Facteure matafléisse loossen. Dat heescht, wat mer eis op wat fir engem Niveau virhuelen ze maachen. Da kann ee soen, mir haten eis do ënnerschat oder iwwerschat. Dat ass dann d'Fro vum Suivi.

Eppes schéngt eis evident: Wëlle mir eise Bierger un de Käschtevirdeeler bedeelegen, déi mer als Gemeng hu bei de Realisatioune pro Wunnprojeten, wou mer jo kee Benefice op engem Projet maachen, mee zum Selbstkostenpräis, zum Gestehungspräis weiderginn un de spéideren Utilisateur, da muss d'Gemeng a Besëtz vu Bauterrain sinn.

Mir haten de Muere rieds iwwert de Quartier Woiwer, wou dat de Fall ass. Do hu mer relativ vill Terrain, ech mengen, dat ass e Virdeel. Et sollt een awer kucken, wa mer Terraine kënne kréien – ech weess, dat ass net einfach, do si Virstellungen, wat fir ee Präis deen Terrain soll hunn. Mee mir sollen dee Wee weidergoen a versichen, nach weider Terrain ze kréien, well dann hu mer net nëmmen eng Handhab iwwert d'Politik an d'Diversitéit, wat mer do wëlle bauen, mee och iwwert d'Evolutioun. Dat heescht, wéi schnell eise Wuesstem ka virugoen, well da kënne mer dat selwer an d'Hand huelen.

Dann nach e Punkt. Wann d'Gemeng wëllt en aktiven Acteur um Wunnengsmaart ginn – vum Ministère de Logement gëtt dat jo och propagéiert neierdéngs, dass d'Gemeng soll aktiv matwierken, wat sech awer och am PAL erëmspigelt, well do ginn déi Froen an déi selwecht Richtung –, da muss dem Service Logement all Moyen zur Verfügung gestallt ginn, fir dëser Aufgab gerecht ze ginn. Sou ass, zum Beispill, d'Opléschtung vun engem kompletten Historique iwwert déi verschidden Immobilien ze erstellen, wou all d'Depensen, d'Recetten, d'Amortissementer an esou weider opgelëscht ginn. Dat heescht, e ganze Suivi vum Immobilier.

Am Dokument vum PAL gëtt no enger, wéi et heescht Acquisition d'un logiciel adapté pour la gestion du patrimoine gefrot. Eis Leit am Service Logement froen esou en Dokument, esou en Outil, deen de Moment anscheinend net an enger ugepasster Form zur Verfügung steet. Mee dat gëtt awer do gebraucht.

Fir eis als LSAP ass et wichteg, dass eis Stad net ze schnell wiisst. Dir waart schonn dorop agaangen, Madamm

Buergermeeschter. Do si mer komplett op enger Linn, wat net nëmmen zu Problemer an engem héije Käschtepunkt um Niveau vun den Infrastrukturen, wéi Schoulen, Kanalisatiounen, Sportsinfrastrukturen an esou weider féiert, mee och zu enger niddreger Liewensqualitéit. Wéi gesot, do si mer ganz op enger Linn.

Dofir ass et fir eis wichteg, dass de Bauperimeter net erweidert gëtt an aner Moossname wéi Zones jardin, Zones REC an därgläichen, déi am PAG ausgewise sinn, bestoe bleiwen.

Wichteg ass och, dass d'Gemeng aktiv matwierkt, dass an neie Quartieren déi néideg Grénganlagen – a mir kommen op den Aspect écologique ze schwätzen –, geschafe ginn. An och a bestoende Quartiere wa méiglech dat selwecht geschitt. Ech denken do u Begrëffer wéi Green Cities a Smart Cities an esou weider.

Wa mer nokucken, wéi eis Populatioun an deene leschte Jore gewuess ass, da gesi mer un de Chifferen – an Dir hutt et och gemaach –, ech wëll mech just op zwee apendelen, dat ass den 31.12.2018 18.547 Awunner. Ech hat eng Zäit virdrun am Gemengerot ugefaangen, do ware mer bei zirka 18.000, dat war deen héchste Stand deemools. An den 31.12.2021, dee leschte Chiffer, dee mer offiziell hunn, 28.602 Awunner.

Dat heescht, et war e Wuesstem vun 10.000 Awunner op 20 Joer gekuckt, an der Moyenne 500 Awunner pro Joer. Wann een awer elo kuckt bis 2021, dann ass et schonn e Plus vun 818. Dat heescht vu 500 an der Moyenne si mer am leschte Joer schonn op 818 gewiescht.

Laut dem Dokument vum PAL besteet weidert Potenzial vun 10.000 Awunner, soudass een am Joer 2035 un eng Grenz vu 40.000 Awunner kéint stoussen. Kënne mir dat verkraaften? Mir mengen nee.

Nach vläicht eng Iwwerleeung zum Pacte Logement 2.0. D'Stad Déifferdeng huet, am Kader vum Pacte Logement 1.0, wärend zwielef Joer eng Gesamtzomm vu ronn 30 Milliounen Euro kritt. 29.690.000 Euro. Dat ass ëmmerhin eng Moyenne vun 2,5 Milliounen Euro pro Joer, déi an d'Infrastrukture gefloss sinn. Déi Zomm war net direkt gebonnen un eng Initiativ. Et konnt ee se do asetzen, wou ee wollt.

De Pacte Logement 2.0, dee fokusséiert jo méi de Logement selwer. Ech kommen op déi 75 %, déi een do Ristourne kritt, wann een also subventionéierte Wunnengsbau baut. 75 %, da wësse mer awer nach net genee, wat fir finanziell Mëttelen do geliwwert ginn, ausser där doter Initiativ.

Et si jo och finanziell Participatioune virgesi fir de Wuesstem. Mee mir wëssen nach net genee, wou eis dat hiféiert. An duerfir wär eis Iwwerleeung, an d'Richtung ze goen, en theoreeteschen Entwécklungsmodell auszeschaffen, zum Beispill iwwer d'Joer 2021, a kucken, wat géif eis dat no deem neie Modell un zousätzleche Gelder bréngen.

Well soss wësse mer jo guer net méi – well wa mer d'Folgekäschte musse komplett alleguer selwer droen, da kënne mer direkt apaken als Gemeng. Dat ass jo net méiglech. Wa mer staark an de Logement investéieren, musse mer derniewent och en Deel zur Verfügung gestallt kréien, fir d'Folgekäschte vun esou engem Wuesstem ze decken.

An dann hätt ech eng weider Iddi oder Fro, dat ass, wéi eis Gemeng – an net nëmmen eis, och déi aner, wann déi sollen en Acteur um Wunnengsmaart ginn oder sinn –, wéi mer et fäerdegbréngen, de Budget vun deenen Immobilie lasszekoppelen, finanziell lasszekoppele vun eisem allgemenge Budget vun der Gemeng an zum Beispill eng onofhängeg Kontabilitéit ze féieren. Dat ass momentan net de Fall. Mee dat ass immens wichteg an dëser Fro.

Ech géif eis Gemeng encouragéieren, sech mol un de Syvicol ze wenden, well et jo all d'Gemenge betrëfft, dat hei, dass mer op en neie Wee kéinte goen. Ech mengen, dat ass jo awer wichteg.

Well Immobilien, dat ass net en Objet, deen als Entrée a Sortie einfach esou am Budget optaucht, an dann ass en eng Kéier do an da verschwënnt en erëm, an da kënnt erëm een – dat geet net esou. Do muss e reegelméissege Suivi sinn. An och, wéi gesot, d'Engagementer, d'Depensen, d'Facturen,

*Erny Muller passe à la croissance de la population. Le 31 décembre 2018, la ville comptait 18 547 habitants. Le 31 décembre 2021, ce chiffre a atteint les 28 602 unités. Cela représente une augmentation de 10 000 habitants en 20 ans ou 500 habitants par an. Mais en 2021, 818 personnes sont arrivées à Differdange. La moyenne de 500 personnes a donc été dépassée. D'après le PAL, Differdange a le potentiel pour passer à 40 000 habitants en 2035. Les socialistes ne pensent pas que ce soit tenable.*

*Dans le cadre du Pacte logement 1.0, Differdange a touché 29 690 000 € en 12 ans, c'est-à-dire 2,5 millions d'euros par an. Cette somme n'était pas liée à une initiative. La commune pouvait l'utiliser comme elle voulait.*

*Le Pacte logement 2.0 se concentre davantage sur le logement. La commune a droit à une remise de 75 % si elle construit des logements subventionnés. Des participations financières à la croissance sont également prévues, mais Erny Muller manque d'informations concrètes.*

*C'est pourquoi il propose de créer un modèle de développement basé sur l'année 2021 pour évaluer les montants que la commune va toucher. Car elle ne peut pas financer à elle seule tous les frais consécutifs à l'accroissement de la population.*

*Erny Muller se demande aussi comment la commune va réussir à séparer le budget lié aux biens immobiliers du budget général. Actuellement, ce n'est pas le cas, mais ce serait important. Le conseiller communal conseille au collège échevinal de s'adresser au Syvicol, car cette question concerne toutes les communes.*

*Un bien immobilier n'apparait pas qu'une fois dans le budget en tant qu'entrée et sortie. Un suivi des engagements, des dépenses, des factures et des amortissements sont nécessaires.*

*Les socialistes saluent ce nouveau document. Il faudrait simplement préciser les objectifs par des chiffres pour pouvoir ensuite évaluer les résultats.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *trouve intéressant de discuter du logement. Car en général, cela fait penser à des chantiers et à des opportunités. Le PAL montre tout ce que la commune a déjà fait, ce qu'elle est en train de faire et ce qu'elle pourrait faire à l'avenir.*
*Georges Liesch va passer en revue les différents points du document. Le premier concerne le cadre. La Ville de Differdange a déjà fait ses devoirs avec le nouveau PAG, qui indique clairement comment la commune veut croitre. Le PAG limite la densité de construction et comprend de nombreuses zones de récréation. Le collège échevinal veut éviter que les jardins des habitants ne se transforment en cités un jour. Cela a déjà été le cas dans le passé, mais ce ne sera plus possible à l'avenir.*
*C'est ce qui permettra de préserver la qualité de vie.*
*Le PAG règlemente aussi la croissance et permet à la commune d'avoir la mainmise sur celle-ci. Il répond à des questions du type: comment la commune doit-elle croitre, à quelle vitesse et comment?*
*Georges Liesch se souvient des discussions concernant la planification d'écoles et de structures sportives parce que la commune avait systématiquement un temps de retard sur la croissance. La croissance était en fait gérée par le marché privé. C'est pourquoi le collège échevinal a protégé les maisons unifamiliales pour qu'elles ne puissent plus être remplacées par des résidences dans les quartiers. Le PAG protège, quant à lui, le patrimoine historique. Ces deux mesures permettent à la commune de décider où elle veut croitre et où elle ne veut pas.*
*Le premier chapitre du PAL décrit donc le PAG et démontre que le collège échevinal avait raison.*
*Ensuite, la commune doit devenir actrice dans la réalisation de logements abordables. Certes, on peut critiquer certaines choses faites il y*

d'Amortissementer an alles dat, also dat muss eng richteg Kontabilitéit ginn.

Zum Ofschloss wëll ech drop hiweisen, dass mir als LSAP dat neit Dokument vum PAL absolutt begréissen.

An ech hat et schonn eng Kéier gesot, dat eenzegt, wou mer nach missen e bëssen dru feilen, d'Objektiver respektiv déi Ziler, déi mer eis ginn, dass déi mat Zuelen, ënner Form vun Zuelefacteuren e bëssen ënnerluecht ginn, an net nëmmen a Form vun Text, mee als konkreet Zuelen, fir dann och d'Resultater iwwer eng gewëssen Zäitachs besser anzeschätzen.

Mee fir de Rescht ass et e ganz gutt Dokument. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech wëll och ufänke mam Merci fir d'Opstelle vun dësem Dokument. Et ass interessant, dësen Exercice eng Kéier ze maachen. Well wann een u Logement denkt, huet jiddwereen am Kapp, wat mer alles maachen a wou nach Chantiere sinn an Opportunitéite sinn, déi ee ka maachen. An dëst Dokument bréngt emol zesummen, wat mer schonn als Gemeng hunn, wou mer aktiv sinn, wouru mer scho schaffen, awer och wou Potenzialer sinn, wou mer nach kënnen hunn, respektiv Punkten, wou mer soen, do wëlle mer net hin. Ech kommen do nach eng Kéier méi genau drop zréck.

Ech ginn déi eenzel Punkten e bëssen duerch, no deenen dëst Dokument opgebaut ass. Deen éischten Deel beinhalt haaptsächlech de Kader, an deem mer eis beweegen. Do, mengen ech, hu mer eis Hausaufgab gemaach am PAG. De PAG weist genau d'Richtung, an déi d'Gemeng an nächster Zäit wuesse wëll a wéi mer zesummeliewe wëllen.

Mir hu ganz vill Wäert drop geluecht am PAG, dass mer keng superdicht Bebauung wëllen hunn. Mir hu vill Zone-de-récréationen agebaut, wou mer soen, do wëlle mer net, dass an den Hannergäert vun de Leit iergendwann eng Kéier eng Cité entsteet. Wéi mer dat schonn eng Kéier hei haten. Dass dat an Zukunft net méi méiglech ass. Dass mer déi Qualité de vie, déi mer an de Quartieren hunn, och behalen.

De PAG leet awer och fest, oder huet deen Nol nach méi fest ageklappt, dee mer scho virum PAG gemaach hunn, nämlech de Wuesstem ze reglementéieren, respektiv iwwerhaapt emol d'Main-mise ze kréien op dat, wat mer Wuesstem nennen. Dat heescht, wéi d'Gemeng wuesse kann, wou se wiisst a wéi schnell se wiisst. Dat war virdrun net.

Mir erënneren eis un déi Diskussiounen, wou mer relativ séier jo gewuess sinn an ëmmer e bëssen hannendru gelaf sinn, da brauche mer erëm e Schoulraum do, erëm e Klassesall hei, eng Sportsinfrastruktur do. Einfach well mer net woussten: Wou entsteet eng Cité? Wou gëtt méi dicht bebaut? Wou brauche mer Schoul- a Maison-relais-Infrastrukturen?

Mir haten einfach déi Vue net, well mer dat quasi dem Privatmarché iwwerlooss hunn. Dat hu mer scho virum PAG geännert, andeem mer e Schutz op d'Eefamilljenhaiser agefouert hunn, wou mer eng Brems scho mol ageluecht hunn, dass net iwwerall an de Quartieren eenzel Haiser kënnen ofgerappt ginn, fir Residencen ze bauen an dee Wuesstem, dee mer eigentlech iwwerhaapt ni soss gesinn hunn, domadder scho mol ënnerbonnen hunn.

Am PAG sinn nach weider Méiglechkeeten agebaut, fir dat ze bremsen. Sief et zum Beispill de Schutz vum Patrimoine, wat mer nach drop geluecht hunn. Well mer gesot hunn, et gëtt Saachen, déi mer wëlle schützen aus historesche Grënn. An déi zwee zesummen, de Schutz vun den Eefamilljenhaiser an de Patrimoine, si lo mol zwee grouss Krinn, wou ee kann als Gemeng drun dréie goen a kucken: Wou wëlle mer wuessen a wou wëlle mer et virun allem net?

Dat heescht, dat éischt Kapitel beschreift de PAG a weist, dass mer do um richtege Wee waren, schonn ier dëst Dokument hei komm ass. Dass mer do eis Hausaufgabe ganz gutt geléist hunn.

Am zweete Punkt geet et drëm, dass d'Gemeng soll en Acteur actif sinn an der Realisatioun vu Logement abordable. Ech mengen, och do kann eis Gemeng wäit, wäit zréckblécken. Och wann een haut verschidde Saachen a Fro stellt, déi vläicht nach virun 30 Joer gemaach goufen, sou haten awer virun 30 Joer déi Leit, déi deemools um Rudder waren, en änleche Gedanken.

De Fonds de Logement huet jo hei zu Déifferdeng ganz vill gebaut, an d'Iddi virun 30-40 Joer an deem Schäfferot war änlech wéi haut. Hir Suerg war: Wéi kënnen eis Leit hei zu Déifferdeng wunnen an engem Wunnraum, deen net ze deier ass? Wéi kréie mer dat hin? An doduerch sinn déi Fonds-de-Logements-Projete gebaut ginn.

Haut wësse mer: Jo, et hätt een et vläicht kënnen aneschters maachen. Manner konzentréiert op verschiddene Plazen. Mee falsch war et déi Zäit trotzdeem net.

Mir blécken zréck op eng laang Geschicht, wou Déifferdeng ëmmer en aktiven Acteur war am Logement. Wéi mer et gemaach hunn, d'Modalitéite wéi mer et haut maachen, a wéi mer et virun 30 Joer gemaach hunn, hunn zwar geännert, mee d'Objektiv an d'Zilsetzung bleift déi selwecht.

Och d'Mixitéit ass en Theema, wat mer scho ganz laang hei an der Gemeng diskutéieren. Dass mer soen, et kann net sinn, dass mer eng Gemeng sinn, wou just eenzel sozial Couchë vu Leit liewen, mee dass mer eng gutt Mixitéit brauchen. Dovunner profitéiert schlussendlech jiddwereen. Dat ass eng Suerg. Och déi hu mer am PAG matugeduecht, obwuel et do manner einfach ass, fir dat méi konkreet festzemaachen.

Haut hu mer e Service Logement, haut hu mer Projeten, déi zu Lëtzebuerg Projets phares sinn, wéi de Gravity, wou mer weisen, dass eng Gemeng, wa se sech wëll als Acteur actif ausginn, och d'Méiglechkeet huet, fir Saachen ze maachen, zesumme mam Marché, zesumme mat der ëffentlecher Hand, zesumme mam Privatmarché. An da kann ee Saache realiséieren, déi wierklech fir jiddweree gewënnbréngend schlussendlech sinn.

De Punkt C, dat ass dann d'Potenzial, wat mer hu fir auszebauen. Dat ass e Punkt, wou mir elo manner drun interesséiert sinn. Mir wëssen, dass mer nach vill Potenzial hätten, mee grad dat wëlle mer eeben net ausschëpfen. Doduerch dass mer jo de Schutz op d'Eefamilljenhaiser agebaut hunn, doduerch dass mer de Schutz vum Patrimoine agefouert hunn, hu mer jo genau dat Potenzial ausgebremst, wou mer soen, deen ass immens schwéier steierbar.

Wa mer déi Dieren erëm opmaachen, grouss opmaachen, da si mer erëm do, wou mer waren. Dat ass also e Potenzial, wat mer homeopathesch opmaachen, wou mer soen: Do mécht et vläicht elo Sënn, eventuell de Schutz vun den Eefamilljenhaiser ze labberen, an engem Quartier, an enger Strooss. Da muss dee Schäfferot, deen dann do ass, dat dann och decidéieren an och argumentéieren an dem Gemengerot hei och duerleeën, firwat dass e mengt, dass dat dann och Sënn mécht.

Dat heescht dat Potenzial, wat mer hunn, wëlle mer eigentlech net. Ech mengen, den Här Muller huet dat och elo gesot. Dat Potenzial wat nach do ass, vun deenen 10.000 Leit, déi mer nach kéinten hunn, dat ass jo reng op deenen Terrainen, déi mer hunn. Dat schëpft jo mol nach net dat Potenzial vun den Eefamilljenhaiser aus.

Ech mengen, dass mer eis heibannen eens sinn, dass mer dat net wëllen à court terme oder an den nächste Jore verwierklechen, well da si mer un der Limitt ukomm an dann hu mer eigentlech iwwerhaapt keng Marge de manoeuvre méi. Ooder bal keng méi. An dat, mengen ech, sollte mer eis gutt iwwerleeën, wat mer do maachen.

Déi gréisst Terraine leien effektiv nach an de Woiwerwisen. Wou ee kéint soen, majo do kéinte mer direkt lassleeën, mir sinn zu villen Deeler do Proprietär. Awer, mengen ech, si mer gutt beroden, wa mer eis dat iwwerleeën, ënner wéi enger Form an ënner wéi enger Vitesse de croisière mer déi Terrainen deblockéieren, fir do eppes ze bauen.

Eise Wuesstem weist dat och aus, dass dat gerechtfäerdegt ass. D'Madamm Buergermeeschtesch huet grad mat e puer Chiffere ganz gutt beluecht, wéi schnell mer an awer relativ kuerzem

*a trente ans. Mais les dirigeants de l'époque avaient une vision similaire à celle d'aujourd'hui. Ils se demandaient comment les Differdangeois pourraient trouver des logements abordables. Et les premiers projets du Fonds du logement sont nés. Alors, certes, on aurait pu construire de manière moins dense, mais l'objectif était le bon.*
*Differdange a toujours été active dans la politique du logement. Les modalités ont changé par rapport à il y a trente ans, mais l'objectif reste le même.*
*Pour ce qui est de la mixité, Differdange ne peut pas être une ville où vivent différentes couches sociales. Tout le monde profite d'une bonne mixité. Ce point est aussi pris en compte dans le PAG.*
*Georges Liesch mentionne le service logement et des projets comme Gravity. Une commune qui le souhaite peut réaliser des projets avec le secteur public ou privé.*
*Le point C concerne le potentiel. Differdange a encore beaucoup de potentiel, mais le collège échevinal ne tient pas à l'exploiter à fond. C'est pourquoi la commune a décidé de protéger les maisons unifamiliales et de protéger le patrimoine. Désormais, si un collège échevinal souhaite apporter des modifications à la protection des maisons dans une rue ou dans un quartier, il devra argumenter sa décision devant le conseil communal.*
*Monsieur Muller a expliqué que sur la base des terrains constructibles, Differdange pourrait accueillir 10 000 habitants supplémentaires — sans même tenir compte du potentiel des maisons unifamiliales. Georges Liesch pense que tous les conseillers communaux sont du même avis : la Ville doit conserver une marge de manœuvre.*
*Les terrains les plus grands se trouvent dans les Woiwerwisen. La commune en est propriétaire. Le collège échevinal ferait bien de réfléchir à la vitesse à laquelle il veut développer ces sites.*
*La bourgmestre a expliqué que la population avait crû rapidement en peu de temps. Differdange a respecté ses engagements dans le cadre du Pacte logement 1.0. Pour ce qui est du Pacte logement 2.0, la com-*

*mune devra prendre des mesures plus ciblées.*
*Georges Liesch constate que beaucoup de gens viennent vivre à Differdange. Le conseil communal a raison de discuter des problèmes que connait la ville et de faire des propositions, mais il ne doit pas oublier tout ce qu'il y a de positif. Au cours des vingt ou trente dernières années, de nombreux projets ont été réalisés. Si tout était négatif, les gens ne viendraient pas à Differdange. Ils viennent y vivre parce qu'on y trouve des logements à des prix qui restent acceptables, mais aussi parce que Differdange a beaucoup à offrir.*
*Georges Liesch mentionne les écoles et les maisons relais, où les listes d'attente sont moins longues qu'ailleurs, les clubs sportifs, les associations, les infrastructures sportives… Peu importe où l'on vit à Differdange, on se trouve toujours à cinq minutes de la nature. La ville a des atouts, ce qui montre que les collèges échevinaux n'ont pas pris que de mauvaises décisions au cours des trente dernières années. Certes, les conseillers communaux peuvent avoir des divergences, mais ils ont accompli beaucoup de bonnes choses.*
*Georges Liesch passe à la qualité de vie. C'est grâce à celle-ci que les gens viennent vivre à Differdange. Il faut la préserver à tout prix pour ne pas gâcher les réalisations de ces dernières décennies.*
*La qualité de vie n'est pas forcément liée à un budget important. Il suffit de reconnaitre les difficultés que rencontrent les habitants. Georges Liesch constate ainsi qu'il fait particulièrement chaud et que les météorologues pensent que cette tendance va continuer au cours des prochaines décennies. Pour préserver la qualité de vie, le conseil communal devra donc prévoir des espaces verts et des arbres dans les quartiers. Il ne peut plus se permettre d'aménager des places en béton. Le parking approuvé ce matin en est un bon exemple. Certes, les arbres prennent de la place et suppriment l'une ou l'autre place de stationnement. Mais les conseillers communaux doivent avoir le courage politique de voir plus loin.*

Zäitraum hei zu Déifferdeng gewuess sinn. Mir hunn eis Hausaufgab am Pacte Logement 1.0 méi wéi erfëllt. Mir brauchen eis do iwwerhaapt net ze genéieren, fir ze soen, mir schalten elo mol hei een, zwee Gäng zréck.

An am Pacte Logement 2.0 – do kommen ech och nach drop zréck – maache mer natierlech mat. Et ass net, dass mer näischt maachen. Mee mir maachen et e bësse méi geziilt a manner mat der grousser Schëpp.

Dass esou vill Leit op Déifferdeng wunne kommen – an dat ass och eppes, wat mir um Häerz läit: Wa mer hei am Gemengerot iwwer Problemer schwätze vun Déifferdeng, dann ass dat gerechtfäerdegt. Déi Problemer, déi do sinn, sollt een och uschwätzen.eEt sollt een och Léisungsvirschléi bréngen, sief dat vun de Majoritéitsparteien oder Oppositiounsparteien. Ech fannen et ëmmer wichteg, dass een de Bléck drop werft.

Mee mir däerfen awer net vergiessen, wat mer alles Positives hei hunn. An dat feelt mer heiansdo an eisen Diskussiounen, dass mer awer dat, wat mer fäerdegbruecht hunn an deene leschten zwanzeg, drësseg Joer zu Déifferdeng, dass mer dat och an d'Vitrinn stellen, nieft de Kriticken, déi natierlech och derwäert sinn, dass een doriwwer diskutéiert.

Et kéimen net esou vill Leit an esou enger Zäit op Déifferdeng wunnen, wann alles schlecht wär hei zu Déifferdeng. Dat ass et net. Dat heescht, mir hunn e groussen Zouwuess, well mer op där enger Säit Méiglechkeete schafen, dass d'Leit hei kënne wunnen, zu Präisser, déi nach gerechtfäerdegt sinn. Obwuel ech se nach ëmmer extreem héich fannen. An awer geet dat jo net duer, d'Leit kommen heihinner, well se soen: „Ma Déifferdeng bitt awer vill."

Mir hunn extreem vill hei ze bidden. D'Schoulinfrastrukturen, eis Maisonrelais-Offere sinn immens gutt. Mir hu quasi keng Waardelëschten. Wann ech dat an anere Gemenge kucken, ass dat eng ganz aner Saach.

Mir hu vill, vill Sportsveräiner oder soss Veräiner, wou, wann een eng Famill wëll grënnen an op Déifferdeng kënnt, mer kënne soen, do kënnen d' Kanner an iergendwellech Veräiner goen.

Mir hu ganz gutt Sportsinfrastrukturen. Mir sinn ëmréngt vun Natur ronderëm. Et ass een a fënnef Minutten an der Natur. Alles dat sinn Atouten, firwat dass d'Leit op Déifferdeng wunne kommen. Also hu mer hei an deene leschten 30 Joer net alles falsch gemaach. Och wann een do heiansdo Divergences de vues huet, wou d'Richtung sollt e wéineg higoen. Mee et kann een awer sécher mol soen: Mir hunn awer villes richteg gemaach. An iwwer aner Saache kann een ëmmer erëm weider nach diskutéieren.

Dann ass e ganz wichtege Punkt: „La commune contribue à l'amélioration de la qualité de vie". D'Madamm Buergermeeschtesch huet dat och gesot, dat ass ee ganz wichtege Punkt. Wa mer et fäerdegbruecht hunn, dass esou vill Leit op Déifferdeng komm sinn, dann ass et grad wéinst der Qualité de vie, déi mer hei zu Déifferdeng awer ze bidden hunn. An déi däerfe mer op kee Fall op d'Spill setzen. Well soss, mengen ech, hu mer verluer. An dann hu mer déi vill Aarbecht, an déi mer investéiert hunn an deene leschte Joerzéngten, dann hu mer déi fir näischt gemaach.

Qualité de vie geet awer net nëmmen, andeem mer bauen, bauen, bauen. Oder kucken, wéi mer nach iergendwellech Sue kréien, fir nach eppes ze bauen. Mee Qualité de vie geet oft mat ganz wéineg Budgeten. Et geet drëm, dass een d'Problemer vun de Leit versteet, kuckt wou se sinn, awer och no vir bléckt. Quartieren entwéckelt, Quartieren, déi haut urbanistesch vläicht nach net esou flott sinn, ëmännert, andeem ee verschidden aner Méiglechkeete besser mécht.

Ech denken, zum Beispill, drun, datt et gëschter esou waarm war, an nach ass, an och d'Meteorologe jo ëmmer soen, dass dat do elo keen Zoufall ass, mee dass dat an deenen nächste Joerzéngten esou wäert bleiwen, dass mer ëmmer méi héich Temperaturen hunn. Ma dann ass et elo un eis als Gemengerot, dofir ze suergen, dass mer deem Problem entgéintwierken an d'Qualité de vie an de Quartieren eropsetzen, andeem mer, zum Beispill, méi Beem planzen, méi Gréngs hisetzen, wat méi

Schiet mécht, wat also d'Temperatur an de Quartieren erofsetzt.

Grouss Bëtongsplazen, grouss Plazen, déi einfach versigelt ginn, däerfe mer eis net méi erlaben. E klengt Beispill, dee klenge Parking, dee mer elo de Moien hei gestëmmt hunn, wou mer scho Beem hisetzen, dat weist, dass mer an déi richteg Richtung ginn. An och wann dat dann e bësse vum ëffentleche Raum anhëlt, wou vläicht deen een oder deen anere seet: Do hätt een och nach kënnen en Auto histellen, da musse mer de politesche Courage hunn, fir ze soen, dass mer méi wäit denken an och aner Saache musse virgesinn.

Smart Cities ass fir mech en Indicateur dorobber. Firwat hu mer deen Zouschlag do kritt? Ma op där enger Säit hu mer e ganz formidabelen Dossier ofginn, dat muss een einfach emol soen. An dofir och e grousse Merci un déi Leit, déi deen Dossier ausgeschafft hunn.

Op där anerer Säit, wann een den Dossier de candidature fir Smart Cities liest, dann hunn déi Leit warscheinlech och gesinn, dass Déifferdeng op engem interessante Wee ass an d'Potenzial huet, fir déi Saachen ëmzesetzen. An dass et interessant wär, eng Stad wéi Déifferdeng am europäesche Kontext ze analyséieren: Wéi maache se dat? Wéi gi se vir?fFir vläicht anere Stied mat där selwechter Gréisst ze weisen, dass et och an där Envergure funktionéiert. Dat ass fir mech och en Indicateur, dass mer ganz vill richteg gemaach hunn.

Leschte Punkt ass de Pacte Logement 2.0, dee fir mech absolutt eng däitlech Verbesserung ass par rapport zum Pacte Logement 1.0. De Pacte Logement 1.0, deen op Wuesstem opgebaut war an och do gekuckt huet, dass d'Gemenge mat an d'Boot kommen, mat engem finanziellen Ausgläich, deen d'Gemengen da kritt hunn, fir ëffentlech Strukture parallel ze finanzéieren.

Awer wéi den Här Muller et och gesot huet, déi Sue waren eigentlech net zweckgebonnen. Obwuel ech mengen, dass awer vill Gemengen investéiert hunn ëmmer am Déngscht vun de Bierger an an d'Qualité de vie. Jiddefalls hei zu Déifferdeng hat ech d'Impressioun, dass mer ëmmer awer an déi Richtung probéiert hunn.

De Pacte Logement 2.0 geet do vill méi prezis vir. D'Konditiounen, fir Suen ze kréien, si vill méi restriktiv. Wat ech absolutt begréissen. An et geet och hei drëm, déi Suen, déi ee kritt, besser ze notzen an ze kucken, dass déi Saachen, déi ee realiséiert, och laang Bestand hunn.

Lescht Beispill, wat ech nach wëll lassginn, dat ass, wéi d'Madamm Buergermeeschtesch gesot huet, dat vum Schoulraum. Wou mer iwwerall kucken, dass mer genuch Schoulraum hunn, fir eis Kanner an d'Schoulen ze kréien. Och do musse mer laangfristeg denken. Mir wëssen, eise Wuesstm, dee mer elo wëlle bremsen, bedeit, dass mer manner jonk Familljen op Déifferdeng an der nächster Zäit wäerte kréien. Vu dass mer de Wuesstem jo e wéineg wëllen zréckschrauwen, heescht, wa mer an 10-15 Joer eis Gemeng kucken, dass mer déi Schoulinfrastrukturen, déi mer haut bauen an déi haut do sinn, an 10-15 Joer an där Form net méi all wäerte brauchen.

Eis Schoulklassen, eis Kanner, déi an d'Schoul ginn, wäerten, wa mer eis Politik esou weiderféieren, wéi mer dat elo maachen, logescherweis erofgoen. Dat ass eng logesch Konsequenz dovunner, wa mer de Wuesstem wëllen e bësse reduzéieren, da wäert also och den Effectif vun de Kanner erofgoen.

Wat heescht dat fir eis? Ma dat heescht, dass mer déi Gebaier, déi mer haut bauen, déi Schoulcampussen, déi Maisonrelaisen, déi mer haut bauen, an och musse bauen, dass se an 10, 15, 20 Joer vläicht ganz aner Méiglechkeete bidden an aner Zwecker kënnen erfëlle wéi eebe Schoul a Maison relais.oOuni mussen erëm mat immens héijen Invester ëmgebaut ze ginn. Mee dass mer se schonn esou bauen, dass een eigentlech en vue seet: Dat do Gebai kéint a 15 Joer vläicht eppes ganz aneschters sinn. Oder vläicht och erëm eng Kéier zréckgebaut ginn, wann d'Situatioun et erméiglecht.

Mee am Moment, den Zenario, wa mer eppes beweegen, ass jo viraussiichtlech ze gesinn, dass an 10-15 Joer eis Schoulen net méi esou wäerten ausgelaascht sinn.

*Georges Liesch mentionne* Smart Cities. *Il remercie les employés communaux ayant réalisé le dossier de candidature. Que Differdange ait été retenue démontre que la ville a le potentiel de réaliser les mesures nécessaires et qu'il est intéressant de l'analyser dans un contexte européen. Il s'agit de montrer à des villes de taille comparable qu'elles peuvent aussi devenir des* smart cities.

*Le Pacte logement 2.0 constitue une nette amélioration du Pacte logement 1.0, qui était axé sur la croissance. Les communes touchaient des subventions pour construire parallèlement les structures publiques nécessaires. Georges Liesch suppose que la plupart des communes ont investi cet argent dans la qualité de vie au service des citoyens.*

*Le Pacte logement 2.0 est plus restrictif. L'argent doit être investi de manière pertinente et durable.*

*La bourgmestre a également parlé des salles de classe, qui sont absolument nécessaires pour permettre aux enfants de fréquenter l'école dans de bonnes conditions. La commune doit réfléchir sur le long terme. Si la commune veut freiner la croissance, moins de jeunes familles viendront vivre à Differdange. Cela signifie que dans 10 ou 15 ans, la commune n'aura plus besoin de toutes ses infrastructures scolaires. Il s'agit d'une conséquence logique de la réduction de la croissance.*

*En d'autres termes, les campus scolaires construits aujourd'hui doivent pouvoir être réaffectés dans 15 ou 20 ans sans que des investissements massifs ne soient nécessaires. La commune doit donc réfléchir à quoi pourrait servir tel ou tel bâtiment dans 15 ans.*

*Georges Liesch remercie ceux qui ont réalisé ce document. Le service logement a réalisé une bonne analyse de la situation actuelle et a fixé des objectifs.*

*Monsieur Muller a raison de demander davantage de chiffres concrets, mais il sait bien que ce n'est pas toujours évident. Certes, on peut avancer des chiffres, mais cela ne signifie pas que la commune pourra s'y tenir, car elle n'a pas toutes les cartes en main.*

*De toute façon, ce dossier est bien ficelé et montre dans quelle direction la commune souhaite aller dans les années à venir.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *revient sur le Pacte logement 2.0, car ce document est important pour la politique du logement locale.*

*Le Pacte logement 1.0, qui a été lancé en 2008, a raté son objectif. Il est né d'une situation de crise du logement et devait fournir aux communes les moyens d'y faire face. Mais comme l'ont dit monsieur Muller et monsieur Liesch, il a échoué, car les subventions n'étaient pas liées à des objectifs précis. C'est pourquoi, finalement, seuls 3 % des fonds subventionnés ont été investis dans le logement et 97 % ont été investis dans d'autres projets. Bien entendu, il s'agissait de projets d'intérêt public comme des crèches ou d'autres infrastructures. L'argent n'a donc pas été perdu, mais il ne s'agissait pas des objectifs que s'était fixés le Pacte logement 1.0.*

*Monsieur Kox répète constamment que le Pacte logement 2.0 va changer la donne. Mais Eric Weirich ne retrouve pas ces nouveautés dans le plan d'action local.*

*Le volet « état des lieux » est complet. Le volet « projets communaux » est également bon avec des projets pilotes comme Gravity ou Karro, qui font de Differdange une ville pionnière et qui signale un changement dans la façon de faire de la commune. Mais il manque la stratégie et la vision du fait que le collège échevinal veut freiner l'accroissement de la population.*

*Pour Eric Weirich, le moment est mal choisi. Le Luxembourg se trouve en pleine crise du logement. Differdange est situé dans l'axe central du pays avec le sud, le centre et la Nordstad. Il s'agit d'une commune frontalière. Il n'est pas pertinent de freiner l'accroissement de la population alors que dans le pays, les gens ne trouvent pas de logements adaptés.*

*Le PAL estime à 400 le nombre de maisons et d'appartements inhabités à Differdange. En 2017, l'accord de coalition prévoyait déjà une taxe sur ces logements. Il en a souvent été question au sein du*

A verschidde Gebaier an där Form, wéi mer se haut bauen, net méi wäerte gebraucht ginn.

Ech wëll ofschléisse mat engem Merci fir d'Opstelle vun dësem Dokument. Eise Service Logement huet hei wierklech eng ganz gutt Aarbecht gemaach, eng Analyse de situation, awer och d'Objektiver: Wou wëlle mer histeieren?

Ech ginn dem Här Muller Recht, vläicht kéint een dat nach méi konkretiséieren. Obwuel ech mengen, mir wëssen dat och, Här Muller, et ass net esou evident, fir do ëmmer Zuelen ze hunn. Ech ginn Iech Recht, et wär schéin, wann een nach Zuelen hätt. Ob se herno dann esou realiséierbar sinn, ass natierlech ëmmer schwéier. Well et hänkt vu ville Facteuren of, déi net an eiser Hand leien.

Dat kéint een nach e bëssen affinéieren, dat ass richteg. Mee egal wéi ass dat Dokument hei ganz gutt opgestallt an et weist, a wéi eng Richtung eis Gemeng an deenen nächste Jore goe wëll. Dofir e grousse Merci. Mir wäerten dëst Dokument matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Den Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech ginn e bëssen op de Kontext a vum Pacte Logement 2.0, well et ass e wichteg Dokument an der lokaler Logementspolitik.

De Pacte Logement 1.0 ass vun 2008 bis Enn lescht Joer gelaf. Et ass scho vu menge Virriedner gesot ginn, en huet e bësse säin Zil verfeelt. En ass 2008 entstanen, och wéi haut, aus enger, ech soe lo, Krisesituatioun, Logementskrisesituatioun eraus. Dat heescht, dat war mat ee vun den éischte Versich, fir deem iwwert d'Gemengen entgéintzewierken.

Mee et ass leider net gegléckt, well wéi den Här Muller et och festgestallt huet, an den Här Liesch huet et och gesot, déi Finanzementer, déi een als Gemeng kritt huet am Kader vum éischte Pacte Logement, déi waren net zweckgebonnen. An dat huet derzou gefouert, dass am Endeffekt just 3 % vun deene Suen, déi vun 2008 bis Enn lescht Joer ausgeschëpft goufen un d'Gemengen, an de Logement investéiert goufen.

Dat heescht 97 % sinn an aner Saachen investéiert ginn. Natierlech am Sënn vun der Gemeng, wéi zum Beispill Crèchen an Infrastrukturen an hei an do. Déi Sue war net verluer, mee dat éischt Zil, wat de Pacte Logement 1.0 sech ginn hat, dat heescht fir abordabele Wunnraum ze schafen, gouf largement verfeelt.

Den Här Kox hält net op ze widderhuelen an ze soen, dass mam Pacte Logement 2.0 e Paradigmewiessel agelaut gëtt. Dee fannen ech awer net esou tel quel erëm an eisem PAL. Ech ginn e puer Elementer.

De Plan d'action local logement, dee mer haut virleien hunn, huet verschidde Voleten. Eemol en Etat des lieux, deen ass ganz present. Deen Deel ass ganz gutt. En huet de Volet Projets communaux. Ech mengen, do brauche mer eis net ze verstoppen. Mir hunn effektiv e puer Pilotprojeten, wou mer wierklech eng Virreiderroll hunn als Stad Déifferdeng, wéi zum Beispill de Gravity, de Karro, dee mer kierzlech dobäikruten, an aner Projeten. Dat heescht, mir hunn eng Rëtsch Projeten, déi sech kënne weise loossen an déi e bëssen dee Paradigmewiessel uginn um Niveau vun eiser Gemeng, wat de Logement ugeet.

Mee wat mer e bësse feelt, dat ass de Volet Strategie, mir feelt e bëssen eng Visioun an eng Strategie. An dat ass eeben domat verbonnen, dass mer elo eng Brems aleeën, wat d'Entwécklung vum Logement an eiser Gemeng ugeet.

Vu den Hannergrond vun der Logementskris – dat ass een Element, an och dass mer op der Achse centrale leie vum Land, dat heescht mam Süden, Zentrum, Nordstad déi Géigend, wou mer e bëssen iergendwou gezwongen oder dru gehale sinn, fir eis méi ze entwéckele wéi vläicht Géigenden, déi méi ofgeleeë sinn –, vu dass mer och eng Brems-Gemeng sinn, vu dass mer haut schonn iwwer 200.000 Frontalieren hunn, denken ech, dass elo net de Moment ass, fir

eng Brems anzeleeën a fir ze soen, mir schalte mol zwee Gäng zréck. An op där anerer Säit hu mer Leit, déi schlecht wunnen oder guer net am Land kënne wunnen. Ech mengen, et ass e bëssen e komescht Zeechen, wat mer do erausginn.

Ech ginn op déi verschidden Elementer an, déi am PAL stinn, respektiv an eisem Koalitiounsaccord, wéi zum Beispill de Volet mat dem eidelstoende Wunnraum. Dat geet och aus dem PAL ervir, Schätzungen no sti 400 Wunnengen an Haiser aktuell an der Gemeng eidel. A schonn am Koalitiounsaccord vun 2017 stoung dran, dass mer eng Tax aféieren, fir de Leerstand ze besteieren. Dat gëtt et scho säit 2008, säit dem éischte Pacte Logement. Dat hunn ech scho méi oft thematiséiert. Mir hunn et scho méi oft hei beschwat.

Et gëtt dann ëmmer op den Dateschutz higewisen, dass een de Leerstand net erhiewe kann. Aner Gemengen hunn dat awer hikritt, wéi zum Beispill d'Gemeng Biekerech, d'Gemeng Dikrech. Also et gëtt Gemengen, déi et hikritt hunn. Ech fannen et schued, dass mer do waarden an ëmmer erëm op den nationale Kontext verweisen, an datt mer am nächste Saz soen, mir hunn eng Virreiderroll.

Ma da kommt, mir huelen hei och eng Virreiderroll a mir soen, mir gi proaktiv drun erun. Dass mer Drock maachen op de Legislateur um nationalen Niveau, fir dat virunzedreiwen, dass déi Taxen endlech kënnen agefouert ginn op de Leerstand.

Dat selwecht gëllt fir d'Terrainen. Am PAL geet ervir, dass keen Demarchage gemaach gëtt, wat ech och immens schued fannen, dass mer do och net méi proaktiv dru ginn, fir broochleiende Bauland ze besteieren oder ze demarchéieren, opzekafen.

Wat d'Opkafen ugeet, Terrainen opkafen, dat steet och am Koalitiounsaccord. Och Virriedner hunn dat gesot. Dat kënnt reegelméisseg op, dass mer méi Terrainen opkafe sollten. Si ganz dermat averstanen, mee da gëtt am nächste Saz gesot, et feelt eis Budget. Dat gesinn ech och an. Deementspriechend hunn ech dat och matgedroen, wéi mer gréisser Projete gekippt hunn, notamment d'Schoul op der Place Nelson Mandela.

Mee et gëtt awer scho säit dem Pacte Logement 1.0 respektiv säit dem 1979er-Gesetz, staatlech Bäihëllefen, déi mer als Gemeng kënne kréien. An ech fannen et schued, dass dat net méi genotzt gëtt. Do kann ee bis zu 75 % kréien, wann ee spezifesche Wunnraum schaaft, zum Beispill fir Studenten, à coût modéré an esou weider an esou fort.

Wat den Terrain ugeet, kann ee bis zu 50 % bäigeluecht kréie vum Staat. Et ass schued, dass mer soen, et ass kee Budget do an e groussen Deel kéinte mer vum Staat rembourséiert kréien.

Ech bleiwe bei den Terrainen. Ech hat effektiv, d'Madamm Buergermeeschtesch hat et gesot, ufanks dës Joers gefrot, nodeems eng Etüd vum LISER, vum Observatoire de l'Habitat, erauskomm ass, wou mir mat vir bäi ware mat broochleiendem Bauland, déi eis als Stad Déifferdeng gehéiert. Op meng Fro hin ass eng Zuel matgedeelt gi vu 16 Hektar, déi eis als Stad Déifferdeng gehéieren, déi brooch leien. Wat ausgewisent Bauland ass, wat nach net entwéckelt gouf, wou quasi näischt virgesinn ass.

Den Här Liesch war och drop agaangen, mir kéinten elo direkt lassleeën. An ech soe mer: wéisou net? Mir hunn eng Logementsurgence, an de Logement, nei Projeten, nei Bauprojeten, nei Quartieren, dat ass immens schwéierfälleg. Wa mer elo lassleeën, da schwätze mer vun, ech weess net, eng zéng Joer, déi éischt, déi da vläicht eraplënneren.

Mir hunn do e Spillraum, mat deene 16 Hektar, déi eis gehéieren. Do kënne mer 1.000 Unitéite schafen. Mir hunn eng Verantwortung, fir Logement ze schafen an net elo eng Brems anzeleeën.

Ech denken do un aner Gemengen. Ech huelen Esch, déi vu 35.000-36.000 Awunner op 50.000 bis 60.000 Awunner wuessen. An déi net zécken, fir déi Entwécklung unzegoen, well et einfach eng Urgence gëtt. Mir missten do och méi proaktiv erugoen a weiderhi Logement entwéckelen, certes mat Problemer wéi Schoulen, déi feelen, an esou weider an esou fort. Mee wéi gesot, well et eebe schwéierfälleg a laangwie-

*conseil communal. Mais cela n'a jamais été fait pour des questions de protection des données personnelles. Or des communes comme Beckerich ou Diekirch y sont arrivées. Dans certains cas, Differdange veut être pionnière ; dans d'autres, elle attend le gouvernement. Le collège échevinal ferait bien de mettre la pression sur le législateur en ce qui concerne cette taxe.*
*La même remarque vaut pour les terrains constructibles laissés à l'abandon. La commune devrait se montrer plus proactive.*
*Pour ce qui est de l'acquisition de terrain, les conseillers communaux sont d'accord pour poursuivre cette politique. Mais parallèlement, le collège échevinal dit ne pas disposer du budget nécessaire. Or les communes ont droit à des subventions depuis la loi de 1979. En fonction des logements construits, la commune a droit à des subventions allant jusqu'à 75 % du prix. Pour les terrains, il s'agit de 50 %. Il est dommage de ne pas en profiter.*
*À la suite d'une étude de l'Observatoire de l'habitat sur les terrains vagues en début d'année, Eric Weirich avait posé une question au collège échevinal. La Ville de Differdange possède 16 ha de terrain constructible non viabilisé. Monsieur Liesch en a parlé tout à l'heure. Pourquoi ne pas l'utiliser ? Differdange connait une situation d'urgence. Or on sait que lorsqu'on construit de nouveaux quartiers, il faut compter une dizaine d'années. Sur les 16 ha qui lui appartiennent, la Ville de Differdange peut créer 1000 logements. Elle doit prendre ses responsabilités au lieu de freiner.*
*Esch-sur-Alzette, par exemple, n'hésite pas à se développer alors que la population passera de 35 000 à 60 000 habitants. Differdange doit aussi être plus proactive et construire des logements. Certes, il y aura des difficultés comme le manque de salles de classe. Mais la construction de quartiers prend tellement de temps que cela laisse une marge de manœuvre. Le nouveau Pacte logement prévoit le financement d'infrastructures spécifiques.*

*Le ministre Bausch a présenté récemment le plan de mobilité 2035 avec des améliorations pour Differdange allant main dans la main avec le développement du logement.*
*En ce qui concerne le logement à cout modéré, le ministère de l'Intérieur rappelle régulièrement aux communes qu'il existe des subventions. L'article 29 bis du Pacte logement exige que le promoteur construise 30 % de logements abordables et qu'il les propose en premier à la commune. Or, dans le cadre du projet* Op den Dréischer 2*, la commune n'a pas acheté d'appartements. Pourquoi le collège échevinal ne profite-t-il pas davantage des subventions ?*
*Eric Weirich passe aux nouvelles formes d'habitations, dont il est question dans l'accord de coalition. Il prend l'exemple des* tiny houses*, au sujet desquelles la commission du logement a remis un avis au collège échevinal. Le service logement dit que des projets sont possibles. Mais pour le moment, aucun projet n'a été lancé. Eric Weirich exhorte le collège échevinal à faire de Differdange la première commune à créer des* tiny houses *pour forcer le gouvernement à adapter le cadre légal.*
*Le PAL ne parle pas des logements d'urgence.*
*(Interruption)*
*Eric Weirich a dû rater cette partie. Mais cela ne change rien au problème. Differdange compte le même nombre de logements d'urgence qu'en 2017. Le conseiller communal voudrait que le collège échevinal devienne proactif en créant des logements temporaires, des structures mobiles… Il en est question dans l'accord de coalition. En revanche, Eric Weirich salue le projet de* Housing First *au Karro. Mais cela ne suffit pas en matière de nouvelles formes d'habitation.*
*Comme l'a dit monsieur Liesch, les dernières années ont été positives. La commune a développé de nombreux projets comme Gravity, qui ont attiré du monde et fait grimper les prix. D'ailleurs, Eric Weirich a approuvé la plupart des projets. Mais son ambition est d'aller plus loin encore dans un contexte de crise du logement. La commune*

reg ass, mengen ech, ass dat awer kee Problem, fir och déi néideg Infrastruktur matvirzegesinn, vu dass am neie Pacte Logement spezifesch Finanzementer, fir d'Infrastrukturen ze finanzéieren, virgesi sinn, fir déi Entwécklung ze begleeden.

Mir haten deslescht den Här Minister Bausch hei, deen eis den neie Mobilitéitsplang 2035 virgestallt huet. Do gëtt et jo och Verbesserunge fir Déifferdeng, mat enger direkter Ubannung un déi Suessemer Streck, fir an d'Stad. An nach weider Elementer si virgesinn, fir de Grenzverkéier op méi zentral Achsen ze verleeën. Dat heescht mat der Entwécklung vun eisem Logement dat geet Hand an Hand. National gëtt scho géigegesteiert, fir déi Problemer, déi mat enger Entwécklung vum Logement zesummenhänken.

Ech kommen op en zentraalt Element vum Pacte Logement zréck, d'Entwécklung vu bezuelbarem Wunnraum à coût modéré. Dat feelt mer e bëssen. Och ass virgesinn, respektiv kënnt reegelméisseg en Appell vum Logementsministère oder vum Interieur un d'Gemengen, wou se soen: Et gëtt Bäihëllefen, profitéiert dovun. Et gëtt den Artikel 29bis am neie Pacte-Logements-Gesetz, wou bis zu 30 % abordabele Wunnraum muss vun engem Promoteur geschaaft ginn. Wou d'Gemeng déi als Éischt ugebuede kritt, fir déi ofzekafen. Deslescht hate mer e Projet „Op den Dréischer 2" am leschte Gemengerot, wou den Interieur eis quasi ugefleet huet, fir déi Wunnengen ze kafen. An ech hat d'Fro gestallt an ech krut leider do keng Äntwert, wéisou mer déi net opkaf hunn.

Ech fannen et schued, dass mer déi Verantwortung fir abordabele Wunnraum ze schafen, exklusiv un ëffentlech Bauträger wéi de Fonds de Logement, d'SNHBM auslageren. An dass mer als Gemeng net vun deene Bäihëllefe profitéiere vum neie Pacte Logement 2.0, fir eisen eegene Parc immobilier als Déifferdeng opzestocken an auszewäiten.

Da ginn ech nach op een Element an, wat och am PAL virkënnt an och am Koalitiounsaccord steet, dat sinn déi nei Wunnformen an eis Ambitioun, respektiv déi aus dem Koalitiounsaccord, fir e Pilotprojet ze entwéckelen.

Ech huelen elo d'Tiny Houses. Do hate mer d'Tiny Houses Asbl gesinn, virun annerhallwem Joer, als Logementskommissioun. Et war en Avis un de Schäfferot gaangen. Eise Responsabele vum Service Logement seet, theoreetesch wär et méiglech. Mir hunn awer bis haut nach kee Projet Tiny House an Ugrëff geholl oder hinnen en Terrain zur Verfügung gestallt, fir dat ze testen, fir e Pilotprojet ze lancéieren. Well do ass dann d'Suerg: Wéi gi mer se duerno nees lass, wann déi Zäit eriwwer ass vun där temporärer Notzung vum Bauterrain?

An do wär mäin Appell: Ma kommt, mir sinn déi Gemeng, déi sech um nationalen Niveau auserneesetzt, sech dohinnersetzt, eng Léisung ausschafft, legislativ e bëssen eppes do ännert, fir dass e Pilotprojet Tiny House kann hei an der Gemeng entstoen, als éischt am Land. An dass deementspriechend de legale Kader ugepasst gëtt, fir dat als neien alternative Wunnraum, Wunnform zu Lëtzebuerg anzeféieren.

Am Koalitiounsaccord steet och Logements d'urgence. Dee Begrëff hunn ech net fonnt am PAL, obwuel mer …

(Ënnerbriechung)

Wann et drasteet, dann hunn ech et iwwersinn, mee d'Problematik bleift déi selwecht, ob et elo drasteet oder net. Ech hunn näischt konkreet an Erënnerung oder fonnt, fir dat wierklech konkreet an Ugrëff ze huelen.

Ech mengen, mir sinn op der selwechter Unzuel u Logements d'urgence wéi 2017, wéi dësen Exercice ugefaangen huet. Et gëtt e bëssen hin an hier geschoben tëschent dem SIKOR an eis. Ech wär frou, wann dat endlech proaktiv géif ugaange ginn, egal ënner wéi enger Form. Ob dat temporär Logementer sinn, movibel Strukturen, wat och ëmmer. Et ass dat Konzept, wat och am Koalitiounsaccord steet. Dat ass nach ëmmer net wierklech virugaangen.

Dat eenzegt Neit, wat geplangt ass, am Karro, dat ass den Housing First. Dat ass absolutt ze begréissen, dass dat am Karro elo ugaange gëtt. Mee déi allgemeng Ambitioun, fir nei Wunnformen ëmzesetzen, dat feelt mer am neie Pacte Logement 2.0.

Ech ginn op dat an, wat den Här Liesch sot. Jo, iwwer déi lescht Jore gekuckt, ass et e positive Bilan. Mir hu Projeten, entwéckelen eis, et ass vill gebaut ginn. Mir hunn innovativ Projete wéi de Gravity an dat zitt vill Leit un. D'Präisser sinn deementspriechend och eropgaangen a leschter Zäit hei zu Déifferdeng wéi och landeswäit. Wat en Zeechen ass, dass et eng gewëssen Attraktivitéit gëtt, fir an d'Gemeng Déifferdeng wunnen ze kommen.

Déi meescht Saachen hunn ech jo och matgedroen a wäert ech och weiderhi matdroen, wat de Logement ugeet. Mee, dat hunn ech och scho méi oft gesot, meng Ambitioun ass, fir nach e bësse méi wäit ze goen, am Kontext eebe vun der Logementskris an am Kontext vun hei hu mer wierklech en Outil, fir als Stad Déifferdeng oder als Gemeng eeben nach méi wäit ze goen an eebe matzewierken, fir der Logementsproblematik, där Logementsurgence, där Logementskris entgéintzewierken. An dat ass fir mech am virleienden Dokument net ambitiéis genuch. Mir kéinten do vill méi wäit goen.

Dat heescht, ech kann d'Begeeschterung vun Iech, Madamm Buergermeeschtesch, net ganz droen. Och wann ech bei där positiver Evaluatioun dovunner bleiwen, wäert ech dat heiten net matdroen. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif alleguer, als Déifferdenger Gemeng maache mir immens vill punkto sozialen an abordabele Wunnengsbau. De Logement ass e grousst Theema. Et si vill Leit, déi sech hautdesdaags näischt méi leeschte kënnen. D'Präisser sinn iwwerdriwwen. Dofir ass et wichteg, datt mir als politesch Verantwortlech versichen, Léisungen ze fannen.

Wann ee sech dëst Dokument ukuckt, ass et u sech en Inventar vun all eise Beméiungen: wat mer maachen, wat mer wëlles hunn a wou nach Potenzial ass. Dat léisst sech weisen.

Déi ganz Mixitéit, Liewensqualitéit, d'Zesummenaarbecht tëscht de Servicer, der Biergerbedeelegung, déi hei weider uviséiert ass. Deemno passt et gutt bei dës Beméiungen, datt mir mat zu deenen éischte gehéieren, déi de PAL fäerdeg hunn.

Ech ginn net méi an d'Detailer, dat hu meng Virriedner méi wéi ausgibeg gemaach. Ech ka just ënnersträichen, dass den eidelstoende Wunnraum eng vun de Prioritéite muss sinn.

Mir wëllen als CSV Déifferdeng dem Service Logement Merci soe fir d'Zesummendroen an d'Erstelle vun dësem PAL. Och datt si stets beméit sinn, d'Kommissiounen an all déi politesch Vertrieder matanzebezéien.

Mir si frou iwwer all déi staatlech Ënnerstëtzungen, déi mir fir all déi Projete kréien. Dofir maache mer jo och déi Prozeduren.

Als CSV Déifferdeng ënnersträiche mer, datt et fir ons wichteg ass, datt d'Gemeng weiderhi Projeten an hirer Hand behält. Fir ons ass kloer, datt, och wann en Deel vum Staat subventionéiert gëtt, wann eng Déifferdenger Gemeng hir Terrainen a Suen a sozial an abordabele Wunnraum matengagéiert, datt dann och d'Déifferdenger Awunner, oder d'Leit, déi hei schaffen, eng Prioritéit op dëse geschafene Wunnraum musse behalen.

All Gemeng steet et fräi, sech am Beräich Logement, wéi Déifferdeng, ze engagéieren an eppes fir hir Bierger ze maachen. Eis géif et freeën.

Ofschléissend wëlle mer punkto Wunnfläche preziséieren, datt mir kloer géint eng Erweiderung vum Bauperimeter sinn. U sech hu mer e jo am neie PAG souguer reduzéiert, an dass d'Zones de jardin an d'Zones REC musse bäibehale ginn.

Logement jo, awer mat Liewensqualitéit an de Quartieren, wou genuch Gréngflächen, Parken, Bildungs-, Sports- a Kulturoffere méiglech sinn. Merci.

*dispose d'un outil pour faire face à cette situation d'urgence. C'est pourquoi le PAL ne va pas assez loin.*
*Eric Weirich est moins enthousiaste que la bourgmestre. Même si dans l'ensemble l'évaluation est positive, il n'approuvera pas le PAL.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *trouve que la Ville de Differdange fait beaucoup en matière de logement social. De nos jours, certaines personnes ne peuvent plus rien se permettre. Les prix sont exagérés. C'est pourquoi les responsables politiques doivent trouver des solutions.*
*Le document présenté constitue un inventaire des efforts accomplis par la Ville de Differdange, de ce qu'elle compte faire à l'avenir et de son potentiel. Il y est question de mixité, de qualité de vie, de collaboration entre les services, de participation citoyenne…*
*La Ville de Differdange est une des premières communes à avoir terminé son PAL. Sans entrer dans les détails, Jerry Hartung souligne que les logements vides doivent constituer une priorité.*
*Les chrétiens sociaux remercient le service logement pour la réalisation du PAL et pour le fait qu'il implique toujours aussi les commissions et les responsables politiques. Jerry Hartung se réjouit du soutien de l'État pour les projets differdangeois.*
*Pour le CSV, il est important que la commune développe ses propres projets. Par ailleurs, dès que la commune engage des fonds dans le logement, les Differdangeois et les personnes travaillant à Differdange doivent être priorisés même si le projet est subventionné par l'État. Toutes les communes sont libres de s'engager pour le logement abordable comme le fait la Ville de Differdange.*
*Les chrétiens sociaux sont contraires à un élargissement du périmètre de construction. Les zones de jardin et les zones REC doivent être préservées. Le logement doit s'accompagner de qualité de vie avec des espaces verts, des parcs et des offres de loisir.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *explique le PAL est un grand questionnaire re-*

*présentant un état des lieux. Combien de terrains sont-ils constructibles ? Combien dépendent d'un PAP ? Combien de logements sont inoccupés ? Quelles sont les forces et les faiblesses de Differdange ? Combien la ville peut-elle construire sans impacter la qualité de vie ? Qu'en est-il des réseaux, de la mobilité et des infrastructures scolaires et sportives ? Par ailleurs, la croissance a toujours un cout.*
*Le document prend en compte la mixité des quartiers. C'est une bonne chose, car des erreurs ont été commises dans le passé.*
*Dresser une liste de ce qui est prévu, de ce dont on a besoin et de la direction dans laquelle aller est une bonne chose. François Meisch remercie ceux qui ont rempli le questionnaire.*
*En revanche, il est contraire à l'interdiction de construire des résidences. En outre, la protection de certains éléments va trop loin.*
*Les démocrates ont longtemps demandé à la commune d'être active dans le domaine du logement. Le Pacte logement 2.0 lui permettra de s'en sortir financièrement.*
*François Meisch est d'accord avec la majeure partie du document, même si certains points auraient pu être plus précis. Le DP approuvera le PAL.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *demande quel est l'objectif de ce projet et quel objectif serait souhaitable en réalité. Pour les communistes, les objectifs devraient être de ne plus manquer de logements, de disposer de suffisamment de logements abordables et d'améliorer la qualité des habitations. Or le programme d'action local ne répond pas à deux de ces trois objectifs.*
*Ali Ruckert ne doute pas des efforts mis en œuvre pour rédiger le document. Mais il est inutile de prétendre que la crise du logement a diminué au cours des dernières années. Beaucoup de jeunes Differdangeois ont dû aller vivre en Belgique ou en France. Et le programme ne propose pas de solutions.*
*Par ailleurs, le problème du logement ne peut être résolu qu'en partenariat avec les communes voisines. De toute façon, même si la*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, fir d'Konditioune vum Pacte Logement 2.0 ze erfëllen, ass, ënner anerem, virgesinn, e gewëssene PAL, Programme d'action locale logement, opzestellen. Dat hu mer elo schonn e puermol héieren.

Et handelt sech ëm e grousse Questionnaire. Vill Donnéeë ginn dodra regruppéiert, wéi mer et vun aneren Dokumenter kennen. Am Fong ass et en État des lieux, eng Bestandsopnam: Wéi vill Terrain ass nach direkt bebaubar? Wéi vill Terrain ënnerläit engem PAP oder engem Plan directeur? Wéi ee Potenzial hu mer, fir zousätzlech Awunner? Wéi vill Logementer stinn eidel? Wat hu mer selwer vu Logementer um Maart? Dat steet nach un. Fir nëmmen déi Elementer ze nennen. Wat sinn eis Stäerkten, eis Schwächten? An esou weider.

Wéi vill wëlle mer nach wuessen a wat ass machbar, ouni d'Liewensqualitéit ze vill ze beanträchtegen? Doriwwer gouf vill geschwat. Wat kënne mer verkraafte punkto Reseauen, Mobilitéit, Schoul-, Sportsinfrastrukturen an anerer? Dat si grouss Froe fir d'Zukunft.

Wuesstem, och wann e kontrolléiert ass, huet e gewëssene Käschtepunkt, dat muss ee sech ëmmer erëm virun Ae féieren. Mir kënnen definitiv net onendlech wuessen.

Ze begréissen ass, dass eng gewësse Mixitéit an de Quartieren envisagéiert gëtt. Do gouf an der Vergaangenheet bekanntlech net alles richteg gemaach. Eng gutt Mixitéit bréngt vill Virdeeler mat sech.

Prinzipiell ass et ze begréissen, fir festzehalen, wat geplangt ass, wou een hiteiere wëll, wat nach gebraucht gëtt. E grousse Merci un all déi Leit, déi um Ausfëlle vun dësem Questionnaire oder dësem État des lieux matgeschafft hunn.

Mir stéieren eis un engem Punkt, dem sougenannten Appartementsverbuet, dee fir eis kontraproduktiv ass. Deen ass awer an dësem Programm weider verankert. Och geet de Schutz vu verschiddenen Elementer eis ze wäit, wat eng zäitgeméiss Adaptatioun nëmme schwéier zouléisst.

Nodeems mer laang Jore gefuerdert hunn, dass Déifferdeng aktiv gi misst am Domän vum Logement, ass do effektiv eppes geschitt. Elo hu mer eng gutt Basis geschafen, fir am Pacte Logement 2.0 finanziell gutt ewechzekommen. Suen, déi mat dësem Pacte, mir hunn et héieren, zweckgebonne sinn, wouduerch mer nach weider an deem Beräich aktiv kënne ginn oder bleiwen.

Am Resümmee kënne mer prinzipiell mam Groussdeel vun dësem Dokument liewen. Mir stëmmen dëse Programme d'action locale logement mat, och wann ee punktuell nach hätt kënne méi prezis gi respektiv méi wäit goen. Dat ka jo nach ëmmer kommen, bei der Ëmsetzung. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, wat ass d'Zil vun esou engem Projet, wéi mer en hei virgeluecht kréien? Wat misst d'Zil a Wierklechkeet sinn a wat kréie mer hei virgeluecht?

An den Ae vun der Kommunistescher Partei misst d'Zil sinn dohin ze kommen, dass et éischtens kee Wunnengsmangel gëtt. Zweet Zil, dass et genuch bezuelbar Wunnenge gëtt. Drëtt Zil, dass d'Wunnqualitéit verbessert gëtt.

Wann ech elo dee Programme d'action do huelen, liesen ech, op d'mannst an zwee vun deenen dräi Punkten, liesen ech dat net do eraus. An ech muss soen, wat hei virgeschloe gëtt, do ass vläicht vill Aarbecht dragestach ginn, mee ech muss awer soen: Pabeier ass gedëlleg!

Well et ass jo net esou, wéi wann d'Wunnengskris, egal wat eis politesch Virstellunge sinn, méi kleng ginn ass an de leschte Joren. Mee dass se éischter nach gewuess ass, dass d'Problemer ëmmer méi grouss ginn, dass och nach vill Leit vun Déifferdeng iwwerhaapt net méi hei kënnen an der Gemeng wunnen, dass se an d'Belsch wunne ginn, a Frankräich, besonnesch vill jonk Leit. Gëtt dee Programm hei eng Äntwert dorop? Ech gesinn dat net.

Ech menge souwisou, wa mer eis just dorop fokusséieren, dass mer dann d'Saach ze kuerz gesinn. Well de Wunnengsproblem musse mer iwwer eis Gemeng eraus denken. Dee misste mer zesumme mat eisen Nopeschgemengen denken, besonnesch well mer soss iwwerhaapt kee Problem léisen, wat d'Wunnengsnout ugeet.

Et ass jo net esou, wéi wann dat elo haut géif decidéiert ginn, dass muer méi Wunnenge kéinte gebaut ginn. Et gëtt iwwerhaapt net genuch Bauaarbechter, fir méi Wunnenge bauen ze kënnen. Dat ass ee vun de grousse Problemer. A wann deen net geléist gëtt, jo, da bleift déi Wunnengsnout bestoen.

Wéi kann een do erauskommen? An den Ae vun der Kommunistescher Partei kann een nëmmen do erauskommen, wa Gemengen oder d'Gemengen zesummen eege Baugesellschafte grënnen, mat eegene Bauaarbechter. A Programmer realiséieren, nieft dem Fonds de Logement an anere Bauträger. Anescht komme mer net eraus. An d'Spekulante verdénge sech, och an den nächsten 10 an 20 Joer, domm an dämlech mam Wunnengsproblem zu Lëtzebuerg. Dorun ännert och dee Programme d'action absolutt näischt.

Et ass vläicht e gudden Usaz, verschidde Punkte kann een ënnerstëtzen, mee global ass et net zilféierend, wann een de Wunnengsproblem hei an eiser Gemeng an doriwwer eraus léise wëll.

Wunnengen, déi zu Déifferdeng eidel stinn. Dat ass eng Geschicht, déi huet an der Tëschenzäit e ganz laange Baart. Ech hat emol viru Joren hei virgeschloen am Gemengerot, et sollt e Kadaster opgestallt gi mat de Wunnengen, déi eidelstinn. Ass dat bis haut geschitt? Kennt ee vun Iech esou ee Kadaster? Ech kennen en net. Wann en do ass, weist mer en, da sinn ech zefridden. Mee dat ass net geschitt. An da gëtt lächerlecherweis vun Dateschutz geschwat. Da brauche mer keng Beméiungen ze maachen, fir de Problem zu Déifferdeng ze léisen, wann et um Dateschutz scheitere soll.

Ech hat hei als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei viru Joren eng Motioun erabruecht, fir op deene Wunnengen, déi eidelstinn, an op deem Bauterrain, deen zënter laangem net genotzt gëtt, dass do soll eng Tax agefouert ginn. Mat grousser Majoritéit ass dat deemools vum Gemengerot ofgeleent ginn.

An der Tëschenzäit steet awer am neie Programm vun dësem Schäfferot, dass dat net géif ausgeschloss ginn, mee virdru géifen awer nach Méiglechkeeten ausgeschëpft ginn. Ënner anerem ass geschwat gi vun der AIS Kordall, wat jo keng schlecht Saach ass, dass do Haiser amenagéiert ginn. Elo héieren ech, et si 50 Haiser oder 50 Wunnengen zu Déifferdeng. A wéi vill Joer dann? Da sot eis emol, a wéi vill Joer? Wéi vill sinn dat pro Joer, déi geschafe gi sinn? Dir wäert jo net mengen, dass mer de Wunnengsproblem zu Déifferdeng esou geléist kréien.

Et ass eng gutt Saach, mee et ass net dee Wee, wou ee kann derzou kommen, de Problem zu Déifferdeng ze léisen. Do misst ee vill méi wäit kucken, sech tatsächlech eng Strategie gi fir déi nächst 20 Joer. Dat do ass keng Strategie fir déi nächst 20 Joer, besonnesch, wann elo nach gesot gëtt, et misst hei an do op verschiddene Plaze gebremst ginn trotz d'Wunnengsnout. Där ass dat egal, wa mir bremsen, da gëtt se eeben nach méi grouss.

Ech weess, dass an der Vergaangenheet och net an esou eng Richtung iwwerluecht ginn ass. Well wa mer vun de Schoule schwätzen, also do sëtzen haut nach ëmmer Kanner an de Container, esou gutt ass zënter 20 Joer hei an där Gemeng geplangt ginn. Dat ass jo awer net normal. Also ech hätt mech emol fir d'éischt ëm déi Saache gekëmmert, ier ech grouss Iddie fir d'Zukunft entwéckelen, dass wierklech déi Saachen, wou d'Leit gequëtscht sinn, dass déi géife geléist ginn.

*commune décidait de construire des logements immédiatement, ceux-ci ne seraient pas disponibles avant longtemps. Il n'y a pas non plus assez de maçons.*

*Pour les communistes, la seule solution consiste en ce que les communes s'associent pour créer une société de construction avec ses propres maçons. Autrement, les spéculateurs continueront à s'enrichir au cours des dix ou vingt prochaines années. Le programme d'action local n'y changera rien. Il représente peut-être un bon point de départ, mais il ne permettra pas de résoudre la crise du logement à Differdange.*

*Ali Ruckert a demandé il y a plusieurs années de réaliser un cadastre des logements vides. S'il existe entretemps, il aimerait bien le voir. Il trouve ridicule que le collège échevinal se cache derrière l'excuse de la protection des données personnelles pour ne rien faire. Par ailleurs, il demande depuis longtemps l'introduction d'une taxe sur les logements vides. Mais sa motion a été rejetée. Entretemps, le programme du collège échevinal n'exclut plus une telle taxe, à condition qu'il n'y ait pas d'autres possibilités. L'AIS Kordall compte cinquante maisons ou appartements à Differdange. Mais en combien d'années ? Cela ne va pas résoudre le problème ! L'AISK est une bonne chose, mais il faut aller plus loin et développer une stratégie sur vingt ans. Et freiner la croissance ne va faire qu'empirer la situation.*

*Pour ce qui est de l'école, la planification a été tellement efficace au cours des vingt dernières années que des enfants fréquentent encore des conteneurs. Ce n'est pas normal. Et avant de développer de gros projets, il faudrait résoudre ces problèmes.*

*Ali Ruckert sait bien que de nombreux projets ont été réalisés dans le passé. Mais ils ne suffisent pas à répondre à la demande. Le programme d'action est loin de ce qui serait vraiment nécessaire.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *constate que la pénurie de logements constitue une évidence pas seulement à Differdange, mais dans tout le pays. Les causes sont multiples et complexes. Pendant des années, la politique n'a pas fait ce qu'il fallait faire. Cependant, elle a envie de demander à monsieur Ruckert et à monsieur Weirich si Differdange peut vraiment résoudre la crise du logement seule.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *réplique que personne n'a dit cela.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rétorque qu'il s'agit d'une simple question. La Ville de Differdange peut-elle résoudre le problème du manque de logements ?*
*Pour ce qui est des propos de monsieur Muller, la commune continue d'acquérir des terrains. Mais il faut que des terrains soient disponibles et que les prix soient acceptables. Mais ce n'est pas toujours évident. Une grande majorité des gens, qui pourrait se contenter de 100 F en demande 200 quand l'acquéreur est la commune. La bourgmestre ne peut rien y faire.*
*Le service logement a du pain sur la planche, mais il va être renforcé prochainement.*
*Il a été question du patrimoine et de la comptabilité analytique. Le collège échevinal va se lancer sur cette voie, mais il faudra du personnel. Et Christiane Brassel-Rausch sait d'ores et déjà qu'on lui reprochera des frais de personnel trop élevés lors des prochains débats budgétaires.*
*(Interruption)*
*Les frais de personnel dépassent 51 % des dépenses ordinaires. Il en sera question lors du prochain budget.*
*La bourgmestre a une question concernant la protection des données personnelles pour monsieur Ruckert et monsieur Weirich. Le collège échevinal doit-il commettre des actes illégaux parce que la protection des données n'est pas suffisamment importante ?*
*Pour ce qui est des* Breeden Dréischer, *le projet a été réalisé sur la base du Pacte logement 1.0.*
*Le collège échevinal s'engage pour une plus grande qualité de vie et*

Ech soen net, dass näischt geschitt ass an der Vergaangenheet. Et sinn eng ganz Rëtsch Projete realiséiert ginn. Mee dat entsprécht net deem, wat noutwendeg wär. Dir bleift wäit hanner deem zréck, wat noutwendeg wär. Dee Programme d'action locale logement, deen hei virgestallt gëtt, läit wäit ënner deem, wat erfuerderlech wär an der Gemeng Déifferdeng. Do bleiwe mer wäit zréck. Dofir kann ech deen net stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Erlaabt mer, mech zu e puer Punkten ze äusseren. Wou mer eis jo elo mol alleguer eens sinn, ass, dass et eng Wunnengsnout gëtt. Net nëmmen hei zu Déifferdeng, mee am ganze Land.

Ech mengen, doriwwer si mer eis eens.

Dass d'Grënn vun där Wunnengsnout komplex a villfälteg sinn, an dass déi net vun elo ass, d'Grënn dovunner, dat wësse mer. Dat heescht, do ass iwwer Joren net geschitt, wat hätt misse geschéien.

Wann ech Iech nolauschteren, virun allem dem Här Ruckert an dem Här Weirich, da froen ech: Kann Déifferdeng tatsächlech dee ganze Problem vun der Wunnengsnout léisen? Ech mengen net. Also dat ass meng Fro, déi ech un Iech stellen.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dat huet och kee behaapt!

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Nee, nee. Et ass eng Fro. Mengt Der wierklech, mir géifen elo déi ganz Nout léisen?

Dem Här Muller wollt ech soen, Här Muller, mir ginn nach ëmmer op de Wee, wat Der virgeschloen hutt, fir Terrainen opzekafen. Mir bleiwen op deem Wee, deen ageschloe gouf. Terrainen, déi mer offréiert kréien. An d'Präisser spillen natierlech do, wéi Dir et och selwer gesot hutt – do muss een dann einfach de Mënsch kucken. Mir sinn nu mol sou gestréckt, oder op jiddwer Fall eng grouss Majoritéit: Wann ee mer 200 Frang gëtt amplaz vun 100, an ech kéint mat deenen 100 zefridde sinn, firwat wëll ech der dann 200? Esou ass de Mënsch. Wat soll ech do maachen?

Wéi gesot, op deem Wee bleiwe mer, deen de virege Schäfferot ageschloen huet, a mir maachen dat och.

De Service Logement, hunn ech Iech verstanen, dass deem vill Aarbecht bevirsteet. Ech wëll Iech soen, dass deen elo schonn opgestockt gëtt. Dat heescht, dee kritt elo schonn eng Persoun bäi, fir déi Aarbecht ze meeschteren.

Dir hutt vum Patrimoine geschwat, vun der Comptabilité analytique, wou mer eis och lues a lues op de Wee maachen, fir doran ze goen.

Ech wëll Iech just soen, alleguer wéi Der hei sëtzt, mir ginn op dee Wee, mee dee Wee ass personalintensiv. Dat heescht, mir musse Leit op der Gemeng astellen, wa mer d'Gemeng esou wëllen opstellen, dass se déi zukünfteg Defien ugoe kann. Mee da kréien ech awer, weess ech, an der nächster Budgetsdiskussioun gesot, eis Personalkäschte sinn ze héich. Sot mir, wannechgelift, wat ech maache soll.

(Ënnerbriechung)

Ech hunn et dach schonn dacks gesot kritt, dass mir iwwer 51 % leien an de Personalkäschten. Majo. Dat kënnt awer an der nächster Budgetssituatioun.

Mee mir sinn, wéi gesot, amgaangen, op déi Weeër ze goen.

Elo hunn ech awer eng ganz seriö Fro un den Här Ruckert an un den Här Weirich: Dateschutz. Dat ass eng Fro. Verlaangt Dir elo vun der Gemeng Déifferdeng, vum Schäfferot, mir sollen eis an d'Illegalitéit setzen, well den Dateschutz Peanuts sinn?

An da wollt ech dem Här Weirich nach op seng Fro äntweren zu Op de breeden Dréischer, wann Der sot, Dir hutt nach keng Äntwert kritt, da ginn ech Iech se elo: Deen ass nach nom Pacte Logement 1.0 gemaach.

An dëse Gemengerot, dee jo elo nach ee Joer wäert do sinn, huet sech fir eng Verbesserung vun der Liewensqualitéit entscheet. A seng Entscheedungen, och wat de Wunnengsbau oder wat de Logement ugeet, elo an deem Sënn ze huelen an deem nächste Joer, wat eis bleift.

Wann Der d'Wale gewannt, kënnt Der et jo aneschters maachen.

Här Muller, wou ech Iech ganz Recht ginn: d'Zuelen. Mee déi kommen an där Convention de mise en oeuvre, déi mer am September wäerte virstellen. Do kommen déi méi detailléiert Chifferen dran.

Här Meisch, natierlech kann de PAL komplettéiert ginn, wann eis aner Iddie kommen. Dat steet net fest do, dat ass jo eng Saach an Evolutioun. Wa mir elo fannen, dass eppes méi wichteg ass, kënne mer et drasetzen.

An da wollt ech dem Här Weirich – an dann halen ech op – direkt eng Äntwert ginn: Op Säit 21 steet am Champ d'action Logement d'urgence an der Kategorie 1, Champ d'action Prochaines étapes/Liste de potentiels: Création de logement d'urgence/transitoires, Kategorie 1.

Dat ass op jiddwer Fall eng Prioritéit vum Schäfferot. An ech kann Iech soen, mir haten eng Reunioun geplangt, déi annuléiert ginn ass, wou mer um Wee sinn. Mir hunn d'Presentatioun awer scho gesinn, déi véier Schäfferéit vum Kordall, dass mer eis zesummesetzen, fir zesumme Logement-d'urgencen oder Logements transitoires ze fannen. Dat ass eppes, wat an der Maach ass.

Här Weirich an den Här Ruckert. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Wann Der erlaabt. Merci. Vu dass ech elo e puermol ugeschwat gi si vun Iech. Merci fir d'Äntwerten. Ech ginn nach eemol op e puer Punkten an.

Logements d'urgence. Virdrun, a menger éischter Interventioun, hat ech gesot, ech weess net, ob ech et vläicht iwwersinn hunn oder net. Ech si ganz erfreet iwwert dat, wat Der elo sot, dass dat an Ugrëff geholl gëtt mat den anere Kordall-Gemengen. Dat ass eng super Saach.

Liewensqualitéit, dat ass jo e bëssen esou Är Aart a Weis fir ze definéieren, dass mer eng Brems aleeën, wat d'Entwécklung oder de Wuesstem, Ausbau vum Logement ugeet. Ech mengen, dat bäisst sech net mat neiem Wunnraum schafen. Zemools, wann ee seet, no banne verdichten, bestoende Wunnraum entwéckelen, deen eidel steet, dat ass net onbedéngt eppes, wat sech d'office ausschléisst.

Op de breeden Dréischer 2: De PAP stoung am Avis vun der Cellule d'évaluation, oder mir goufe quasi opgefuerdert, ënner dem Pacte Logement 1.0 – do gëtt et och Bäihëllefen, gouf et schonn deemools, si genau esou héich wéi haut – do goufe mir quasi opgefuerdert, fir Gebrauch ze maachen, fir, ech soe lo, 10 % oder 15 %, abordabel Wunnengen ze schafen. Fir déi als Gemeng Déifferdeng opzekafen.

An dat hu mer net gemaach. Dat heescht, d'Bäihëllefen hunn net geännert, just de Pourcentage huet geännert, wou de Promoteur muss abordabele Wunnraum schafen. Et ass schued, dass mer déi Geleeënheet verpasst hunn, fir déi staatlech Bäihëllefen auszenotzen an eise Parc immobilier auszebauen.

Dateschutz. Natierlech wëll ech net, dass mer géint den Dateschutz verstoussen. Dat hunn ech jo och net gesot. Ech hu gesot, d'Problematik ass bekannt, den Dateschutz steet eis ëmmer am Wee, fir de Leerstand festzestellen, dat hu mer schonn x-mol beschwat.

Et hunn awer Gemengen et hikritt – dat hunn ech och virdru gesot –, wéi Biekerech. Wéi si et gemaach hunn, weess ech och elo net genau. Mee meng Opfuerderung war e bëssen, an eisem Rôle als Virbildgemeng, Virbildfunktioun wat de Logement ugeet, dass mir do eng proaktiv Roll anhuelen a kucken, dat e bësse virunzedreiwen um nationalen Niveau.

Iwwert de Syvicol oder iwwert d'Inneministesch – ech mengen, déi huet jo och en oppent Ouer dofir, déi stellt am Hierscht hir Reform vun der Grondsteier vir, fir vläicht iwwert dee Wee d'Taxen ze erhiewen. Dat war meng Opfuerderung, dass mir do eng proak-

*prendra des décisions dans ce sens. Si monsieur Weirich gagne les élections, il pourra agir différemment.*
*Les chiffres qu'a demandés monsieur Muller seront présentés en septembre.*
*Le PAL pourra évoluer au fil du temps et des idées. Il pourra être complété par des éléments importants.*
*La liste de potentielles créations de logements d'urgence figure à la page 21. Il s'agit d'une priorité du collège échevinal. Même si une première réunion a dû être annulée, les quatre collèges échevinaux du Kordall vont se réunir pour trouver des logements d'urgence ou des logements transitoires.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *remercie madame Brassel-Rausch pour les réponses, mais il souhaite revenir sur certains points.*
*Au sujet des logements d'urgence, il avait dit tout à l'heure qu'il n'avait peut-être pas vu le texte s'y rapportant. En tout cas, il est content du partenariat entre les communes du Kordall.*
*Le collège échevinal associe la qualité de vie au ralentissement de la croissance. Or pour Eric Weirich, les deux ne s'excluent pas — surtout si l'on développe les terrains vagues.*
*En ce qui concerne* Op de breeden Dréischer 2 *, la Cellule d'évaluation avait demandé au collège échevinal de profiter des subventions dans le cadre du Pacte logement 1.0 pour acquérir 10 % ou 15 % des logements. Or la commune ne l'a pas fait. C'est dommage, car les subventions n'ont pas changé entre le Pacte logement 1.0 et le Pacte logement 2.0.*
*Eric Weirich ne demande pas que le collège échevinal enfreigne la loi sur la protection des données personnelles. Il connait bien le problème. Mais d'autres communes ont réussi à obtenir une liste des logements inhabités. Eric Weirich voudrait que Differdange fasse office de modèle sur le plan national. La ministre de l'Intérieur va réformer l'impôt foncier. Peut-être pourrait-on en profiter pour introduire une taxe sur les logements vides. La Ville de Differdange doit se montrer plus proactive. Eric Weirich*

*mentionne les ruines vis-à-vis de l'école de musique et dans la rue Michel-Rodange. Il faut des taxes qui fassent vraiment mal.*
*Madame Brassel-Rausch a raison de dire que Differdange ne peut pas résoudre un problème qui dure depuis trente, quarante ou cinquante ans. Mais l'idée du Pacte logement 2.0, c'est que les 102 communes du Luxembourg fassent le maximum face à la crise du logement. Or pour Eric Weirich, Differdange ne fait pas le maximum. Peu importe l'impact des mesures. La troisième ville du pays a la responsabilité de mobiliser des logements. Elle ne fait pas tout ce qu'elle pourrait faire.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *ne demande absolument pas à la commune d'enfreindre la loi sur la protection des données personnelles. Cependant, il existe d'autres moyens pour découvrir quels logements sont inhabités et à qui ils appartiennent.*
*L'AIS Kordall, par exemple, s'occupe de logements vides. Elle doit bien avoir contacté les gens d'une manière ou d'une autre. Il est question de centaines d'appartements.*
*La ministre de l'Intérieur veut introduire un impôt sur la spéculation pour les maisons inhabitées et les terrains vagues. Elle doit donc bien savoir à qui ces biens appartiennent. Le collège échevinal ferait bien de mettre la pression, car 400 appartements, ce n'est pas rien.*
*En outre, Ali Ruckert demande un cadastre depuis des années, alors qu'il n'était pas encore question de protection des données. On lui a répondu que techniquement, c'était trop compliqué. Aujourd'hui, c'est la protection des données. Demain, ce sera autre chose. C'est regrettable.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux membres effectifs et suppléants de la commission de surveillance Beim Goldknapp, où la commune dispose de trois lits.*

tiv Roll anhuelen an e bëssen dreiwen als drëttgréisst Gemeng aus dem Land. Fir endlech déi Taxen anzeféieren op Leerstand. Wou all Mënsch dovunner schwätzt, wou parteiiwwergräifend Konsens war, dass dat net ka sinn, dass Wunnraum eidel steet.

Et steet och an deem Schreiwes, wat Der eis geschéckt hat, Schandflecke vis-à-vis vun der Museksschoul, bei mir ënnen an der Strooss, an der Michel Rodange, wou eidel steet, wou eis d'Hänn gebonne sinn. Dann hätte mer op d'mannst een Outil. An dat muss esou gestalt ginn, dass dat richteg wéi deet, déi Taxen. Et kann net sinn, dass Wunnraum einfach eidel steet. Ech mengen, do si mer eis all eens.

Leschte Punkt, Dir sot Déifferdeng eleng kann d'Wunnengsproblematik net léisen an och net déi Saach elo richtbéien, déi an de leschten 30, 40, 50 Joer verpasst gouf. Halen ech gutt. Mee den Opruff, oder d'Iddi vum Pacte Logement 2.0, dass 102 Gemenge de Maximum maachen, fir der Logementskris entgéintzewierken, an dat war e bëssen, ech soe lo, Kritik entre guillemets oder mäi Standpunkt, dass mir als Gemeng Déifferdeng net de Maximum maachen, dee mer kéinten, fir der Logementskris entgéintzewierken. Egal ob dat elo e risegen Impakt huet oder net op d'Logementskris.

Mee ech mengen, als drëttgréisst Gemeng am Land hu mer nach méi eng grouss Verantwortung wéi vläicht aner Gemengen, fir esou vill Wunnraum ze mobiliséieren, ze schafen, wéi mer nëmme kënnen. Dat ass mäi Standpunkt. Mir kënnen et net eleng. Mee ech mengen, mir hunn eng Verantwortung, an där gi mer net ganz gerecht. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, et géif mer natierlech net am Dram afalen, d'Gemeng opzefuerderen, géint den Dateschutz ze verstoussen oder sech an d'Illegalitéit ze setzen. Ech muss awer soen, et gëtt Méiglechkeeten, verschidde Saachen ze ëmgoen an erauszefannen, wat fir Wunnengen eidel stinn a wiem se gehéieren.

D'AIS Kordall zum Beispill, déi këmmert sech jo och ëm Wunnengen, déi eidel stinn. Déi ass jo op iergendengem Wee derzou komm, entweeder, dass se kontaktéiert gëtt oder dass si Leit kontaktéiert huet, dass Wunnengen eidel stoungen.aAlso do ass jo schonn eppes erfollegt, wann och nëmmen an engem klenge Mooss. Mer schwätzen awer hei vun Honnerte vu Wunnengen.

Wann ech richteg informéiert sinn, wëllt d'Madamm Inneminister eng Spekulatiounssteier aféieren, déi se awer net esou nenne wëllt, well se sech schummt dervir. Op Haiser, déi eidel stinn an op Bauplazen, déi zënter laangem net genotzt ginn. A wann esou eng Steier agefouert gëtt, da muss ee jo och wëssen, wiem dat gehéiert. Also gëtt et scho Méiglechkeeten. Et muss ee sech just drëm këmmeren a vläicht e bësse méi Drock derhanner maachen. Well wa mer vu 400 Wunnenge schwätzen, dat ass jo awer net näischt zu Déifferdeng.

Wéi gesot, ech géif elo näischt soen, wann ech dee Problem net scho viru Joren opgeworf hätt, och fir e Kadaster ze maachen. Deemools ass kee mat Dateschutz komm. Do ass gesot ginn, et ass technesch ze kompliz éiert an hei an do. Elo ass et den Dateschutz. Wat et muer ass, weess ech net, dat gesi mer dann. Mee op alle Fall geschitt näischt oder ganz wéineg an deem Beräich. An dat ass, wat ze bedaueren ass.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Ech denken, mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui, 1 voix non et 1 abstention d'approuver le programme d'action local logement (PAL) en vue de la réalisation des objectifs du Pacte logement 2.0.*

Merci. Dann ass et un Iech, Här Mangen, fir iwwert d'Membres effectifs an de Suppleant an der Commission de surveillance vum „Beim Goldknapp" ze beriichten. Wou mir jo dräi Better hunn als Gemeng.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Eemol am Joer ass eng Assemblée générale, un där een Delegéierte vun der Gemeng deelhëlt. D'Madamm Buergermeeschter huet et grad gesot, mer stellen dräi Better zur Verfügung, fir Leit ënnerzekréien. Et ass awer d'Associatioun selwer, déi dat bestëmmt. Dat hate mer jo hei och scho besprach. Mir géife virschloen, datt d'Madamm Ceman Emina aus dem Service Senior dohinnergeet an ech als responsabele Schäffen. Wann Der domadder averstane wäert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer zur Ofstëmmung kommen, wann et keng weider Wuertmeldung dozou gëtt.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la désignation d'un membre effectif et suppléant au sein de la commission de surveillance de la maison de séjour et de soins Beim Goldknapp.*

Villmools merci. Da komme mer elo zum Bautereglement, wou mer vum Ministère e Retour kritt hunn. Nach eng Kéier, just fir et kloerzestellen: Am Prinzip gëllen dës Reegele just fir déi nei gebauten Elementer. Et si Recommandatioune vum Ministère de l'Intérieur, déi mir bereet sinn ëmzesetzen. Et si Modifikatiounen an eng Recommandatioun. Bei enger Recommandatioun bleiwe mer bei eiser Positioun.

Dat eent ass PMR-gerecht, déi hu mer integral esou ugeholl, gesitt Der, giel ënnerstrach am Text.

Prévention d'incendies hu mer erageholl, hu mer manner restriktiv gemaach. Mir hunn de Saz formuléiert: „L'avis et les recommandations du CGDIS fait partie intégrante de l'autorisation de construire."

Et ass manner restriktiv. Mir hate jo gesot, dat wier eng Konditioun. Mir hunn et elo manner restriktiv gemaach.

Par konter, wou mir awer als Gemeng oder als Schäfferot derbäi bleiwen a wou mer frou wären, wann Der dat géift matstëmmen, elo geet ëm d'Chambres meublées, ëm d'Fro vun der Gréisst vum Zëmmer. Dat ass an eise Servicer laang a breet diskutéiert ginn. Groussen Zäitopwand, groussen Energieopwand. An do ass festgehale ginn, genau dat, wat an eisem Bautereglement steet. Dat heescht d'Ministesch definéiert eng Mindestzuel vu Quadratmeter. Awer mir bleiwe bei eise strenge Krittären, bei de Quadratmeter, déi mir an eisem Bautereglement hunn.

Eisem Jurist no gëtt et an deem Sënn keng konkreet Jurisprudenz heizou. Dat ass elo dat, wat mir Iech proposéieren. Merci.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Deen ee Punkt hutt Der erklärt, dee vum CGDIS. Ass dat elo d'office? Dat ass meng Fro un Iech, ob dat bei all Projet ass. Oder ass dat nëmmen, wann de Service jugéiert, dass et fir e Projet wichteg wär? Oder muss bei all Autorisatioun d'Analys gemaach ginn?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Bei neie Projeten ass et jo souwisou.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir hu jo immens vill Chambres meublées. Vu dass mer keng Residenze méi kënne bauen, probéieren d'Leit elo, op d'Chambre-meubléeën ze goen, fir

**ROBERT MANGEN (CSV)** *explique qu'un délégué de Differdange participe à l'assemblée générale annuelle. Le collège échevinal propose madame Emina Ceman pour accompagner Robert Mangen.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au règlement des bâtisses. Le ministère de l'Intérieur a envoyé ses recommandations. La bourgmestre explique qu'en principe, ces règles ne valent que pour les nouvelles bâtisses.*
*La recommandation concernant les personnes à mobilité réduite a été retenue dans son intégralité.*
*La recommandation concernant la prévention d'incendies a été reformulée pour être moins restrictive.*
*En revanche, le collège échevinal n'est pas d'accord pour ce qui est de la taille des chambres meublées. Comme prévu par le règlement des bâtisses, la ministre définit un nombre minimal de mètres carrés pour ces chambres. Le collège échevinal tient cependant à maintenir des critères plus sévères. D'après le juriste, il n'existe pas de jurisprudence.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *revient sur la question du CGDIS. Il se demande si une analyse doit être faite pour tous les projets ou uniquement pour ceux que le service juge nécessaires.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il s'agit des nouveaux projets.*
*Differdange compte de nombreuses chambres meublées. Comme les maisons unifamiliales ne peuvent plus être remplacées par des résidences, les gens essaient de gagner de l'argent avec les chambres.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *soutient la position du collège échevinal concernant les chambres meublées. Il s'agit d'améliorer la qualité de vie des locataires et de promouvoir l'hygiène.*
*Erny Muller constate cependant que pour le ministère, il existe bel et bien une jurisprudence. Dans le cadre d'une affaire, le tribunal administratif a décidé le 29 septembre 2010 que le règlement national de-*

*vait être appliqué. Cela figure à la page 2 de l'avis. Erny Muller cite le passage en question.*
*Le juriste de la commune voit les choses différemment. Mais Erny Muller tenait à souligner ce point. Il faut éviter une situation de conflit dans laquelle on reprocherait à la commune de ne pas s'être tenue à la règlementation.*
*Pour ce qui est de la conformité PMR, la commune va se tenir à la règlementation nationale. Mais qu'ont fait les autres communes ? Car certaines mesures semblent exigeantes. À titre d'exemple, un immeuble de six à neuf appartements doit contenir un logement PMR.*
*Le promoteur va donc devoir construire un tel logement, mais il ne pourra jamais le vendre. Erny Muller comprend que l'on prévoie des appartements PMR à la location dans de grands immeubles. Mais un appartement PMR sur six, cela lui semble être beaucoup. La commission des bâtisses est-elle censée vérifier si tous les projets comprennent des appartements PMR ? Cela signifie qu'elle ne donnera pas son feu vert si ce n'est pas le cas.*
*Erny Muller répète que cette approche est restrictive. Il n'est pas contraire à la création de tels logements, mais il ne faut pas exagérer. En revanche, il comprend que l'on aménage des places de stationnement PMR et des ascenseurs pour les visiteurs.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *s'associe à ce que dit monsieur Muller concernant les chambres meublées et les cohabitations. Une commune ne peut pas réguler localement quelque chose qui est déjà règlementé au niveau national. Le règlement des bâtisses est contraire à la législation existante. Or le collège échevinal veut maintenir un minimum de 15 m² et une salle de bains par chambre. Le conseil communal ne peut pas approuver un point contraire à la loi.*
*Par ailleurs, le collège échevinal a chargé un bureau externe d'élaborer le règlement des bâtisses. Or trois points sont contraires à la loi. C'est tout de même étonnant. La commune a payé un bureau d'ex-*

Suen ze verdéngen. A bei engem Ëmbau oder esou gëtt elo en Avis vum CGDIS gefrot.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Okay. Dat ass déi Saach.

Dir hutt elo just d'Chambres meublées erwäänt. Mir si selbstverständlech och d'accord, mir hate jo och déi Initiativ matgedroen, dass mer dat net esou restriktiv maachen, wéi d'Reglementatioun um nationale Plang dat virgesäit, mee méi eng gewësse Liewensqualitéit an Hygiène do materabréngen. Dat ass jo hei mat dran.

Mee elo schreiwe si awer hei, contrairement zu deem, wat eisen Affekot seet, dass do schonn eng Jurisprudenz awer géif bestoen duerch den Tribunal administratif, deen an enger gewëssener Fro tranchéiert hat. An do wär d'Règlement national unzewenden. Dat ass op der zweeter Säit vun hirem Avis, ieweschten Abschnitt: „Or, dès lors que la matière se trouve ainsi déjà réglementée à l'échelon national, elle échappe à la compétence de la commune, qui ne peut plus intervenir à cet égard (Tribunal administratif, 29 septembre 2010)".

Dir hutt Iech bei eisem Jurist ofgeséchert, mee dat ass d'Prise de position vum Intérieur. Ech wëll dat nëmme just soen. Net dass mer herno an eng Konfliktsituatioun kommen, dass sech net dru gehale géif.

Zu der PMR-Konformitéit, Accessibilité PMR. Et ass selbstverständlech, wann et eng Prozedur, oder esou eng Reglementatioun um nationale Plang gëtt, mir hunn déi elo komplett iwwerholl. Ech hat d'Fro gestallt: Hunn och déi aner Gemengen dat gemaach? Well do si Saachen dran, déi mir e bëssen exigent, fir et emol einfach esou ze nennen, virkommen.

Do steet, pro Immeuble vu sechs bis néng Logementer, misst ee Logement als PMR komplett ausgefëllt ginn. Do steet alles am Detail. Mee wat mécht dann de Promoteur? Dee baut dann esou een Appartement, wann dat do steet, da verkeeft en dat net méi. Well et muss jo awer och eng Demande do sinn. Ech kann nach verstoen, wann ee vill Appartementer baut, dass een dann och PMR-gerecht Appartementer virgesäit, fir d'Locatioun an der Haaptsaach, well dat jo wichteg ass. De Client wär frou, esou eppes ze kréien. Mee fir d'office virzeschreiwen, fir esou ze bauen, also ech mengen, bei sechs ee PMR, dat schéngt mir e bëssen exigent. Bon, et ass eeben e Reglement. Mir hunn et elo awer hei an eisem Bautereglement.

Dat heescht, mir kucken elo all Projet – ech sinn an der Bautekommissioun, dofir steet dat mer e bësse méi no –, am Detail: Ass e PMR do virgesinn? Jo? Okay. Dann autoriséiere mer, gi mer Feu vert. Ass dat net de Fall, jo, da musst Der dat maachen. Da gi mer kee Feu vert.

Also ech weess net, mir schéngt dat e bësse restriktiv ze sinn, wëll ech just soen. Ech sinn awer net dergéint, dass esou Logementer och matageplangt gi bei neie Projeten. Mee dat hei dat geet wäit. Well da muss nämlech bei all weider zéng Appartementer och erëm nach ee PMR sinn. Dat ass jo net nëmme fir d'Visiteuren, dat ass jo fir déi Leit, déi sollen do wunnen. Dass elo an de Parking-souterraine Plaze sinn oder Lifter an esou amenagéiert ginn, dat verstinn ech nach ganz gär. Well et si jo och PMR-Persounen, déi op Visitt komme bei Leit an esou weider. Mee dass mer awer elo esou ganz restriktiv ginn, dat huet mech e bësse gewonnert. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech schléisse mech dem Här Muller un, wat de Punkt mat de Chambres meublées oder WGen ugeet. Et steet effektiv op der zweeter Säit am éischten Artikel, dass eng Jurisprudenz besteet op nationalem Niveau. Dat heescht, wann eppes national gereegelt ass, kann eng Gemeng net nach zousätzlech lokal reegelen.

An am éischte Saz vum Abschnitt ënnendrënner, op der zweeter Säit, steet

eist Bautereglement ass contraire à la législation existante. Et steet schwaarz op wäiss. A mir soen, mir halen eis Reglementatioun awer bäi mat 15 Meterkaree an engem Buedzëmmer pro Zëmmer an esou weider an esou fort. Ech mengen, dat muss nach eng Kéier intern nogekuckt ginn. Mir kënnen dat hei jo net stëmmen, wann do schwaarz op wäiss steet, dass et géint d'Gesetz verstéisst. Dat war mäin éischte Punkt.

A mäin zweete Punkt: Mir hunn en externe Büro heimat beoptraagt a bezuelt, fir eis ze begleeden, fir d'Bautereglement auszeschaffen. Mir hunn op dräi Theemen, op dräi Reprisen, dat heescht déi Kolocatiounsgeschicht, wat mer grad ugeschwat hunn, déi PMR-Geschicht a CGDIS, wou mer dräimol géint d'Gesetz verstoussen, d'Bautereglement dräimol géint d'Gesetz verstéisst. Dat wonnert mech, fir et mol harmlos auszedrécken, dass mer Experte mat u Bord geholl hunn, déi mer deier bezuelen, an dass mer awer dann dräimol géint d'Gesetz verstoussen an eisem Bautereglement.

Meng Fro ass: Hu mir bezuelt fir d'Iwwerschaffe vum Bautereglement oder net? Dat wär interessant ze wëssen. Et ka jo net sinn, dass mer eng zweete Kéier bezuelen, well d'Experten net gesinn hunn, dass eist Bautereglement géint Gesetz verstéisst. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech muss dat nofroen. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Chambre-meubléeën, dat muss effektiv gekläert ginn. Ech denken, et ass awer wichteg. Déi néng Meterkaree, déi vun der Regierung, vum Staat virgi ginn, ass wierklech wéineg. An ech denken, wéi mer och elo virdru beim PAL an hei an do soen, ass eis d'Liewensqualitéit vun eisen Awunner awer wichteg. An dofir musse mer kucken, wéi eng Léisung do fonnt ka ginn.

Wat dat ganzt Kapitel vun der Accessibilitéit ugeet, dat begréisse mer, déi Modifikatiounen. Behënnert ass een net, behënnert gëtt een, zum Beispill doduerch, wann d'Ramebedéngungen esou sinn, an dësem Fall eebe gebaut sinn, datt d'Leit duerch e gewëssenen Ëmstand net méi iwwerall hikommen. Dat ass net nëmme fir Leit, déi mat der Mobilitéit ageschränkt sinn, och fir kleng Kanner, eeler Leit, Leit mat Poussetten a sou weider. Dofir ass dat Kapitel immens wichteg.

Effektiv kann ee sech d'Fro stellen: Muss dee Prozentsaz si vu PMR-gerechte Wunnengen a gréissere Wunnresidenzen? Sechs bis néng respektiv zéng, da si mer scho bei 16 Appartementer. Dat ass schonn net méi eppes Klenges. D'Fro kann ee sech stellen, ob do net awer dat da virgi gi kann.

Natierlech bei Gemeinschaftsraim Parkingen, Trapen, Dieren, Gank, Pentë vu Weeër an esou weider, ass wichteg, datt opgepasst gëtt, datt jiddweree sech iwwerall ouni Problem deplacéiere kann, souwuel dobanne wéi dobaussen.

An natierlech mussen dës Virgaben, wéi am Dokument virgesinn, och zielen, wann eppes gebaut gëtt, wou duerno Leit schaffen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Mir haten d'Bautereglement am leschte Gemengerot gestëmmt. Elo läit den Avis vum Ministère de l'Intérieur vir. Et ass drop higewise ginn, dass d'Kapitel iwwert d'Accessibilitéit fir Personnes à mobilité réduite do dra gehéiert. Ech fannen et schued, dass et net vun der Firma virdru schonn dra war. Mee elo ass et bäigesat ginn, allerdéngs intégralement iwwerholl vun deem, wat am Fong geholl vum Staat hier proposéiert gëtt.

Doranner fënnt ee Reegelen, déi mussen erfëllt ginn, fir d'Sécherheet an d'Beweegungsfräiheet am Rollstull ze garantéieren, sief dat innerhalb engem Appartement, de Parties communes, Accès a Garage oder Lift etc. Déi Reegelen, déi am Text detailléiert sinn, gëlle fir all d'Gebaier, wou méi wéi 20 Leit

*perts pour réaliser un règlement contraire à la loi. Ce bureau a-t-il été payé ? La commune ne peut tout de même pas payer une deuxième somme parce que les experts n'avaient pas remarqué que leur texte était contraire à la loi.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *estime qu'il faut clarifier la mesure concernant les chambres meublées. Car neuf mètres carrés comme demandés par le gouvernement, c'est peu. Pour la commune, la qualité de vie des habitants est importante. Il faut donc trouver une solution.*
*Jerry Hartung salue les modifications concernant l'accessibilité. Les situations de handicap surviennent parce que les conditions ne permettent pas aux gens de se rendre où ils veulent. Cela peut aussi concerner les enfants, les personnes âgées ou les gens avec des poussettes.*
*Pour ce qui est du nombre d'appartements accessibles par résidence, il est question d'un tel appartement pour six à neuf appartements, puis d'un appartement PMR tous les dix appartements. Or une résidence de 16 appartements n'est pas petite. Par ailleurs, chacun doit pouvoir se déplacer librement dans les locaux communs, le parking, les escaliers… Les mêmes règles doivent valoir pour les locaux professionnels.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *constate que pour le ministère de l'Intérieur, la question de l'accessibilité doit figurer dans le règlement des bâtisses. Elle se demande pourquoi le bureau d'experts n'avait pas inclus ce chapitre dès le départ. Il s'agit de garantir que l'on puisse se déplacer librement en fauteuil roulant dans un appartement ou dans les parties communes. Les règles valent pour les bâtisses où travaillent plus de vingt personnes, pour les parties communes, pour les logements des nouvelles résidences et pour les résidences subissant des transformations importantes.*
*Le nombre d'appartements pour personnes à mobilité réduite est fixé à un appartement dans les résidences de six à neuf appartements et ensuite, d'un appartement PMR par tranche de dix. Il faut réfléchir*

*à la question pour éviter de se retrouver avec des appartements vides. Nicole Wohl ne sait pas comment est la situation sur le terrain. Le ministère de l'Intérieur baisse la surface minimale des chambres meublées à neuf mètres carrés. Le conseil communal préconise 15 m². Il faut éviter que les locataires ne se retrouvent dans des boites à sardines. Cependant, il faut s'assurer que le règlement des bâtisses sera légal.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*répond que selon le juriste de la commune, le règlement communal n'est pas contraire aux critères minimaux de salubrité. La Ville de Differdange ne fait qu'aller plus loin. Et il n'existe pas de jurisprudence.*
*Christiane Brassel-Rausch propose au conseil communal d'adopter le texte tel qu'il est.*
*Elle cède la parole à monsieur Krecké.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)**
*n'est pas un expert du règlement des bâtisses, mais il tient à faire quelques remarques.*
*Premièrement, il est faux de dire que le règlement des bâtisses comprend trois illégalités.*
*Un règlement grand-ducal de décembre 2019 fixe la surface minimale des chambres meublées. Mais le règlement ne dit pas qu'il est interdit d'être plus sévère. En revanche, un promoteur peut clairement prendre des mesures juridiques si la commune l'oblige à construire une chambre de 15 m² ou 30 m². Si le tribunal lui donne raison, le passage en question du règlement des bâtisses ne serait plus valide.*
*Le conseil communal doit se demander s'il veut mettre en place des critères plus qualitatifs et prendre le risque que la commune soit trainée en justice.*
*Henri Krecké a lu plusieurs fois l'article 34 concernant les logements pour personnes à mobilité réduite et il n'a pas tout compris. Mais il croit comprendre qu'une commune peut déroger au règlement pour diverses raisons urbanistiques, architecturales, etc. Car il est inutile d'aménager un apparte-*

schaffen, fir d'Parties communes vu Gebaier mat minimum sechs Logementer a fir d'Logementer, déi fir PMR geduecht sinn, an zwar fir all Neibau oder wann ee bestoend Gebai fir eppes aneschters genotzt gëtt oder wa gréisser Transformatiounen an engem bestoende Gebai gemaach ginn oder wann dat Gebai vergréissert gëtt.

Bei all Appartementshaus tëschent sechs an néng Appartementer muss een Appartement deene Krittären entspriechen. Fir all Tranche vun zéng zousätzlechen Appartementer dann e weidert. Genee wéi den Här Muller, hunn ech mer d'Fro gestallt gehat: Wéi vill där Logementer hu mer herno a brauche mer se all? Dat ass d'Fro.

Ech mengen, et ass gutt, dass dat soll berécksiichtegt ginn, awer et ass och esou, dass et schued wär, wa mer der herno eidel hätten, wéi een et heiansdo an Hoteller huet, dass ee last minute e Logement fir d'PMR kritt, well déi nämlech déi sinn, déi ëmmer eidel stinn an déi net gebraucht ginn. Mee ech hu selwer awer keng Anung, wéi et um Terrain ausgesäit, ob dat Sënn mécht oder ob ee vläicht do eng Kontroll huet oder dat nach eng Kéier adaptéiert.

Wat de CGDIS ubelaangt, do ass d'Buergermeeschtesch schonn drop agaangen, dat soen ech elo net nach eng Kéier.

Fir de Rescht ass et de Ministère de l'Intérieur, deen eng Mindestgréisst vun enger Chambre louée op néng Meterkaree erofsetzt. Mir haten d'leschte Kéier hei am Gemengerot 15 Meterkaree gestëmmt, aus deene Grënn, déi eis bekannt sinn. Ech perséinlech fannen, dass néng Meterkaree wierklech wéineg ass, oder ze wéineg ass, wa mer nei bauen an esou kleng Kanéngerchersställ bauen. Dat ass net dat, wat ech deelen. Allerdéngs hunn ech och Bedenke par rapport zu deem, wat dann elo legal ass a wéi mer domadder ëmginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Chambres meublées. Op Säit 1, am Avis vum Ministère steet: „Par tranche entamée de 3 chambres meublées et non meublé, une cuisine/salle à manger de 10 m² minimum est obligatoire."

An eisem Jurist no – ech hunn dat elo nach eng Kéier nogefrot –, eisem Jurist no verstéisst deen Text, dee mir proposéieren, net géint den Text vun de Mindestsalubritéitskrittären, déi an deem Text definéiert sinn. Mir ginn einfach doriwwer eraus. Mir sinn einfach méi streng. An et gëtt an deem Sënn, wéi gesot, keng Jurisprudenz dozou.

Dofir hu mer Iech proposéiert, en esou ze adaptéieren, wéi mir et fir gutt fannen a fir Déifferdeng richteg fannen. Et geet jo net ëm eis!

Den Här Krecké freet d'Wuert.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ech soen zwou, dräi Saachen. Woubäi ech mech selwer ni am Bautereglement bei eis am Haus ageschafft hunn. Ech kann awer net grad am Raum stoe loossen, dass mer dräi absolutt Illegalitéiten an enger Reglementsbasis hätten. Eis national Legislatioun an deem Ganzen ass e wéineg méi verwurrelt an duerchwuess wéi, datt et sech nëmmen op d'Déifferdenger Hoheitsgebiet géif bezéien.

Déi Saach mat de Meubléeën ass ganz einfach: Et gëtt effektiv en 2019er Règlement grand-ducal, dee Mindestvirschrëfte virgesäit, déi ganz kloer sinn. Déi een och kann noliesen. Dat ass ee Règlement grand-ducal aus dem Dezember 2019. Et steet awer net an deem Règlement grand-ducal, dass et mordikus verbueden ass, et e wéineg méi streng auszeleeën.

Kloer ass, dass wa mir engem Promoteur déi 35 Meterkaree oder 15 Meterkaree Kummer géifen obligéieren, da kann en natierlech dogéint virgoen.

A wann dann ee Verwaltungsgeriicht him Rechnung dréit an him Recht gëtt, dann zielt de Règlement grand-ducal ganz kloer. Dann ass dee Passus an eisem Bautereglement net applikabel. De Rescht awer vum Bautereglement.

Et ass elo déi Kärfro, reng politescher Aart, ze soen: Wëll ech déi qualitativ méi Krittären drasetzen? Mat der Hoffnung, dass de Gros vun de Bauwierker

deem Rechnung wäert droen an net all Mënsch mat eis wäert streiden. Mee dat ass ee Risiko, deen do ass. Dat muss een einfach esou gesinn, wéi et ass. Wann dann ee wëllt streiden an e kritt Recht, dann ass et ausser Kraaft, da spillt de Règlement grand-ducal. Oder wëll ech awer als Gemeng méi Qualitéit dran an ech loossen et drop ukommen? Dat ass d'Fro.

Zu deem aneren: Ech hunn dat elo dräimol gelies, ech muss éierlech soen, déi Convention type vum Staat, also déi Partie vun de PMRen, déi ass wéi se ass. Si gesäit mir och äusserst fett opgedroen aus. Ech hunn den Artikel 34 elo dräimol gelies an ech hunn déi Derogatioun hannen dräimol gelies, ech hunn nach ëmmer net honnertprozenteg verstanen.

Ech verstinn et awer esou, dass ech kann als Gemeng derogéieren. Wann elo ee Projet mat iwwer sechs Wunnenge kéim, wou absolutt net an där Spannweite ass, fir PMR dran ze hunn, aus méi Ursaachen – dat kënnen urban, architektonesch, dat kënne vill Ursaache sinn –, dass derogéiert ka ginn. Dass et elo net an den Zenario soll goen, dass mathematesch all sechst Unité logement muss PMR sinn. Well dee Besoin ass jo eigentlech och reell net do.

Mir hu jo als Stad Déifferdeng an deem engen oder anere PAP ganz encadréiert Wunnengen, ee ganze Block, wou 100 % PMR sinn. Mir hunn et am Gravity, wou PMRen dra sinn. Iwwerall strateegesch PMRen ze setzen, dat kanns de jo awer elo net iwwerall dran hunn, well et net ëmmer méiglech ass.

An ech hunn den Artikel 49 esou verstanen, dass – den Artikel 34 bezitt sech op e Règlement grand-ducal, deen ech awer elo net dra fonnt hunn. Et ass fir mech e wéineg komesch opgebaut, déi Convention type vum Staat, deen Deel, dee mer do eriwwergezunn hunn. Mee ech gesinn, dass et dérogeable ass. Ech hunn dat esou gelies. Mee et ass schwéier Lektür, dat Ganzt.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech muss dem Här Krecké Recht ginn, ech hunn dat och esou gesinn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mee dat ass awer, ech wëll net grad soen à la tête du client, mee wéini derogéiere mer? Wéini derogéiere mer net? Wéini bleiwe mer stuer? Ech si genau Ärer Meenung, ech hat dat jo virdrun och gesot, dass dat do ze wäit geet. Zemools op deem Niveau, wéi mir elo wëllen hei an der Stadentwécklung eis do aschalten, a wéi Der richteg gesot hutt, komplett Gebaier maachen, déi méi dediéiert si fir Personnes à mobilité réduite oder anerer, wou gemëschte Wunnméiglechkeete sinn, wou dat och dran ass.

An dann hu mer awer bestëmmt och Residenzen op Plazen, wou dat absolutt net gefrot ass. An da kritt deejéinegen, deen do baut, Problemer, fir dat dann herno ze verkafen. A wou rechne mer dann déi Käschten? Déi rechne mer deenen anere mat drop? An eis Präisser ginn erëm méi héich herno.

Et ass méiglech ze derogéieren. Ech war e bëssen erféiert, wéi ech dat op eemol am Bautereglement esou erëmfonnt hunn. Mee bon, wa mer et e bësse méi flexibel interpretéieren, da geet et. Mee da musse mer dat awer och maachen. Wa mer et awer à la lettre applizéieren, hunn ech grouss Problemer.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Wichteg ass, et ass jo en neit Bautereglement, dass een dat zu all Moment, wa mer gesinn, wéi d'Ufroe sinn, kann änneren a modifizéieren. Wollt ech nach eng Kéier gesot hunn.

Här Liesch an dann den Här Weirich.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech weess net, ob mer net einfach en Denkfeeler maachen. Mir schreiwen an d'Bautereglement jo just dran, dass pro esou vill Unitéiten eng Wunneng esou

*ment PMR par tranche de six appartements si le besoin n'est pas réel. En outre, la commune dispose de blocs d'appartements 100 % PMR.*
*Henri Krecké répète qu'il n'est pas toujours possible de construire des appartements PMR.*
*Il trouve par ailleurs que la convention type de l'État est bizarre. Il s'agit d'une lecture difficile, mais la commune a la possibilité de déroger au règlement.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *donne raison à monsieur Krecké, mais il ne faut pas non plus prendre les décisions à la tête du client. Dans quelles situations la commune doit-elle demander une dérogation et dans quelles situations doit-elle être intraitable ?*
*Pour Erny Muller, le règlement va trop loin. La commune a construit des bâtiments entiers adaptés aux personnes à mobilité réduite. Mais dans certains cas, de tels appartements ne sont pas requis. On forcera donc le promoteur à construire des appartements qu'il ne pourra pas vendre. Cela entrainera une augmentation du prix des autres appartements.*
*Erny Muller a pris peur quand il a lu l'article en question dans le règlement des bâtisses. Mais si la commune en fait une interprétation flexible, il peut être d'accord.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le règlement des bâtisses peut être modifié si le besoin s'en présentait.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *croit reconnaitre une erreur de réflexion. Un appartement PMR ne doit pas forcément être vendu ou loué à une personne à mobilité réduite. Certes, de tels appartements sont plus chers, mais le surplus ne va pas du simple au double.*

*Georges Liesch compare ces appartements aux places de stationnement pour personnes à mobilité réduite. On ne sait pas exactement où se trouvent les besoins, mais il est certain que la commune n'en a pas assez.*
*De toute façon, Georges Liesch ne connait pas d'appartements construits d'office pour les PMR, mais uniquement des appartements transformés par la suite. Differdange a donc du retard en la matière.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *revient sur la question des colocations. C'est-à-dire sur la question des chambres meublées de 15 m² avec une salle de bains par chambre et une salle à manger par 3 unités. Pour le conseiller communal, l'analyse du ministère de l'Intérieur est claire. Le règlement des bâtisses ne respecte pas la loi. Le ministère cite par ailleurs une jurisprudence. La question est réglée au plan national.*
*Eric Weirich concorde avec monsieur Krecké sur le fait qu'une commune devrait pouvoir fixer des règles renforçant la qualité des logements. Car ce que prévoit la commune est plus restrictif pour le promoteur ou la personne souhaitant mettre une chambre meublée en location.*
*Mais le ministère de l'Intérieur suggère qu'il faut enlever l'article 30 du chapitre sur la colocation, car il est contraire à la loi de 2019. Eric Weirich propose de reporter le vote jusqu'à ce que le conseil communal dispose d'un avis écrit du juriste de la commune. Car ce que dit le ministère de l'Intérieur semble clair.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *rappelle que le ministère n'a fait que remettre un avis et que la commune ne doit pas nécessairement s'y tenir.*
*Il signale en outre que le conseil communal a approuvé le règlement des bâtisses lors de la dernière séance du conseil communal. Si ce point est reporté à septembre, toutes les personnes attendant une approbation sur la base du nouveau règlement devront patienter. Or, ces gens ne peuvent rien à cette affaire. Tous les dossiers concernés*

muss gebaut ginn. Dat heescht nach net, dass ee se net duerno däerf verkafen a verlounen un een, dee se net onbedéngt brauch.

An de Surplus, wat ass de Surplus vun enger Wunneng? Dat ass net de simple ou double. Natierlech mussen d'Diere méi breet sinn an esou weider, natierlech sinn et Käschten, déi méi héich sinn, mee et ass awer och, wéi den Här Hartung gesot huet, wann ee weess, ech komme vläicht an de Fall, dann ass dat vläicht awer interessant.

Et ass e bësse vergläichbar mat de Parkingen à mobilité réduite, déi mer maachen. Mir wëssen net ëmmer genau, wou d'Besoine sinn, mee Fakt ass awer sécher, dass mer hei an der Gemeng der bestëmmt net genuch hunn, am Moment.

Dat heescht, mir hunn Nachholbedarf. Dat hutt Dir jo och gesot, Här Muller, dat ass jo bis elo nach ni gemaach ginn. Ech kenne kaum Wunnengen, déi dat d' office esou haten, dass se esou gebaut goufen. Ech kenne just Wunnengen, déi deier ëmgebaut goufen, well een aus der Famill op eemol am Fall war. An den Nachholbedarf, dee mer hunn, rechtfäerdegt awer schonn, dass mer op dëse Wee hei ginn, bis mer do en Equiliber fonnt hunn. Am Moment gesinn ech den Equiliber ganz sécher op der Säit, dass mer net genuch där Wunnengen hunn.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Weirich, wannechgelift.

### ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Ech kommen zréck op déi Kolocatiounen. Fir mech ass dat relativ kloer. Dir hat elo zitéiert, de leschten Artikel op der éischter Säit, dee geet u mat: „Je constate que". Mee do widderhëlt den Interieur just, wat mir an eisem Bautereglement stoen hunn, dat mat de 15 Meterkaree, mat engem Buedzëmmer pro Zëmmer an déi Geschicht mat den Iesszëmmer pro dräi Unitéiten. Fir mech ännert dat näischt wierklech un hirer Ausso, hirer Analys.

Dat sinn déi zwee Artikelen op der zweeter Säit. Si soen, dass eis Bestëmmunge géint d'Gesetz verstoussen. Si zitéieren déi Jurisprudenz, déi et gëtt. A wou se soen, wann eppes national gereegelt ass, da kënne mir dat net nach eng Kéier lokal reegelen.

Ech sinn och beim Här Krecké, et ass effektiv komesch, dass wann een als Gemeng seet: Mir soen net néng Meterkaree, mee 15 Meterkaree, dass een eppes méi Grousses virgesäit oder méi Qualitéit entre guillemets, oder wéi een et och dréie wëll, dass een dat net dierf.

Well wann een de Point de vue vum Promoteur kuckt oder vun deem, dee säin Haus wëll an d'Chambre meublée ëmwandelen, dann ass et effektiv, wat mir hei virgesinn hunn an eisem Bautereglement, méi restriktiv. Ech mengen, et ass esou, wéi den Intérieur dat gemengt huet. Ausschlaggeebend ass fir mech dee klenge Saz: „Je suggère pourtant …", wou si virschloen, dass den Artikel 30, deen d'ganz Kolocatioune reegelt, soll aus dem Bautereglement gestrach ginn, well en eebe géint d'Gesetz vun 2019 verstéisst.

Ech sinn e bëssen onwuel, fir dat elo ze stëmmen. Ech géif éischter proposéieren, dat do zréckzestellen, eis en Avis sichen ze goe vun eisem Jurist, dee virleien ze hunn, ier mer dat heite stëmmen. Fir mech ass dat juristesch relativ kloer, wat den Intérieur seet a mir stëmmen eppes, wat deem widdersprécht. Merci.

### GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Just nach reng verwaltungstechnesch. Vill Iwwerleeunge si wuel richteg, déi ee politesch trëfft. Elo kéint ee soen, wéi geet ee bei deene Meubléeën elo do vir. Et ass jo een Avis vun der Ministesch. Et muss ee jo soen, et ass jo näischt, wat bindend ass. Et ass een Avis aus dem Intérieur.

Mir hate jo eng Decisioun geholl. Mir kéinten d'Réglement des bâtisses, wéi et d'leschte Kéier am Gemengerot war, einfach nach eng Kéier … Wa mer elo kee Vote geholl hätten, dann hätte mer et einfach esou ugeholl a mir hätten et exekutéiert a mir hätten den Avis si gelooss. Mee mir sinn eeben an de Gemengerot komm, well mer nach Enregistrementer hunn.

Fir awer erëm zréckzekommen. Wa mer elo näischt maachen a waarden elo bis de September, dann hänke mer eng ganz Partie Leit, déi op der neier Reglementsmouture op eng Geneemegung waarden, an den Nirwana. An dat ass net ganz gutt.

Déi kënne jo net dofir, dass mir elo nach mussen u Schrauwen dréien, déi mer och solle vläicht maachen. Et sinn awer Dossieren, déi waarden drop, dass eist neit Bautereglement applikabel ass, fir kënnen eng Baugeneemegung ze kréien. An déi setze mer dann alleguerte mat an de Suspens. An dat ass och erëm mat Stress vun der Wunnengsnout, och net déi glécklechst Situatioun. Dat just gesot.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech denken, mir stellen en esou zum Vott an da kucke mer.

*Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 1 abstention d'approuver le nouveau règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites.*

Villmools merci. Am Punkt 10) geet et ëm d'Règlements temporaires de circulation. Ech géif d'Wuert direkt un den Här Paul De Sousa ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, wéi üblech hu mer eng ganz Rei temporär Verkéiersreglementer, zum Beispill Demolitiounsaarbechten, Steeën, Emplacementer fir Bennen, Toiletten, reservéiert Emplacementer op der Voie publique, ass erëm alles dobäi.

Op véier Punkte ginn ech e bësse méi am Detail an. Eist Liblingsreglement „Um Bock", do ass eng klengt Changement. Vu datt elo keng Schoul ass, hu mer déi Plaz ewechgeholl, wou een 30 Minutte ka stoe bleiwe mat Disc an der Rue Boettelchen. Ënnen an der Rue de la Gare hale mer nach virleefeg, vu datt do d'Maison relais ass.

An der Rue du Stade Jungers, do hat den Här Bertinelli am leschte Gemengerot interveneiert, do hate mir scho festgehalen, datt d'Leit no 18 Auer do parke kënnen. Mir hunn en Double sens virgesinn, datt d'Camionen net duerch déi ganz Cité fueren, fir d'Aarbechte beim AS-Terrain ze maachen.

Dat Reglement leeft bis zum Schluss vun dësem Mount, wann de Congé collectif ugeet. Nom Congé collectif ass dat selwecht Reglement. Dat geet bis Mee d'nächst Joer. Ech mengen, et kënnt awer nach eng Ënnerbriechung am Dezember. Wa mer méi Zuelen hunn iwwert déi ganz Reglementer, hu mer opgepasst mam Congé collectif, datt déi, déi froen u bis September, an do maache mir awer elo e Cut, fir do opzepassen.

Um Thillebierg hu mer d'Emplacementer gespaart fir den Nomadic Island, deen haut uleeft, bis de 7. August. Ech profitéieren dovunner, fir e bësse Reklamm ze maachen. Nomadic Island ass en nohaltege Konschtprojet, deen eelef Kënschtler an iwwer honnert lokal Leit iwwert dës Period zesummebréngt. Dës kleng Gemeinschaft wäert kënschtleresch Konzepter ëm d'Theema vun alternative Liewens- an Aarbechtsmethoden ëmzesetzen. Haut den Owend ass, mengen ech, en Event um 19 Auer. Et geet bis de 7. August. Op eiser Internetsäit fannt Der dee ganze Programm.

Op Nidderkuer. Leschte Freideg ass d'Kiermes opgaangen. Wéinst Aarbechten am Meederchersgebai ass se dëst Joer um Parking beim Rond-point. Am Haff vum Jongegebai ginn d'Camionen an d'Remorquë vun der Kiermes ofgestallt. Um Parking an der Pierre Gansen sinn e puer Plaze reservéiert, Kiss&Go, wéi och beim Meederchersgebai.

Vu datt de Chantier beim Meederchersgebai ugeet, sinn Installations de chantier an Déviation des piétons virgesinn. Den Haff ass ganz grouss, an de Congé collectif geet awer un. Ech mengen, si hu schonn e puer Saachen do stoen, déi da geschützt musse ginn.

*vont se retrouver en suspens, ce qui n'est pas une bonne chose compte tenu du manque de logements. (Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux règlements temporaires de circulation.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *constate qu'une grande partie des règlements concernent des travaux de démolition, des échafaudages, des bennes, des toilettes…*
*Un changement a été apporté au règlement concernant Um Bock. Comme il n'y a pas d'école, l'emplacement permettant de se garer trente minutes dans la rue Boettelchen est supprimé. Celui dans la rue de la Gare est conservé à cause de la maison relais.*
*Dans la rue du Stade-Jungers, il est possible de stationner à partir de 18 h. Un double sens permet aux camions de ne pas circuler dans le quartier pendant les travaux du parc Terrain AS. Le règlement vaut jusqu'au congé collectif et reprendra à la fin de celui-ci.*
*Les emplacements du Thillenberg sont bloqués jusqu'au 7 aout en raison de Nomadic Island. Il s'agit d'un projet artistique regroupant 11 artistes et plus de 100 résidents réalisant des œuvres concernant les méthodes de vie et de travail. L'évènement commencera ce soir à 19 h et durera jusqu'au 7 aout. Le programme se trouve sur le site internet.*
*La kermesse de Niederkorn a ouvert vendredi dernier. Elle se trouve sur le parking près du rondpoint. Les camions et les remorques stationneront dans la cour de l'École des garçons. Plusieurs places sont réservées pour le kiss & go pour l'École des filles. Comme les travaux vont commencer dans l'École des filles, des déviations pour les piétons sont nécessaires.*
*Les deux emplacements pour PMR ont été déplacés dans la rue Theis.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *se dit étonné que ses remarques de la dernière séances aient été prises en considération concernant le chantier du 49, rue de Hussigny et dans le parc Terrain AS. C'est une bonne chose pour les habitants et pour le chantier.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale qu'il n'y a pas de changements au sein des commissions.*
*Elle passe à une motion de monsieur Weirich.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *explique que déi Lénk a entrepris une démarche dans les conseils communaux où ils sont représentés. Il s'agit de demander aux non-Luxembourgeois de participer aux prochaines élections. Il rappelle que le 15 juillet la clause exigeant 5 ans de résidence a été supprimée. La commune propose d'organiser des campagnes et d'envoyer des lettres personnalisées, ce qui est une bonne chose. Eric Weirich propose de retirer la motion.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *va céder la parole à monsieur Aguiar pour qu'il explique ce que la commune a entrepris dans ce domaine lors des dernières élections. En tout cas, la Ville de Differdange s'est montrée proactive.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *constate que la commission d'intégration est très active. Six mois avant les élections, la Ville de Differdange mettra en place un groupe de travail qui aura pour mission de promouvoir le vote des étrangers en recourant à des multiplicateurs qui passeront le mot.*

Beim Rond-point déi zwou PMR-Parkplazen hu mer an d'Rue Theis deplacéiert. Dat war d'Demande.

Déi Haaptpunkte sinn ech duerchgaangen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech hu mer déi Reglementer natierlech ugekuckt, wéi all Sitzung. Ech kann zu mengem Erstaunen oder zur Verbesserung feststellen, dass déi Verbesserungsvirschléi, déi ech an der leschter Sitzung bruecht hat, dass d'Foussgänger berécksiichtegt misse ginn am Chantier 49, Rue de Hussigny a beim AS-Terrain, dass déi Reglementer ugepasst ginn nom Congé collectif. Dass dat an deenen neie Reglementer elo berécksiichtegt ginn ass. Dat freet mech, besonnesch fir déi Leit, déi do wunnen a fir hir Sécherheet, déi mat deene Chantiere musse liewen. De Rescht ass fir mech okay. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Merci. Da si mer bei de Changements commissions. Vu kenger Partei hunn ech eppes erakritt. Da si mer beim Punkt 12, dat ass d'Motioun vum Här Weirich am Numm vun déi Lénk, déi hien eraginn huet. Här Weirich, ech wollt froen: Bleift Der bei Ärer Motioun? Haalt Der se weider oprecht?

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Just zwee, dräi Wierder dozou. Et ass eng Mini-Demarche, déi mer gemaach hunn an de Gemengeréit, wou mer vertruede sinn als déi Lénk. Den Text ass zentral entstanen am Kader vun de Gemengewalen. Fir elo schonn aktiv ze ginn, fir d'Netlëtzebuerger opzefuerderen, sech d'nächst Joer fir d'Gemengewalen anzeschreiwen. Och virum Hannergrond, dass d'Residenzklausel vu fënnef Joer sollt ofgeschaaft gi respektiv, nodeems ech d'Motioun agescheckt hunn, mëttlerweil dann ofgeschaaft gouf.

De 15. Juli ass d'Gesetz gestëmmt ginn. An ech krut och mëttlerweil d'Informatioun, dass souwisou Campagnen a Lettres personnalisées an alles, wat mer eeben an der Motioun drastoen haten a virgeschloen hunn, souwisou gemaach gëtt. Wat eis natierlech freet.

Ceci dit, géif ech d'Motioun vum Ordre du jour huelen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech villmools Merci, Här Weirich. Ech géif dem Här Aguiar awer d'Wuert ginn, well mer eis jo virbereet hunn, fir Iech d'Erklärungen ze ginn, wéi mer déi Jore virdru schonn an de Waljore funktionéiert hunn, an dass Déifferdeng do relativ proaktiv war, wat eis auslännesch Matbierger ugeet, fir déi mat an d'politescht Ëmfeld ze zéien, souwuel als Wieler wéi als Kandidat.

Ech géif dem Här Aguiar dann dofir d'Wuert ginn, fir och de Leit dobaussen an dem ganze Gemengerot d'Informatiounen ze ginn.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madame la Bourgmestre, la commission consultative d'intégration est très active dans ce sens-là.

Les élections, minimum six mois à l'avance, on met énormément d'actions, on met en place un groupe de travail, on est vraiment sur les différents endroits en train de faire cette campagne de sensibilisation, respective-

ment on met en place des multiplicateurs qui justement peuvent aller vis-à-vis de « Bierger », mais aussi les différentes communautés, pour vraiment passer la parole.

J'ai tout ici, après ici, Monsieur Weirich, si vous voulez toutes les actions qu'on a fait, en 2017 on a vraiment fait une très grande campagne. Vous pouvez également voir quelles sont les différentes actions qu'on met en place et on serait bien évidemment ouvert à toute proposition. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Ech ka just soen – Är Demande, dass Der d'Motioun wëllt maachen, ass jo virum Gesetz erakomm. D'Gesetz ass jo elo gestëmmt an déi fënnef Joer Residenzklausel sinn opgehuewen. Dat heescht zum jëtzegen Zäitpunkt sinn hei an der Gemeng 9.784 Persounen ugeschriwwe ginn. Déi ënner dat neit Gesetz falen, déi walberechtegt sinn.

Mir komme sécher nach op dat Theema zréck. Mee d'Gemeng Déifferdeng brauch sech an deem Punkt wierklech net ze verstoppen. Mir sinn do. Vläicht erënnert Der Iech nach un d'Zelter 2017 op der Maartplaz, wou d'Leit ugeschwat gi si mat Carte d'identité an esou virun an esou weider, wou se d'Ziedelen direkt ausfëlle konnten.

Ech soen Iech Merci. Dat war de leschte Punkt vun eiser Séance publique fir dës Rentrée, fir an der Sprooch vun der Schoul ze schwätzen. Mir géifen an d'Séance non-publique goen. Villmools merci fir Är Mataarbecht a bis dann am September. Merci.

*En 2017, la commune a lancé une grande campagne. Paulo Aguiar peut fournir une liste à monsieur Weirich. Le collège échevinal est ouvert à toute proposition.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*rappelle à son tour que la clause exigeant cinq ans de résidence a été supprimée. Actuellement, 9784 personnes sont concernées à Differdange.*
*La bourgmestre signale qu'en 2017, les gens avaient été abordés sur la place du Marché et pouvaient s'inscrire tout de suite.*
*Christiane Brassel-Rausch clôture la séance publique et passe à la séance à huis clos.*



## YOGA, PILATES, QI GONG, CAPOEIRA ET BEAUCOUP PLUS

La Ville de Differdange organise à nouveau des activités en plein air tous les dimanches en juillet, août et septembre de 10 h 30 à 11 h 30 dans les parcs de Differdange.

Les activités sont gratuits et fonctionnent sans inscription.

Les activités seront annulées par temps de forte pluie ou d'orage.

# ATTENTION AUX BRANCHES SÈCHES

Soyez vigilants !

Les gens qui cherchent à se rafraîchir dans la forêt doivent être prudents. Les arbres sont affectés par la sécheresse persistante. Les branches deviennent cassantes et se brisent. Il suffit d'un peu de vent pour qu'elles tombent au sol.

Ce sont surtout les hêtres qui sont touchés. Les visiteurs de la forêt doivent donc être prudents et ne pas se reposer sous les arbres.

Notre garde forestier et son équipe essaient de sécuriser la forêt dans la mesure du possible. Néanmoins, les visiteurs de la forêt doivent être particulièrement vigilants.



# PRIMES POUR LES ÉTUDIANTS DE L'ENSEIGNEMENT SUPÉRIEUR

**Les montants**

Les primes se présentent comme suit :

- 200 € sur présentation du certificat CEDIES attestant l'accord d'une bourse étatique (l'éventuelle cumulation d'une année universitaire sans réussite et dès lors injustifiée y étant déjà prise en considération) ;
- 500 € sur présentation d'un diplôme niveau BTS/Bachelor ;
- 600 € sur présentation d'un diplôme niveau Master.


**Les conditions**

- L'étudiant doit soumettre une copie du relevé de notes avec la demande ;
- Les candidatures pour la prime 2022-2023 doivent être soumises entre le 1er janvier et le 31 décembre 2023, c'est-à-dire pendant l'année académique, en utilisant le formulaire en ligne ;
- Toute demande incomplète ne sera pas retenue et le dossier ne sera pas préservé. Une nouvelle demande devra être introduite. Toute demande remise hors délai sera refusée d'office.

# SERVICE KRANK KANNER DOHEEM

FEMMES EN DETRESSE


SERVICE KRANK KANNER DOHEEM








**BETREIUNG VU KRANKE KANNER DOHEEM**
**GARDE D'ENFANTS MALADES À DOMICILE**
**BETREUUNG VON KRANKEN KINDERN ZU HAUSE**




**TEL.: 48 07 79**
**WWW.SKKD.LU**
INSCRIPTION EN LIGNE



FEMMES EN DÉTRESSE

Le Service « Krank Kanner Doheem » est financé par la participation des parents, des dons et par une convention entre Femmes en Détresse a.s.b.l. et le Ministère de l'Egalité entre les femmes et les hommes.




Kiwanis
ESCH-SUR-ALZETTE